

Kuerz & knapp.

SPIERKEL №1-24

BËSCH

En Ausfluch mam
Fierschter

SCOUTEN

De Benevolat
am Wandel

BUDGET 2024

Les investissements
passés et projets futurs

MÉDIATION

Des ponts au-dessus
des clôtures

■ BIELES ■ EILERENG ■ SUESSEM ■ ZOLWER





MAGAZIN.

- 6 Service de Médiation**
Faciliter l'approche des solutions conciliatrices
- 10 De Benevolat am Wandel**
Gespréich mat de Scouten aus der Gemeng
- 17 Dillendapp**
Ski Kolonie im Montafon
- 18 Budget 2024**
« Tout est réalisé en interne »
- 24 Ënnerwee mam Fierschter**
Nohalteg Bëschnotzung a Privathänn



INFORMATIIONSBLAT.

- 29 Sitzung 17.11.2023**
- 43 Sitzung 27.11.2023**
- 67 Sitzung 01.12.2023**

kuerz & knapp.

SPIERKEL №1·24

**GEMENG SUESSEM**

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1
 mail@suessem.lu **www.suessem.lu**
 fb/gemengsuessem **instagram/gemengsuessem**

IMPRESSUM

Redaktioun, Konzeptioun & Fotoen

Service des Relations publiques et de la CultureStéckzuel **7.800 Exemplairen****Bieles, Februar 2024**



L

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Dat lescht Joer gouf vum Familljeministère ee vun eise Projeten ze-réckbehalen, duerch deen aus Suessem eng vun den éischten demenzfrëndleche Gemenge gëtt. Mir hate schonn Informatiounsowender a Formatiounen, an elo proposéiere mer en integrative Concert fir betrafte Mënschen an hir Léifsten, den 3. Mäerz 2024 am Artikuss.

Dëse Liddernomëtteg mat Klassiker, déi de Georges Urwald a Form vu Medleyen nei arrangéiert huet, ass nëmmen ee vun de Projete vun der Asbl Momenter intensiv liewen. Si huet sech zum Zil gesat, duerch Konscht a Musek Brécken ze bauen an de Leit ze erméigleche mateneen a Kontakt ze trieden, fir dass keent aus der Gesellschaft ausgeschloss gëtt.

Apropos Brécken: Wann déi an Ärer direkter Noperschaft riskéieren an de Koup ze falen, kënnt dir lech als Bierger-in gratis bei eisem Service de Médiation mellen. Op den nächste Säiten erkläert eis Beroderin, wéi ee Problemer am Beräich *Voisinage* léise kann, ier se eskaléieren. Freed mécht och d'Lektür vum Gespréich mat eise Guiden a Scouten, déi sech all Dag staark dofir maachen, fir d'Benevolat um Liewen ze halen.

A vläicht staunt der och nach esou richteg an dësem *kuerz&knapp*: Eise Fierschter Claude Assel behaupt nämlech, dass vill Leit net wëssen, dass si e Stéck Bësch besëtzen. Nodeems ech de Virwëtz elo genuch gekëddelt hunn, wënschen ech lech vill Spaass beim Entdecken.

Är Buergermeeschtesch / Votre bourgmestre,
Simone Asselborn-Bintz

F

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

L'année passée, le ministère de la Famille a choisi d'appuyer l'un de nos projets qui vise à faire de Sanem une des premières communes *demenzfrëndlech*, donc accueillante pour les personnes atteintes de démence. Après nos séances d'information et de formation, nous proposons un concert intégratif pour les personnes concernées et leurs proches le 3 mars 2024 à l'Artikuss.

Cette après-midi musicale, où des classiques revisités par l'habile Georges Urwald prennent la forme de *medleys*, ne constitue qu'un des nombreux projets de l'asbl Momenter intensiv liewen. Son objectif est de construire des ponts et de créer des espaces de rencontre à travers l'art et la musique.

À propos de ponts: si jamais des conflits dans votre voisinage proche menacent de s'aggraver, sachez que vous pouvez recourir gratuitement à notre Service de Médiation. Sur les pages suivantes, notre conseillère vous dévoile des stratégies pour résoudre les querelles avant qu'elles ne prennent des proportions démesurées. Vous trouverez également une lecture enrichissante dans la conversation avec nos guides et scouts qui œuvrent au quotidien pour préserver l'esprit bénévole.

Peut-être que l'information suivante vous étonnera: notre forestier Claude Assel prétend que bien des gens ignorent qu'ils-elles sont propriétaires d'une partie de la forêt. Après avoir piqué votre curiosité, je vous souhaite d'agréables découvertes.

FLOW MUSIC FESTIVAL.

19. – 21.07.24
Park um Belval



WANTERFEELING.

08. – 10.11.24
Suessemer Schlass



Stay tuned!



GEMEINSAM



BON A SAVOIR

Magazin

OUSCHTEREERSICH.

31.03.24

Suessemer Schlass



SAN'UP.

09.05.24

Kannercampus
+ Park um Belval



**VIROWEND
NATIONALFEIERDAG.**

22.06.24 / KUSS



« MA RAISON D'ÊTRE EST DE SIMPLIFIER LA COMMUNICATION. »

On peut considérer son voisinage comme une extension de la famille. L'harmonie entre voisin·e·s est essentielle, faute de quoi les années de cohabitation peuvent devenir éprouvantes. C'est ici qu'intervient la médiatrice Astrid Glod pour faciliter l'approche des solutions conciliatrices.

Au sein de la Commune de Sanem, 35 à 40 situations requièrent annuellement l'intervention de la médiation. Ce service gratuit et confidentiel, offert aux résident·e·s, vise à préserver la qualité de vie et la paix communale. Astrid Glod, collaborant avec 28 communes sur les affaires de voisinage, observe une tendance à l'égoïsme croissant, surtout post-Covid : « Le respect et la compréhension mutuels ont diminué », dit-elle. Et les émotions s'exacerbent rapidement entre voisin·e·s. Difficile alors de trouver un consensus quand il s'agit de nuisances sonores, d'odeurs désagréables ou de verdure envahissante.

Médiatrice agréée depuis 23 ans avec des acquis dans le domaine de la psychologie, Astrid déconstruit d'emblée un stéréotype : il n'est pas nécessaire d'avoir des compétences juridiques pour exceller en médiation. La formation est désormais un master de quatre ans proposé à l'Université du Luxembourg. « Ma raison d'être est de simplifier la communication », explique Astrid. « Les gens nous contactent par téléphone ou courriel pour fixer un rendez-vous, bien que de plus en plus rarement en personne. Après validation, je transmets leur différend par lettre au voisin ou à la voisine. La simple présence de l'en-tête municipal sur le courrier a déjà un grand impact. 85 % des cas sont ainsi résolus, si les voisins sont réceptifs, sans qu'une véritable médiation ait eu lieu. »

Si les choses vont plus loin vers une médiation formelle, conformément à la loi sur la

médiation, Astrid va proposer un accord préalable signé par toutes les parties avant de commencer. Dans le cas d'un accord final, celui-ci est signé par les résident·e·s impliquée·s. Une fois homologué par le tribunal d'arrondissement, cet accord a force exécutoire. En cas de non-respect, le·la huissier·ère peut être sollicitée. Le Collège des bourgmestre et échevin·e·s ne sont informé·e·s que de manière générale des catégories de cas traités annuellement et l'anonymat est préservé.

Environ 15% des affaires présentent une complexité accrue. Astrid relate son cas le plus ardu, étalé sur trois générations pour un litige portant sur une parcelle de 30 cm de largeur. « On aurait peut-être pu y planter deux poireaux au maximum », se rappelle-t-elle. Les problèmes de bruit figurent parmi les plaintes les plus fréquentes, exacerbés par les structures simples des anciennes maisons, une problématique retrouvée également dans les appartements modernes. « Les bruits émis par les appareils comme les pompes à chaleur peuvent également devenir une source de litige, selon leur emplacement par rapport à la maison voisine. Et les aboiements de chiens constituent également une préoccupation. Certains de ces pauvres animaux sont seuls toute la journée, et clament leur délaissement par des aboiements excessifs ». L'élevage de poules ou la possession de ruches – très en vogue – ajoutent également au potentiel conflictuel.

Parfois, une médiation ne débouche pas sur un accord. « On le sent bien lorsque les discussions tournent en rond. Une médiation dure normalement une heure et demie. Après cela, les gens sont généralement fatigués ou la discussion recommence de zéro », raconte Astrid. Dans ce cas, il y a lieu de

donner un temps de réflexion aux parties et fixer un deuxième rendez-vous. En cas d'impasse, elle conseille alors d'autres voies de résolution, comme le recours à un·e avocat·e, bien que cela implique des coûts et des délais supplémentaires. La Commune de Sanem prend en charge les frais de médiation, mais tout ce qui excède relève de la responsabilité individuelle.

Il ne faut pas en arriver là. « Mon conseil est : parlez d'abord entre voisins avant de contacter la médiation. Car les gens ne font généralement même pas cette simple démarche initiale. Mais il faut rester calme, ne pas monter le ton et ne pas balancer des accusations. » Pour des litiges hors du cadre voisinage, d'autres ressources sont disponibles, comme le Médiateur de la Consommation pour les conflits propriétaires-locataires, ou l'Ombudsman pour les griefs relatifs à l'administration communale. En cas de conflits familiaux, le Centre de Médiation en ville offre son assistance. Tous ces services sont accessibles gratuitement.




— ASTRID GLOD.



Lëtzebuergesch Versioun
SUESSEMJETAIEME.LU/MEDIATIOUN

LES SUBTILITÉS JURIDIQUES DU VIVRE ENSEMBLE.

Le bruit.



LA MUSIQUE, UNE PASSION QUI FRANCHIT LES LIMITES

Un passionné de musique a formé un groupe de rock et décidé de répéter dans son garage tard le soir, souvent après 22h00. Les murs du garage, peu isolés, laissent passer chaque note et chaque cri. Les voisin·e·s, d'abord indulgents, commencent à se plaindre car leur repos nocturne est constamment interrompu.

Selon l'Article III.3 du Règlement général de Police de la Commune de Sanem, le niveau sonore ne doit pas dépasser 30 dB(A) la nuit, ce qui équivaut une conversation à voix basse. Pour comprendre l'impact de cette réglementation, le musicien doit mesurer le niveau sonore de sa musique. Si le volume dépasse la limite autorisée, il risque des sanctions selon les articles 561 et 562 du Code Pénal.

LES TRAVAUX MATINAUX, UN RÉVEIL INATTENDU POUR LES RIVERAINS

Une entreprise débute des travaux de construction. Ceux-ci commencent dès 6h00 du matin, une heure où la plupart des habitant·e·s dorment encore. Le bruit des machines, des marteaux-piqueurs et des camions résonne dans les rues, réveillant brutalement les résident·e·s.

Selon l'Art. III.12 du Règlement, les travaux bruyants à proximité des écoles ou des hôpitaux nécessitent une autorisation spécifique de la bourgmestre, notamment pour prévenir les nuisances sonores. L'entreprise n'ayant pas obtenu cette autorisation se trouve en infraction. Ce cas illustre l'importance de planifier les travaux en respectant les horaires et les procédures légales pour minimiser l'impact sur la vie quotidienne des habitant·e·s.

ENTRE DROIT À L'ANIMAL DE COMPAGNIE ET RESPECT DU VOISINAGE

Une résidente aimant les animaux, possède plusieurs chiens dans sa maison. Bien que ses intentions soient bonnes, les aboiements nocturnes de ses chiens deviennent un problème pour ses voisin·e·s. Des plaintes sont déposées, invoquant des perturbations du sommeil et du stress.

L'Art. III.14 impose aux propriétaires d'animaux de prendre toutes les mesures nécessaires pour éviter que leurs animaux ne perturbent la tranquillité publique. Il faut donc trouver une solution, comme une formation comportementale pour les chiens ou un aménagement adapté dans le jardin pour réduire les aboiements la nuit.

Éviter les nuisances sonores liées aux animaux domestiques

FORMATION COMPORTEMENTALE

Travailler avec un·e dresseur·euse de chiens ou comportementaliste animalier·ère pour enseigner aux animaux à aboyer moins ou à des moments appropriés.

ROUTINES RÉGULIÈRES

Établir des routines pour les animaux domestiques, car celles-ci peuvent réduire l'anxiété et, par conséquent, les aboiements.

EXERCICE ET STIMULATION

Assurer que les animaux ont suffisamment d'exercice physique et de stimulation mentale pour éviter l'ennui et l'anxiété, qui peuvent conduire à des aboiements excessifs.

ISOLATION ACOUSTIQUE

Aménager l'espace de vie des animaux avec des matériaux absorbant le son pour réduire la transmission du bruit.





Les limites de la propriété.

LES ARBRES ANCIENS, UN HÉRITAGE NATUREL À PRÉSERVER

Une habitante possède un grand jardin avec plusieurs arbres majestueux. Ces arbres, plantés il y a plus de dix ans, font maintenant partie intégrante du paysage. Bien qu'ils dépassent la hauteur réglementaire et soient relativement proches de la limite de propriété, ils sont protégés par la prescription décennale, comme stipulé dans l'article 671 du Code civil.

Ce cas illustre la complexité des règles de plantation et la manière dont le passé et le présent se rencontrent dans la gestion de la propriété. Les arbres, tout en étant en infraction avec la loi actuelle, sont maintenus grâce à leur ancienneté et leur valeur pour le paysage et l'écosystème local.

QUAND LA HAIE DÉBORDE

Un jardinier amateur a récemment planté une haie le long de la limite de sa propriété. Avec le temps, celle-ci a atteint une hauteur de 3 mètres, dépassant largement les 2 mètres autorisés par l'article 671 du Code civil. Son voisin, dont la vue est désormais obstruée par cette haie, se sent lésé. Il faut donc repositionner ou réduire la haie pour respecter la réglementation et maintenir de bonnes relations avec le voisin. Un dialogue constructif peut aider à résoudre de tels conflits.

LE CONFLIT SOUTERRAIN DES RACINES ENVAHISSANTES

Une personne a planté un arbre à proximité de la limite de sa propriété. Avec le temps, les racines de cet arbre se sont étendues dans le jardin de sa voisine, causant des dommages à la pelouse et aux installations. La voisine, après avoir constaté les dégâts, décide d'agir. Selon le Code civil, elle a le droit de couper les racines qui empiètent sur son terrain. Ce droit est imprescriptible, ce qui signifie qu'il peut agir à tout moment. Ce scénario met en évidence la nécessité de prendre en compte l'impact à long terme des plantations sur les propriétés avoisinantes.

Les distances de plantation légales

< 2M DE HAUT Peuvent être plantées près de la limite de la propriété, de préférence en gardant un écart de 50 centimètres par rapport à celle-ci.

> 2M DE HAUT Doivent être plantées à au moins 2 mètres de la limite de la propriété.

Exceptions

ACCORD ENTRE VOISIN·E·S Si les deux parties conviennent d'une distance différente et documentent cet accord.

PRESCRIPTION DÉCENNALE Si la plantation existe depuis plus de dix ans sans contestation, elle peut être maintenue malgré le non-respect des distances réglementaires.

SERVICE DE MÉDIATION
621 67 36 48 OU
MEDIATION@SUESSEM.LU

DANS LE CAS DE NUISANCES SONORES
AGENTS MUNICIPAUX 59 30 75 - 511
POLICE COMMISSARIAT DE BELVAUX 244 52 1000
APPEL D'URGENCE 113

RENSEIGNEMENTS SUR
L'ÉTENDUE DE VOS DROITS
BIT.LY/CONSULTATION_AVOCAT



INTERVIEW MAT DE
SCOUTEN AUS DER GEMENG.

De Benevolat am Wandel.

NACH ËMMER VILL LEIT ENGAGÉIERE SECH OP FRÄIWËLLER BASIS. DE BENEVOLAT HUET SECH AN DE LESCHTE JOREN TROTZ-DEEM VERÄNNERT AN D'VERÄINER HUNN DOMAT ZE KÄMPFEN – OCH D'SCOUTEN, D'JORELAANG VIRREIDER A SAACHEN ENGAGEMENT. WÉI SI MAT DËSER ENTWËCKLUNG EENS GINN, ERZIELEN D'SCOUTEN AUS DER GEMENG SUESSEM.

Et ass e kalen Dënschdegmoien an trotz de –5 Grad, déi den Handy uweist, halen d'Sonnestrallen am Gesiicht waarm. De **Philippe Kröger** huet eis Rendez-vous virum Scoutshome zu Bieles ginn, direkt nieft der Mimmchen hirer Theaterstiffchen. „Salut“, seet e puer Minutten, nodeems mir ukomm sinn, eng déif Stëmm hannert eis. „Sorry, ech hu misste mäin Auto fräikrazen an dat huet méi laang gedauert.“ De Philippe steet a voller Montur do – „nom Interview geet et direkt weider an de Bësch“ –, de Scoutsfoulard ronderëm den Hals an d'Scoutshiem an der Hand. Dobanne wiesselt hie seng Jackett géint d'Hiem, op deem praktesch all Zentimeter Stoff mat engem Patch iwwerbitzt ass. „Sou, mir kënnen ufänken.“

De Philippe zielt mat vill Leidenschaft vu sengem Engagement. „Ech si säit 14 Joer Scout“, erënnert hie sech zeréck. „Sou genee weess ech dat awer net méi. Wéi du mierks, ass et schonn eng Zäitchen hier“, seet hien a laacht. Den 22-Järegen ass der LGS Bieles-Zolwer Guiden a Scouten zesumme mat Kolleegen bäigetrueden an dréit méttlerweil d'Titele Gruppechef a President. Op nationalem Niveau iwwerhëlt hien och eng Partie Responsabilitéiten. „Hei an der Gemeng sinn ech fir d'Grupp vun den Avex responsabel“, preziséiert den zukünftege Schoulmeeschter. „Dat si Jonker tëscht 11 a 14 Joer ... also wa si matten an der Pubertéit sinn. Dat ass mat Momenter ganz spannend.“

Mat sengem Grupp verbréngt de Philippe déi meeschten Zäit am Bësch. „Bei mir war dat deemols e bëssen anescht, do ware mer vill am Home an hu gebastelt. Dat hei fannen ech méi flott. Mat ménge maachen ech vill mat Feier, domat si wëssen, wéi si et selwer maache mussen.“ Also eng Aart Survival-Training? De Scout laacht. „Sou änlech.“ Da stinn natierlech Events wéi Buegbrennen, Scouts kiermes an de järeleche Camp um Programm, dee leschte Summer zu Ettelbréck organiséiert gouf. „Mir hu bausse gezelt a bausse gekacht ... zesumme mat 400 Kanner.“

Nieft der Vermëttlung, wat e Scout sou maache ka respektiv kënnen sollt, bleiwen déi méi labber Rendez-vousen iwwert d'Joer verdeelt net aus. „Ech gi mat mengem Grupp och mol Lasertag spillen, op d'Äispist oder op de Chrëschtmaart. Duerno schlofe mer hei am Home. Grad, well si Teenager sinn, ass dat flott, well et sou ass, wéi freides owes rauszegoen. Dat ass dann eng flott Alternativ, zemoos, wa si nach ze jonk si fir wierklech erauszegoen.“

Wéi Scout-Sinn a Benevolat zesummepassen, ass fir de Philippe ganz einfach ze resuméieren: „Scoute probéieren eppes Guddes ze maachen an e Benevolat ass eng vun de beschte Saachen, déi e Mënsch ka maachen.“ ▶



**„Scoute
probéieren
eppes Guddes
ze maachen
an e Benevolat
ass eng vun de
beschte Saachen,
déi e Mënsch ka
maachen.“**

— PHILIPPE KRÖGER.

maachen.“ Wat ee méi laang dobäi ass, wat de Benevolat méi zu enger Selbstverständlechkeet gëtt. Dee Mindset kënnt op ganz natierlechem Wee.“


Deem stëmmt d'**Lis Koster** vun der LGS Sainte Catherine Suessem zou. Déi 23-järeg Enseignante ass souzesoe schonn hiert d'ganzt Liewe Scout. „Meng Grousseltere ware schonn an de Scouten, meng Elteren, mäi Brudder, ...“ Wéineg verwonnerlech, dass et och d'Lis dohi verschloen huet. „Direkt mat 6 Joer ass et lassgaangen, ab 16

hunn ech ugefaangen an d'Richtung Brancheffin ze goen a mat 18 krut ech weiter Responsabilitéiten, ënnert anerem sinn ech säit 2021 eng vun eisen 3 Sekretärinnen.“

Fir op sengem Virgänger seng Ausso zeréckzekommen, erkläert d'Lis: „Scoutismus ass eng Schoul fir d'Liewen. Et ass dat, wat s de net an engem Klassesall léiers. Du kriss eng ganz aner Perspektiv op vill Saachen.“ Hatt geet nach e Schratt méi wäit: „**Scoutismus a Benevolat sinn zwee Begrëffer, déi Hand an Hand ginn. Dat eent**

kann net ouni dat anert.“ Och d'Lis ass iwverzeegt, dass béides zu enger Liewensstellung gehéieren. „Ech hunn ni d'Gefill, dass ech schaffen. Fir mech ass et iwwert d'Joren eng Routine ginn. Et ass komesch, wa mol eng Kéier eng Woch keng Versammlung ass.“ Hatt ass awer och ganz éierlech: „Natierlech freeën ech mech, wann ech no 10 Deeg Camp eng richtig Dusch kann huelen“, seet et a laacht.

„Mee ech wëll de Benevolat och net schéi schwätzen. Als Scout investéiert een-t vill



De Britt Robert Baden-Powell ass de Grënner vun der Scoutsbewegung.



vu senger Zäit. De Merci weist sech net um Kont, mee u gléckleche Kanner oder houfregen Elteren. Wann ech gesinn, dass d'Eltere houfreg op ee si sinn, da mécht mech dat richtig frou.“ Bei de Kanner sinn et déi Momenter, besonnesch bei de méi Groussen (Avex), wou d'Lis Cheffin ass, wa se al genuch sinn, fir déi „richteg cool“ Aktivitéite matzemaachen, wéi hatt selwer seet. „Déi ganz Entwécklung selwer matzeerliwien – wéi si erwuesse ginn an ëmmer méi eegestänneg funktionéieren. Mir mécht et besonnesch vill Freed, wa si ëmmer méi mam Scoutismus a Kontakt kommen. Am Ufank ass dat fir si e risegt Fragezeichen, mee wat se méi al ginn, kann een hinne vill méi mat op de Wee ginn.“

Och wann et fir d'Lis eng Selbstverständlechkeet ass, ass him de Réckgang vu Leit, déi sech mat Häerz a Blutt als Benevollen engagéieren, opgefäll. „Bei de Kanner ass den Undrang grouss, mee bei de Leit, déi eis hëllefen, hält et leider of. Et gëtt en Ënnerscheid tëscht där Zuel, déi op eiser Memberslëscht steet, an déi Unzuel u Leit, déi dann och wierklech do sinn. Et ass schwéier déi, déi op der Uni sinn, duerno och nees zeréckzekeréien.“ D'Lis seet, et wier kee Fan, d'Leit vum Benevolat iwwerzeegen ze mussen. „Wann ee souzoe fir eppes gezwonge gëtt, mécht een et net gären. Mir versichen, present ze sinn, Events ze organiséieren, mir maachen eng Porte Ouverte, ...“ Sou géif d'Lis de Wee iwwert d'Kanner versichen ze goen: „Wann d'Kanner et flott bei eis fannen, iwwerleë sech d'Elteren et och vläicht.“ Déi 23-Järeg verischt besonnesch bei de Jonken, de Benevolat op ganz natierlech Manéier ze promouvieren. „Ech versichen eng gutt Relatioun zu hinnen opzebauen. Dat hëlleft immens.“ Dobäi kënnt, dass den nächste Camp op Kandersteg an d'Schwäiz geet – do wou den Internationale Scoutcenter ze fannen ass. D'Lis kënnt an d'Schwärmen. „Dee leeft nëmme mat Benevollen. Mir wëllen do déi ganz Soutsgeschicht opschaffen.“ Déi Jonk gesinn also hautno, wat et mam Scoutismus a Benevolat op sech huet. Op déi Manéier versicht d'Lis, dass hinnen déi eng oder aner Kanner am Erwuesseneliewien als Benevollen

erhale bleiwen. E bëssen esou, wéi et och bei him de Fall war.

Sou war et och beim Philippe. „Ech hunn zesumme mam Kollege ugefaangen, mir sinn zesummen an d'Formatiounen gaangen, sinn zesumme Chef ginn – dat wëll ech och mat menge Jonken hikréien.“ Och hien ënnersträicht, dass de Benevolat extreem ofgeholl huet. „Domat huet all Veräin ze kämpfen, net nëmme d'Scouten.“ D'Bezuelung – oder éischer gesot déi feelend finanziell Entschiedegung – géif eng Roll spillen, mee hie géif et sech net just domat erklären. „D'Konkurrenz ass extreem, et gëtt esou vill Choix, wat ee maache kann. Villes gëtt dann och nach bezuelt. Da kënnt den Zäitmanagement dobäi, et gëtt een erwuessen, Interessien ännere sech oder et ass ee beemol Elteren ...“

Genee do versicht säi Veräin unzesetzen: „Mir haten op eise Camp eng Kanner-crèche“, erklärt hien. „Do waren esou vill Erwuessener mat Kanner a sou konnte mir si e bëssen ënnerstëtzen.“ Op Events kënnt ee mat de Leit an d'Gespréich. „Mir hunn der vill, wou d'Mammen oder d'Pappen iergendwann erarutschen. Dozou muss ech awer och soen: Ech war ëmmer frou, dass meng Elteren net an de Scoute waren“, seet de Philippe a fänkt u mat grinsen. „Dat war déi Plaz, wou ech mech konnt donieft behuelen, ouni direkt gemeckert ze kréien.“

Dat schéinst u sengem Engagement? „D'Kanner opwuessen ze gesinn. Ech si mëttlerweil scho laang dobäi an hunn der e puer vun hinne mat 6 Joer kennegeléiert – déi sinn elo a mengem Grupp.“ Wéi de Philippe weider Momenter Revue passéiere léisst, fänke seng Aen u mat stralen. „Ech erënnere mech un eisen internationale Camp virun e puer Joer a Finnland zeréck. Ech hat der do 14. Dat war esou schéin. Stell der vir: Du sëtzt mat 20.000 anere Leit am Hallefkrees. Leit, déi deen nammlechte Mindset hu wéi s du. Dat ass schonn impressionant.“ Nach haut ass hie mat enger Frëndin, déi en deemools do kennegeléiert huet, a Kontakt. „Du kenns Mënschen op der ganzer Welt. Egal, wou s de hi gees, du fënns ëmmer e Scout.“



„De Merci weist sech net um Kont, mee u gléckleche Kanner oder houfregen Elteren.“

— LIS KOSTER.



F
Version française
SUESSEMJETIME.LU/SCOUTEN



© Max Staus

Eraus aus dem Schiet.

I

„Esouguer wou d'Dëschtennis Unioun (DTU) e Championnat fir d'Fraen organiséiert huet, goufen nëmmen 30% vum Online-Contenu dëser Manifestatioun gewidmet. Deelweis goufen och nach aner Matcher wärend der Zäit vun der DTU annoncéiert, wat bei de Männer nimools virkomm wier“, esou d'erfollegräich Dëschtenspillerin **Sarah De Nutte**.

Seng Ausso ënnersträicht, dass de Fraesport et schwéier huet, sech par rapport zum Männersport ze behaupten. Méi Ënnerstëtzung vun de Federatiounen a méi Presenz an de Medie si just zwee vu ville Verbesserungswënsch, déi op eiser Diskussiounsrönn den 22. Januar 2024 'Success Stories – Wéi ech mäi Wee am Sport gemaach hunn' am Festsall vun der Gemeng zu Bieles thematiséiert goufen.

Wisou dëse Manktem u Mediepresenz am Fraesport existéiert, huet d'**Norma Zambon**, Presidentin vun der Volleyballfederatioun, folgendermoosse versicht ze erklären: „Et soll ee bei de Journalist-innen ufänken, déi sech ëm de Sport këmmere. Ech perséinlech kënnen just eng Fra, villäicht zwou, déi iwwert Sport schreiwen.“ Si selwer ass eng vu fënnef Fraen, déi de Virsätz vun enger vun de 56 Sportfederatiounen vu Lëtzebuerg huet.

De Fussballstrainer vun der Dammennationalekipp **Dan Santos** huet d'Ënnerstëtzung vun de Clibb, respektiv de Federatiounen, opgegraff: „Nodeems et der Fraenekipp erlaabt war, um Haaptterrain ze spillen, d'Butte och fir hir Matcher opzemaachen an d'Musek komm ass, kommen op eemol och fir hir Matcher eng 300 Spectatricen-teure

kucken.“ De Fraesport soll esou d'Méiglechkeet kréien, méi attraktiv ze ginn.

Am Schwamme sinn awer laut dem **Christine Mailliet** manner Diskrepanze spierbar: „Ech selwer sinn a menger Teenagerzäit mat de Männer geschwommen an och spéider hunn ech keng Diskriminatioun am Schwammen empfונnt.“ D'**Claudia Pfeffer**, Goldgewënnerin am Basket bei de Special Olympics, spillt an enger gemëschter Ekipp: „Mir ginn all eens mateneen an zéien all un engem Strang.“



Fotogalerie



Replay

[SUESSEM.LU/TABLE-RONDE-SUCCESS-STORIES](https://suessem.lu/table-ronde-success-stories)



FORUM POUR LE
TROISIÈME ÂGE.

Pionnier·ères·s de l'inclusion.

LOOK OUT FOR
THIS LABEL!



Suessem
eng demenz-
frëndlech
Gemeng

F

Le samedi 18 novembre 2023, le Forum pour le troisième âge fut organisé sous l'égide du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région, conjointement avec le Syvicol. Ce rendez-vous, tenu au Lycée Ermesinde à Mersch, a mis en lumière le projet «Suessem – eng demenzfrëndlech Gemeng», honoré comme l'un des projets phares de l'initiative «Communes amies des seniors». Ce projet se distingue par son ambition à briser les chaînes des stéréotypes et intégrer avec grâce et dignité les personnes atteintes de démence dans le tissu de notre société. La prochaine phase de ce projet prometteur est riche en initiatives: des campagnes de sensibilisation et d'éducation sont prévues dans les écoles primaires, et l'émergence de formations dédiées à la thématique de la démence au niveau communal se profile à l'horizon.

INFO



MOL
NACH
EMOL

ZESUMME, LOOSST EIS
DE FAARWEN AN
DEM SCHOULMATERIAL
EN NEIT LIEWE SCHENKEN




De Ressourcenzenter SIVÉC kritt all Joer **6.600 Tonne Material** geliiwert. Villes dovunner ass an engem ganz gudden Zoustand, mee muss leider verbrannt ginn.



Dofir huet de SIVÉC ugefaange sech staark am Réemploi z'engagéieren: Iwwer 100 Tonnen u Material ginn all Joer **weiderverméttelt** a kommen **zeréck an de Kreeslaf**.




WÉI GEET DAT?




1) "ALT" SCHOULMATERIAL NET EWECHGEHEIEN, MEE AN ENGE VUN EISE SAMMELSTELLEN OFGINN.



2) MIR BEREEDEN DAT GESAMMELT MATERIAL NEI OP A VERPAKEN ET.



3) JEE NO BESOIN GRATIS SCHOULMATERIAL ZUR VERFÜGUNG GESTALLT KRÉIEN.



D'KREESLAFWIRTSCHAFT
VERSTOEN A KONKRET
AN DE SCHOULALLDAG
INTÉGRÉIEREN.

Firwat net flott
**ëmwfrendlech
Projeten**
mat de Schüler
realiséieren, mat
recuperiertem
Material?



AVEC LE SOUTIEN DE:



CEUVRE
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte

Ski Kolonie im Montafon 2023.

Wir sind in Österreich Ski gefahren. Wir sind den 5. März mit dem Bus angekommen. Wir haben uns in der Schule vorbereitet. Wir haben Yoga gemacht, Youtube Videos angesehen und unser Lehrer hat Ski-Schuhe mitgebracht, um uns zu zeigen, wie man sie anzieht.

Jeden Tag sind wir 4 Stunden Ski gefahren. Wir haben im JUFA-HOTEL übernachtet. Die ersten drei Tage waren die Kinder im Golmi-Land Ski gefahren. Danach sind wir zu den Tellerfahrschnebeln gegangen. Am Freitag haben wir ein Rennen gemacht und samstags sind wir mit den Lehrern gefahren.

Jeden Tag sind wir um 7.15 Uhr aufgestanden und sind zum Frühstückstisch gegangen. Danach sind wir in unsere Zimmer gegangen und haben unsere Ski-Kleider angezogen. Wir sind in Ski-Keller gegangen und haben unsere Ski-Schuhe angezogen. Dann sind wir in den Bus gestiegen, um zum Tal-Montafon zu gehen und sind mit der Gondel raufgefahren. Wir sind aus der Gondel ausgestiegen und sind zu unseren Lehrern und Lehrerinnen gegangen. Unsere Lehrer haben uns in Gruppen aufgeteilt und die Kinder mussten zu ihrer Ski-Lehrerin (ihrem Ski-Lehrer) gehen.

Die Kinder haben gelernt, wie man Ski fährt. Wir mussten lustige Übungen auf unseren Ski machen und vor allem mussten wir bremsen und „Pizzafahren“ lernen. Um richtig Skifahren zu lernen, mussten wir Slalom fahren. Am ersten Tag gab es ein paar kleinere Unfälle. Nach 2 Stunden haben wir zu Mittag gegessen. Dann mussten wir wieder zu unseren Lehrerinnen (Lehrern) gehen um 2 Stunden Ski zu fahren.

Nach 2 Stunden sind wir mit der Gondel runtergefahren und haben den Bus zum JUFA-Hotel genommen. Dann haben wir unsere Ski-Schuhe ausgezogen, ein Obst gegessen und etwas getrunken. Dann sind wir in unsere Zimmer gegangen und haben etwas anderes angezogen.

Wir haben gespielt und haben uns amüsiert. Wir konnten verschiedene Aktivitäten machen, zum Beispiel Fußball, klettern, Parcours, Gesellschaftsspiele und Basketball. Wir konnten auch an einem Malwettbewerb teilnehmen, indem wir Golmi malten. Nach dem Spielen sind wir in unsere Zimmer gegangen

Dann haben unsere Lehrer gesagt, dass wir zum Abendessen kommen sollten. Es war sehr lecker.

Nach dem Essen sind wir schlafen gegangen. Nur am letzten Abend konnten wir in die Disco gehen, das war abgefahren. Das Skifahren hat uns sehr gefallen. Uns gefällt es die blauen und roten Pisten runterzufahren und uns gefällt es nicht zu fallen. Wir möchten noch einmal mit der Familie Ski fahren.

Castro Lola-Inès, Fiorazzo Lisa, Zaccaria Matteo

Den ‚Dillendapp‘ ass d’Rubrik am *kuerz&knapp*. bei där d’Schoulkanner aus eiser Gemeng d’Wuert hunn. Zesumme mat hiren Enseignante siche sech d’Schüler-innen hir Theeme selwer eraus a bréngen dës dann op hir ganz perséinlech Manéier op d’Blat. An dëser Editioun schreift eng Cycle-4-Klass aus der Schoul Bieles Post vum leschte Joer hir Erlefnisser niddler.

DILLEN
DAPP



Info-Box.

Die Winter- und Sommerkolonien finden auch dieses Jahr statt. So fahren im Winter der Zyklus 4.1 nach Montafon und im Sommer der Zyklus 3.2 nach Laterns.



BUDGET 2024.

« Tout est réalisé
en interne. »

LE COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVIN·E·S DE LA COMMUNE DE SANEM ABORDE L'AVENIR AVEC OPTIMISME. LA COMMUNE PEUT S'APPUYER SUR DES INVESTISSEMENTS PASSÉS ET PLANIFIER AVEC PERSPICACITÉ. LA BOURGMESTRE SIMONE ASSELBORN-BINTZ SAB ET L'ÉCHEVINE DES FINANCES NATHALIE MORGENTHALER NM DISCUTENT DES COÛTS CROISSANTS, DE L'AUGMENTATION DU PERSONNEL ET D'UNE COMMUNE QUI N'ABANDONNE PERSONNE.

Le budget 2024 s'intitule « Continuité et stabilité pour la Commune de Sanem ». Comment décririez-vous de manière plus détaillée ce budget ?

SAB C'est en effet un budget de continuité, car la composition du Collège des bourgmestre et échevin·e·s est restée la même. Nous essayons de gérer les finances avec le plus de diligence possible, tout en veillant au bien-être de la population. Notre commune est un lieu agréable à vivre, de la petite enfance à la vieillesse. Cela a toujours été notre devise.

NM De bonnes bases ont été posées. Maintenant, il s'agit de se demander où nous serons dans 20 ou 30 ans. C'est pourquoi nous avons par exemple mis en place le *Masterplan Éducation 2035*, qui nous permet de définir des priorités à long terme.

La commune continue de croître. D'ici fin 2024, nous prévoyons d'accueillir notre 19.000e habitant·e. Plus de personnes, plus d'enfants, plus de seniors, plus de personnel communal — tout cela signifie plus de dépenses.

SAB Ce qui nous préoccupe un peu, c'est la planification à long terme du personnel communal, puisque cela représente notre plus grande dépense, même en comparaison avec d'autres communes. Cette dépense s'élève à environ 63%. Je veux préciser qu'il y a une raison : tout est réalisé en interne, sans personnel externe. Ce qui signifie également : quand la commune grandit et se développe, cela nécessite davantage de personnel. Nous avons donc entrepris une analyse externe pour faire un état des lieux.

NM C'est un processus continu. Nous essayons de surveiller constamment ce domaine. Cela a un coût, mais nous assure un bon service à nos résident·e·s. Il est important de mentionner que nos coûts de personnel sont élevés, mais que la commune bénéficie de recettes octroyées par l'État via le Ministère de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse, ainsi que de l'Assurance dépendance en ce qui concerne les maisons relais et à la Résidence op der Waassertrap (REWA). Par ailleurs, la commune bénéficie de recettes octroyées par l'État via le Ministère de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse, ainsi que de l'Assurance dépendance. Nous devrions considérer ces chiffres avec prudence, étant la seule commune à gérer un tel établissement.

Une commune ne peut pas tout faire pour tout le monde – comment est-ce que vous décidez d'investir ou de ne pas investir ?

NM Nous n'avons jamais eu à prendre une telle décision. Nous avons couvert tous les domaines, en particulier le domaine social. Même lorsque cela devient nécessaire, un projet n'est pas nécessairement rejeté. Le calendrier est alors ajusté. Les investissements qui peuvent attendre sont mis en attente.

Comment assurez-vous que les priorités soient correctement définies ?

NM La planification se fait en fonction de l'importance. Par exemple, si un nouveau quartier est construit et qu'il manque des salles de classe, nous réagissons. Il est pertinent de mentionner le Masterplan Éducation : lors de la planification de la maison relais ici à Sanem, ce plan a révélé qu'il manquait 4 salles de classe. Nous avons donc fait des changements à court terme, alors que les plans étaient déjà presque finalisés.

« C'est bien que l'argent ait déjà été investi et que nous puissions maintenant en profiter. »

— SIMONE ASSELBORN-BINTZ

SAB Certaines choses, comme la construction d'écoles, doivent être réalisées par la commune. Nous avons la chance d'avoir des infrastructures comme l'Artikuss. Nous disposons également de salles de réunion pour nos associations, de structures d'accueil pour nos enfants et de centres culturels pour nos événements. C'est bien que l'argent ait déjà été investi et que nous puissions maintenant en profiter.

NM Autrefois, c'était un luxe que tout soit accessible dans chaque localité. Et la Commune de Sanem ne compte pas seulement une localité, mais quatre.

SAB C'est un défi. Nous devons expliquer aux gens pourquoi nous ne pouvons plus tout faire. Nous devons adopter une approche durable. Dans ce contexte, je voudrais également mentionner nos syndicats qui travaillent au-delà des limites géographiques des communes.

Sé



L

Lëtzebuergesch Versioun

SUESSEM|ETAIME.LU/BUDGET24

Dans quels domaines la commune continue-t-elle de lutter contre les effets de la pandémie, de la crise énergétique, de la guerre ou encore de l'inflation ?

NM La nourriture dans nos maisons relais et dans notre REWA a augmenté de 15%. Nous dépensons 2,3 millions d'euros. Ce n'est pas le cas dans toutes les communes, mais nous attachons une grande importance au label Fairtrade et aux produits locaux.

normalement les décisions se basent sur l'importance. La Cité Grand-Duc Jean et la rue des Jardins à Belvaux, ainsi que la rue de Differdange à Soleuvre sont au programme cette année (2024), la Cité Kauffmann à Soleuvre l'année prochaine (2025), pour citer quelques projets concrets.

Je sais que les sites de construction qui durent dérangent. La rue d'Ehlerange est un tel exemple. Ce n'est pas toujours la faute de la commune, mais cela peut être dû à divers problèmes : conditions météorologiques, administration des ponts et chaussées, disponibilité de l'entreprise respective, ...

NM Les entreprises ne peuvent pas toujours respecter les délais, car elles sont confrontées à des problèmes de livraison. Cela a été le cas pour le parquet de la salle de sports du Sportikuss Scheierhaff. La piste d'athlétisme peut également être mentionnée dans ce contexte. Ce projet a dû être reporté en raison de contraintes de temps.

« La planification se fait en fonction de l'importance. Par exemple, si un nouveau quartier est construit et qu'il manque des salles de classe, nous réagissons. »

— NATHALIE MORGENTHALER

SAB Cela est également dû – et je le répète souvent – au fait que nous recevons environ 6 € par enfant de la part de l'État. C'est une bonne chose, mais cette part n'a pas été ajusté depuis 20 ans. En fin de compte, nous avons 15% de dépenses alimentaires en plus, mais nous ne recevons pas plus d'argent. Même pour la construction d'une maison relais, la part financée reste la même depuis des années. Il est urgent d'agir dans ce domaine.

Non seulement l'extension du réseau routier, mais aussi l'entretien de nos routes coûte de l'argent. Comment définir les priorités ?

SAB Notre service technique suit une liste de priorités. En cas d'urgence, nous devons bien sûr rester flexibles et réorganiser, mais

Comment les riverain·e·s peuvent-ils-elles intégrer leurs idées et visions ?

SAB Pour certains projets, comme l'aménagement d'une cour d'école par exemple, des groupes de travail sont mis en place où les parents, enfants et le personnel de l'école peuvent participer. Un autre exemple est le terrain de basket près de l'École 2000 à Soleuvre, qui va être conçue comme un projet participatif. Les jeunes n'étaient pas ravis que leur terrain de basket bien-aimé devait céder la place à une maison relais. Nous aimerions maintenant déterminer avec eux comment optimiser cet endroit, afin qu'ils puissent y jouer au basketball à nouveau.

Autres nouveautés pour 2024 ?

SAB Nous voulons mettre à disposition des locaux pour les médecins et les physiothérapeutes. Surtout pour les nouveaux médecins, il est difficile d'ouvrir leur propre cabinet parce qu'ils-elles manquent d'une localité. De cette manière, nous pouvons nous assurer que nos résident·e·s n'ont pas à parcourir de longues distances.

NM L'année prochaine, le football est à l'honneur – Ehlerange aura un nouveau terrain pour les équipes en-dessous de 13 ans. Ensuite, la planification de notre école au Roude Wee est prévue (là où il y aura la plus grande croissance de la jeune population), ainsi que notre piscine scolaire.

SAB La commune a acheté l'ancien bâtiment de la poste. Ce sont de beaux espaces, mais cela a un coût s'ils doivent être rénovés pour faire des activités.

Le budget prévoit un excédent d'environ 9,4 millions d'euros. Néanmoins, la situation de la dette ne doit pas être négligée. Où en est la commune en ce qui concerne l'endettement par habitant·e ?

NM Comme nous savions que les taux d'intérêt allaient à nouveau augmenter, nous avons pris un emprunt de 16 millions d'euros à la fin de l'année dernière pour anticiper. Le fait que nous n'ayons pas contracté de nouveau prêt cette année fait baisser notre dette. Et lorsque la dette diminue, l'endettement par habitant·e diminue également. En chiffres, ce dernier se situe, avec nos 18.600 résident·e·s actuel·le·s au 31 décembre 2023, à 1.479 €. En regardant vers le 31 décembre 2024, notre dette tombera à 1.377 € avec 19.000 personnes estimées. La dette totale diminuera d'environ 38,9 millions d'euros d'ici fin 2024 pour atteindre 36,3 millions.

SAB Nous comparons notre situation avec d'autres communes et nous ne nous en sortons pas si mal.

NM Dans ce contexte, il est important de souligner que nous devons mettre en œuvre de nouveaux projets dans quelques années. Bien sûr, nous devons pouvoir justifier chaque décision, mais comme mentionné précédemment, il y a des choses qu'une commune doit faire. Notre priorité reste donc les écoles.

D'Gemeng an Zuelen.

Budget 2024



Fannt den integrale
Budget hei
Retrouvez le budget dans
son intégralité

18.600 AWUNNER·INNEN^{+267*}

HABITANT·E·S

818 MATAARBECHTER·INNEN^{+19*}

EMPLOYÉ·E·S

69 Fonctionnaires, 19 Employéen
321 Salariéen à tâche intellectuelle
409 Salariéen à tâche manuelle

68.823.100 €

GESAMTPERSONALKÄSCHTE
DE FRAIS DE PERSONNEL

61.900.205 €

RECTIFIÉ 2023

1.501 €

1.377 €

PROKAPPVERSCHOLDUNG
DETTE PAR HABITANT·E

» 31.12.2023 ► 31.12.2024

1.742^{+43*}

SCHOULKANNER
ÉLÈVES

*säit | depuis 01.01.2023

33,75 ETP

EQUIVALENT TEMPS PLEIN
NEI POSTEN | NOUVEAUX POSTES

» virgesinn am | prévus au Budget 2024

Aktioun Päiperlek



Gratis Stauden!

Am Kader vun der **Aktioun Päiperlek** stellen d'Sicona-Gemengen de Biergerinnen e Staude-Package mat **6 Planzen**, déi e besonnesche Wäert als Fudderquell fir Päiperleken an Insekten hunn, **gratis** zur Verfügung!

Paquet gratuit de vivaces à papillons pour votre jardin !

Dans le cadre de l'**Aktioun Päiperlek**, les communes Sicona mettent **gratuitement** à disposition de leurs citoyen-ne-s un assortiment de **6 plantes vivaces** avec une valeur particulière comme plantes nectarifères pour les papillons et insectes.

Dir kënnt dës Päiperleksstaude gratis bestellen
Vous pouvez commander ces plantes gratuitement



www.sicona.lu

ab dem 8. Abrëll / à partir du 8 avril



De Schäfferot, d'Ëmweltkommissioun an den Ëmweltservice invitéieren all motivéiert Leit aus der Gemeng Suessem, bei der grousser Botz matzemaachen. D'Gemeng stellt dat néidegt Material zur Verfügung, mee bréngt wgl. eng Warnwest a Schaffhändsche mat. Ëm **10.00 Auer ass Rendez-vous** zu Bieles bei der Gemeng, zu Éilereng beim Kulturschapp, zu Suessem beim

SA. 16.03 | 10H00
ACTION NETTOYAGE.

Grouss Botz.

Complexe Sportif an zu Zolwer op der Place de l'Indépendance. Géint 12.00 Auer offréiert d'Gemeng an der grousser Hal am Matgesfeld zu Bieles eng traditionell Bio-Geméiszopp.

UMELDUNG bis spëtstens den 11.03
59 30 75 - 659 oder
service.ecologique@suessem.lu

MAACHT MAT!

Opruff zum Klima- an Naturpakt.

Als Suessemer Gemeng kënne mir eisen Deel dozou bäidroen, dass d'Ëmwelt geschützt a fir zukünftegt Generatiounen erhale bleift.

Dowéinst siche mir iech!

All Persoun mam néidege Background a Wesse ka sech a kommunale Klima- an Naturteams engagéieren. Är Expertis, Iddien a Motivatioun sinn entscheidend. Wann dir eng Formatioun an de spezifesche Beräicher vum Klimawandel oder Naturschutz hutt, kënnt dir iech mat engem klengen Motiva-

tiounsschreiwes beim Ëmweltbüro via **service.ecologique@suessem.lu** oder um **59 30 75 - 659** mellen.

D'Gemeng Suessem ass zënter 2013 Member vum Klimapakt an zënter 2021 vum Naturpakt. Duerch si gëtt gepréiw, wéi d'Gemeng sech an dese Beräicher entwéckelt a wat schonn ëngesat gouf. Als Member vum kommunale Klima- an Naturpaktteam sidd dir ee vu ville Multiplicateur fir des Themen no baussen ze bréngen, an domat e wichtege Baudeel vun enger méi nohalteger Gemeng Suessem.

ËNNERWEE MAM
SUESSEMER FIERSCHTER.

Nohalteg
Bëschnötzung
a Privathänn.

Iwwer d'Hallschent vum Bësch zu Lëtzebuerg ass an Hänn vu Privatleit. Ëmsou méi wichtig, dass déijéineg, déi esou eng Parzell besëtzen och duerno kucken. Ëmmer nees wëssen d'Leit awer guer net, dass si Bëschbesëtzer-inne sinn. En Ausfluch an de Bësch mam Suessemer Fierschter Claude Assel.


„Kommt, mir fuere mat mengem Auto, da gi mer eis de Bësch zesummen ukucken.“ De Claude Assel sëtzt sech hannert d'Steier vu sengem Déngschtauto, op deem grouss den ANF-Logo (ANF: Administration de la Nature et des Forêts/Naturverwaltung) pecht. Mir si vum klengen Parking um Gaalgebierg aus ennerwee a säi Revéier, de Bësch. Oder wéi de Fierschter en nennt: „De wëlle Park. De Bësch ass esou mosaikaarteg opgebaut, dass et éischter engem Park gläicht. Wosst dir, dass dat hei déi bëschräimste Regioun ass? Et ass näischt Schlëmmes, iergendee muss jo op der leschter Plaz sinn“, betount de Claude a laacht.

Wann esou vill Bësch – ëm déi 55% – an den Hänn vu 14.000 Mënschen ass, dann hänkt d'Qualitéit vun dësem vu ganz ville Leit of. „Dofir ass et sou wichtig, dass jiddereen dobäi hëllef, dass et eise Bëscher gutt geet.“ De gebiertegen Dikrecher ass Fierschter duerch an duerch a kann op 40 Joer Erfahrung zeréckblécken.

De Claude weess, dass et ëmmer nees Leit ginn, déi net wëssen, dass si Bësch besëtzen. Mat de Parzellen ass et esou: Déi meescht si säit Joren a Familljenhand. Wéi d'Leit dat wëssen? „Dat gouf zum Beispill an engem Akt festgehalen.“ Wéi gesot, sinn esou Fäll awer net d'Reegel. „Komm, mer spillen dat mol duerch“, seet de Claude an hält seng Tablett ervir, déi hie mat Hëllef vun enger Aart Rimm queesch um Kierper hänken huet. „Hei hu mer de Geoportail, do kanns de dat alles nokucken“, seet hien a fänkt un um Bildschirm ronderëm ze tippen.

Puer Sekonnen drop gëtt eis déi Plaz ugewisen, wou mir eis grad befannen. D'Parzellen um Ecran sinn duerch nummeréiert a verschidden agefierft. D'Faarf gëtt un, ob et sech ëm staatlechen, kommunalen oder private Bësch handelt. „Um Site kanns de och d'GPS-Donnéeën ofgräifen.“ Hien hält eng kleng Maschinn aus der Täsch. „Wann s de déi dann an esou ee GPS-Gerät agëss, féiert dat dech direkt op déi gesichte Plaz.“ A scho sti mir an esou enger Parzell, déi een Deel vum groussen Ganzen ass. Gëtt een't mam Geoportail net eens, steet de Claude als Beroder zur Säit. „Da kucke mer zesummen, wou se ass, wat ee ka maachen, respektiv wat Sënn mécht.“

„Du kuckes jo och no dengem Haus, dass do alles an der Rei ass.“



Natierlech ginn et och puer Reegelen, un déi sech Leit mat enger Parzell hale sollen. Dat neit Bëschgesetz, dat leschte Summer an der Chamber ugeholl gouf a säit Oktober a Kraaft ass, setzt de legale Kader. „Wéi vill Holz aus der eegener Parzell erausgedroen duerf ginn, ass festgeluecht – bei iwwer 40 Kubikmeter muss een eng Demande eraginn“, erkläert de Fierschter. Hien nennt e weidert Beispill. „Huele mer un, du wëlls e ‚Kahlschlag‘ maachen. Dat geet net einfach esou. Do muss gekuckt ginn, ob dat autoriséiert ka ginn. Ass dat de Fall, kritt déi jeeweileg Persoun gesot, dass op där Plaz och no geplanz muss ginn, sou dass mir de Bëschcharakter bäibehalen.“

De Suessemer Fierschter fënnt et eng gutt Saach, dass de Bësch net eleng vum Staat oder de Gemenge geréiert gëtt. „Natierlech bréngt dat och mol heiansdo Problemer mat sech.“ Bei Privatparzellen ass et nämlech esou, wéi den Numm et schon seet, dass Persounen vum ausserhalb Autorisatiounen ufroe mussen, wann eppes op deem

Deel Bësch gemaach soll ginn. „Wéi hei – du hues esou vill Weeër“, erkläert de Claude a weist mat der Hand ronderëm eis, „sief et fir ze trëppelen, ze lafen oder fir mam Mountainbike. Hues de do eng Privatparzell dotëscht, muss de kucken, wem déi gehéiert.“ ▶



Da muss ech bei eis beim Service, dee sech dorëm këmmert, ufroen, wíem dës parzell gehéiert. Wa mir dann den Accord vun der Privatpersoun kréien, kënne mir dee kranke Bam ewechmaachen.“ An der Reegel soll sech jiddereent selwer dorëm këmmern, „mir kéinte si do och opfuederen, dat ze maachen. Dat ass awer mat Momenter e bésse schwéierfällég. Dat Ganzt ass jo am Interêt vun der Allgemengheet.“ Et géif och scho mol duergoen, op de Bam ze klammen a just puer Äscht ofzedroen, ouni de ganze Bam ewechzehuelen.

Nieft dem Gesetz an de Reegelen ass den Zéngjoresplang e weidere wichtege Bausteen am Kader vun enger nohalteger Bëschbewirtschaftung, prezisiéiert de Claude, währenddem hien eis méi wäit an de Bësch guidéiert. Hie kuckt ronderëm sech. „Et ass ganz einfach: Wa mir festleeën, wat an eise Bëscher geschéie soll, geschitt dat net no der Laun vum Fierschter. Mir hu gewësse Virgaben a Richtlinnen, déi an deem Plang festgehale sinn. A wéi bei all Betrib ass bei eise Bëscher och den Inventar dat Wichtigst: Wat hu mer? Wou sti mer? Wat sinn eis Stärkten? Wou wëlle mer hin? Am Plang deen elo ausleef gouf ënnert anerem festgehalten, dass mer jonk Bëscher brauchen, fir an Zukunft déck Beem do stoen ze hunn. Dat brauch jo seng Zäit.“

Hie weist op e puer Stämm virun eis. „Dat do ass jonkt Geméis – déi hu mer viru knapp 10 Joer geplanzt.“ D'Beem géigeniwwer sinn e bésse méi grouss wéi mir. Zil ass et also, eis Bëscher nees gesond ze kréien – den Inventaire Phytosanitaire, deen eng Partie Beem ënnert d'Lupp geholl huet, bréngt et op de Punkt: 14% hu guer kee Schued, méi wéi all 2. Bam ass schwéier geschiedegt an 12% sinn entweder schon ofgestuerwen oder sinn net méi wäit dovu wech. „Mir brauchen e gesunde Mix vu verschidde Beemaarten“, ënnersträicht de Fierschter, „well wann eemol eng Kränkt optrëtt, da muss net alles ewech gemaach ginn. Da geet just een Deel vum Bësch futti. Wann alles homogeen ass, bleift an esou Fäll net méi vill iwweg.“

Wisou d'Wuelergoe vun eise Bëscher all Privatbesëtzer-in eppes ugoe soll, wíer einfach ze erklären. „Du kucks jo och no dengem Haus, dass do alles an der Rei ass. Genee esou muss de et mat denger Parzell maachen.“ Nieft dem Notze vum Bëschholz (Brennholz, Parquet, Paletten, Pobeierholzindustrie) ass a bleift d'Gesondheet vum Bësch eng Prioritéit. „Wa mer net duerno kucken a jong Beem eropkréien, kënne mer an Zukunft och keng déck Beem do stoen hunn.“ Éier e weider aushëlt, wandert säi Bléck an de Bësch eran, erop an d'Kroune vun de Beem. „Ech ka puer Grënn opzielen: Engersäits produzéiert de Bësch ganz vill Sauerstoff“ – dozou



De Claude ass hei, wéi hie selwer seet, den ‚Alleinverwalter‘. „Jo, et ass e bëssen eng One-Man-Show“

Zu den Lebensmittelabfällen in Gemeindekantinen und –restaurants unterstrich er in seiner Antwort die verschiedenen Ansätze, wie z.B. die genaue Planung und Portionierung der Mahlzeiten basierend auf täglich aktualisierten Zahlen, Bewertungsbögen für übriggebliebene Lebensmittel und die Möglichkeit für Mitarbeiter:innen, intakte Lebensmittel mit nach Hause zu nehmen. Zusätzlich würden Lebensmittelreste wie Schalen oder Restsalat an Tiere verfüttert. Gierenz (LSAP) betonte, dass durch diese Maßnahmen kaum intakte Lebensmittelreste im Müll landeten, wobei die genaue Menge der weggeworfenen Speisereste schwer zu bestimmen sei. Zum Umgang mit Essensresten im CIPA REWA erläuterte der Schöffe, dass man im Alten- und Pflegeheim die Portionen auf die Bedürfnisse der Bewohner:innen abstimme. Übriggebliebene Lebensmittel würden u.a. wiederverwendet, um pürierte Menüs zuzubereiten. Auf die Frage nach dem Konzept des „solidarischen Kühlschranks“ antwortete er, dass man eher zu einem Automaten tendiere, aus dem Mahlzeiten zu einem kleinen Preis bezogen werden könnten. Obst von gemeindeeigenen Bäumen stehe kostenlos zur Verfügung, gemäß der Aktion *Giel Band*. Zusätzlich erklärte Steve Gierenz (LSAP) weitere Initiativen. Der Schöff:innenrat plane u.a. die Vereine zu motivieren, ihre Veranstaltungen als *Green* und *Anti-Gaspi*-Events zu organisieren. Dies beinhalte das Angebot halber Portionen, den Verkauf von Essen zum halben Preis am Ende von Festen und das Bereitstellen von Behältern für übriggebliebene Speisen. Darüber hinaus sei die Gemeinde Teil der staatlichen Sensibilisierungskampagne *Ensemble contre le gaspillage alimentaire* und plane einen Informationsabend für 2024, um sowohl Vereine als auch Bürger:innen zu sensibilisieren. Die Gemeinde nutze auch die Reste von Festen und Personalfeiern zur Fütterung der Tiere im Matgesfeld.

Déi gréng-Rat Serge Faber bedankte sich für die ausführlichen Antworten und betonte außerdem, dass die Gemeinde

im Hinblick auf die Initiativen zur Vermeidung von Lebensmittelverschwendung bereits auf einem guten Weg sei. Er schlug vor, dass diese Bemühungen stärker in der Öffentlichkeit bekannt gemacht werden sollten. Man solle z.B. auf der Gemeinde-Homepage stärker darauf aufmerksam machen, dass Sanem eine *Anti-Gaspi*-Gemeinde und u.a. Mitglied vom *Pacte vum Zesummeliwien*, Klimabündnis und Naturpakt sei. Dies würde ein Bewusstsein für die Wichtigkeit der Nachhaltigkeit und Umweltschutz schaffen. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) entgegnete daraufhin, dass eine neue Internetseite bereits in Planung sei, dort würden Informationen bezüglich der Umweltinitiativen der Gemeinde sichtbarer geteilt werden.

WEITERE FRAGEN AN DEN SCHÖFF-INNENRAT

Rätin Myriam Cecchetti (déi Lénk) bat, die Firmen bei Kostenvoranschlägen und Budgets von Projekten, vor allem bei den Honoraren, dazu zu bringen, die Preise so nah wie möglich an der Realität zu halten. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) unterstrich, dass die Gemeindedienste dazu angehalten seien, immer alle Kostenvoranschläge und Verträge zu analysieren. Dennoch könnten Ausnahmen auftreten, aber dieses Problem müsse auch auf nationaler Ebene diskutiert werden, um angemessene Lösungen zu finden.

Danach sprach die déi Lénk-Rätin die angebliche Ungleichbehandlung von den drei Fußballvereinen der Gemeinde an. Die Sanemer und Beleser hätten im Winter nur eingeschränkte Zugangszeiten (nur *Babyfoot*) in den Sporthallen, im Gegensatz zu Ehleringen, wo Teams höherer Kategorien (bis zu den *Scolaires*) trainieren dürften. Sportschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) erklärte hierzu, dass der Zustand des Fußballplatzes in Ehleringen viel schlechter sei, weshalb dem lokalen Verein tatsächlich mehr Kontingente in der Halle zustünden. Sie erwähnte auch den Mangel an verfügbaren Hallen. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) fügte hinzu, dass die drei Fußballklubs sich selber untereinander geeinigt und die Trainingszeiten aufgeteilt hätten. In diesem Kontext wies Gemeinderat Serge Faber (déi gréng) auf weitere kontroverse Informationen von den Vereinen hin und betonte, wie die Bürgermeisterin zuvor ebenfalls, die Wichtigkeit der Kommunikation innerhalb der Vereine.

Myriam Cecchetti von déi Lénk äußerte anschließend mehrere Fragen und Kritikpunkte bezüglich des *Wanterfeeling*-Events, einschließlich des Eintrittspreises, des Fehlens von Tageskarten, des Charakters des Events (Kultur- oder Markt ereignis), eines Debriefings in der Kulturkommission, der Motivation für freiwillige Helfer:innen beim Event, der Lautstärke im Zelt, der Auswahl ausländischer Künstler:innen, des Zustands der Wiese und der Zugänglichkeit für Menschen

mit Mobilitätseinschränkungen. Daneben wollte sie erfahren, warum der Kletterturm entfernt worden sei. Zuletzt kritisierte sie die Kommunikation bezüglich des Eintrittspreises auf dem Flyer und hinsichtlich der Parkmöglichkeiten für die Veranstalter-innen der am gleichen Wochenende stattfindenden Events. Zum Schluss erkundigte sie sich nach den aktuellen Plänen für das Sanemer Schloss und ob es in diesem Dossier Änderungen gegeben habe. Sie betonte, dass angesichts der neuen Regierung jetzt ein geeigneter Zeitpunkt für die Gemeinde sei, einzugreifen.

Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) bat zunächst darum, solch detaillierte Anfragen schriftlich einzureichen. Dies vereinfache es, ausführlichere Antworten zu erhalten. Sie konnte zudem nicht nachvollziehen warum die Veranstaltung ein Debriefing in der Kulturkommission benötige und informierte in diesem Rahmen, dass in allen Kommissionen nach ehrenamtlichen Helfer-innen aufgerufen worden sei. Die mit eingebundenen Helfer-innen aus den Vereinen würden dagegen bezahlt. Sie erklärte, dass das Wanterfeeling mehr als nur ein Markt oder nur eine Show sei, und wie der Titel es bereits besage, es alle möglichen Gefühle auslösen und Sinne ansprechen solle. Sie betonte, dass alle Konzerte von luxemburgischen Künstler-innen gespielt würden und verwies beim Grund für das Engagement einer ausländischen Firma auf die Verwendung eines Komplettpakets mit Zelten, Künstler-innen und Animationen. Zur Problematik der Parkmöglichkeiten ließ sie verlauten, dass die Rücksprache mit dem *Service Agent municipal* gut verlaufen sei und es weniger Probleme als in den vergangenen Jahren gegeben habe. Sie erwähnte weiter, dass eine eventuelle Drainage der Wiese schwierig sei, da das Gelände kein Gemeindeeigentum sei und daher keine Kosten-Nutzen-Analyse vorliege. Zur Zukunft des Schlosses gebe es derzeit keine neuen Informationen, so die Bürgermeisterin.

Der zuständige Schöffe für Gemeindeveranstaltungen Mike Lorang (CSV) ging danach kurz auf die Diskussion über den Eintrittspreis ein. Er habe von vielen Besucher-innen, u.a. beim Besuch der Delegation von der Partnerstadt Chaffailles aus Frankreich, das Feedback erhalten, dass man beim Wanterfeeling für 10 € sehr viel Programm angeboten bekäme. Er berichtete, dass trotz schlechten Wetters zwischen 9.000 und 10.000 Besucher-innen übers ganze Wochenende gekommen und 3.000 Tassen Glühwein verkauft worden seien, wobei zwei Drittel der Zahlungen per Karte erfolgten. Er unterstrich auch die stetig wachsenden Parkmöglichkeiten bei den P&R in der Umgebung, der Erweiterung einer Navette-Linie und Erhöhung der Shuttle-Frequenzen, und dass es deshalb nicht nötig sei, bis ins Zentrum von Sanem zu fahren. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) fügte dem hinzu, dass man kontinuierlich Verbesserungen anstrebe und dankte zum Schluss allen beteiligten Gemeindediensten für das gelungene Event.

Déi gréng-Gemeinderat Serge Faber stellte danach eine Frage zum Status der Baustelle bei der Ehleringer Schule. Er merkte an, dass der Bürgersteig fertiggestellt, beim Pfarrhaus aber aufgehört worden sei, und ob dies einen bestimmten Grund habe. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) bestätigte, dass das Projekt zum Abriss des Pfarrhauses bereits im letzten Jahr im Budget stand.

Abschließend wurden in der nichtöffentlichen Sitzung vier Personalfragen verabschiedet.



Audiodatei der Gemeinderatssitzung
WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2023



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

lundi, 27 novembre 2023

date de l'annonce publique: **20 novembre 2023**
 date de la convocation des conseillers: **20 novembre 2023**
 début: **15h00** fin: **16h45**

PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,
 M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam,
 M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve,
 M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Krippeler Max,
 Mme Logelin Anne, M. Lorange Mike, Mme Morgenthaler Nathalie,
 Mme Romeo Franca, Mme Speck-Braun Patricia
 Mme Manon Greven, secrétaire communale

ABSENT-S EXCUSÉ-S: Mme Schammo Mara

PREMIER VOTANT: M. Anen Gaston

— ORDRE DU JOUR

Assermentation d'un fonctionnaire communal.

1. Correspondance et informations.

2. Approbation d'un rapport (20 octobre 2023).

» **Vote unanime**

— FINANCES COMMUNALES

3. Présentation du budget rectifié 2023 et du budget initial 2024.

» **Prise de connaissance**

— TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

4. Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

» **Vote unanime**

5. Approbation du contrat de bail commercial avec le salon de coiffure dans le local au CIPA « Résidence op der Waassertrap ».

» **Vote unanime**

— FINANCES COMMUNALES

6. Approbation de divers subsides.

» **Vote unanime**

— **CIRCULATION**

7. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s.

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement des trottoirs dans la rue Scheierhaff, entre la Rocade de Differdange et le centre d'intervention CGDIS, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 24 novembre 2023 (Uo23/108).

» **Vote unanime**

— **OFFICE SOCIAL**

8. Approbation de l'augmentation des jetons de présence des membres du CA.

» **Vote unanime**

9. Approbation du budget rectifié 2023 et du budget 2024 de l'Office social de Sanem.

» **Vote unanime**

— **DIVERS**

10. Prise de connaissance des statuts: « BIELESER FLEI'H ».

» **Avis favorable – Catégorie 3**

11. Questions et divers.

— **SÉANCE À HUIS CLOS**

— **PERSONNEL**

12. Paiement d'une allocation de fin d'année (13^e mois) au personnel du Pedibus.

» **Allocation de fin d'année accordée**

.....



Gemeinderatssitzung Sanem

Montag, 27. November 2023

BELES – Im Mittelpunkt der heutigen Gemeinderatssitzung am 27. November 2023 stand ein besonders bedeutsamer Tagesordnungspunkt an: die Präsentation des rektifizierten Haushalts 2023 und der Budgetvorlage für das Jahr 2024. Daneben behandelte der Gemeinderat noch weitere 11 Punkte auf der Tagesordnung, darunter auch die Vorstellung des Budgets 2024 des *Office social*.

Zu Beginn der Sitzung wurde Christophe Mossong als neuer kommunaler Beamter im Umweltbüro von Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) vereidigt. Danach bat sie die ADR-Gemeinderätin Mara Schammo zu entschuldigen, die heute nicht anwesend sein konnte. Dann informierte die Bürgermeisterin ihre Kollegen im Gemeinderat über ein gemeinsames Athletikstadion der Kordallgemeinden (Differdingen, Käerjeng, Petingen und Sanem). Nachdem das Stadionprojekt vor einigen Jahren gescheitert sei, habe der neugewählte Schöffenrat der Nachbarstadt Differdingen eine neue Machbarkeitsstudie in Auftrag gegeben. Dementsprechend bestünde nun doch noch eventuell die Möglichkeit auf ein gemeinsames Stadion. Sobald sie konkrete Informationen zu diesem Projekt wie z.B. zum genauen Standort habe, werde die Bürgermeisterin den Gemeinderat darüber unterrichten.

BUDGET 2024

Traditionsgemäß wurde die Präsentation des rektifizierten Haushalts 2023 und des Budgets 2024 gemeinsam von Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) und Schöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) behandelt.

BÜRGERMEISTERIN SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP) BUDGET 2024: „KONTINUITÉIT A STABILITÉIT FIR D’GEMENG SUESSEM“

Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, léif Membere vun der Press, léif alleguer.

Ech fänken dëst Joer gär meng Ried u mat e puer Mercien. No de leschte Gemengewalen am Juni dëst Joer hu mer jo en neie Gemengerot gewielt an ech wollt jidderengem Merci soen, dee sech bis dëst Joer politesch an eiser Gemeng engagéiert huet a Member vum Suessemer Gemengerot war. Verschidde Leit hu sech net méi de Wale gestallt, anerer si net méi gewielt ginn an dofir hinnen all Merci fir hiert Engagement fir eis Gemeng Suessem.

Merci och un all eis Mataarbechter a Mataarbechterinnen, déi wierklech mat vill Energie an Asaz sech fir eis an hir Gemeng engagéieren, ob dat lo hei an de Servicer vun der Administratioun ass oder awer am Service Technique, der Maison relais oder eisem Altersheem. Mär sinn eis bewosst, dass et net ëmmer einfach ass jidderengem alles gerecht ze maachen, well och ëmmer méi Ufuerderungen u jidderee gestallt ginn, mä mär wëssen, datt déi allermeescht vun eisem Personal hiert Bescht ginn, fir am Sënn vun eise Bierger a Biergerinnen ze schaffen. Merci hinnen all.

Dir Dammen an dir Hären, eis Gemeng Suessem wüsst, datt ass net nei a mer wëssen duerch eis grouss Projeten um Belval an och soss nach a verschidde Quartieren an der Gemeng wäert eis Awunnerzuel nach méi lues a lues klammen. Op den 1.1.2024 wäerte mer eng Awunnerzuel vun 18.600 hunn, wat e Plus vun 267 Leit ass par rapport zum 1. Januar vun dësem Joer. Mär rechne mat dem 19.000. Awunner oder Awunnerin op den 31.12.2024.

Wat eist Personal ubelaangt, do hu mer dëst Joer am ganzen (CIPA an SEA inclus) 818 Leit op eiser Gehaltslëscht an Enn 2024 wäerten et der normalerweis 839 sinn, e Plus vun 21 Leit also.

1.742 Kanner sinn am Moment an eise Schoulen ageschriwwen an dovu ginn der 1.494 an eis SEA (Service d'éducation et d'accueil), eis Maison relais also, wat bal 86% ausmécht. Dat ass immens vill, well mär och keng Waardelëschten hunn an all Famill déi eng Plaz an enger scolariséierter Betreiuungsstruktur fir hiert Kand brauch, och eng kritt. Dat ass effektiv net an all Gemeng esou.

Derbäi hu mer nach an eise Gemenge-Crèche (am ganzen 3), säit November lo wou déi nei Crèche am Roude Wee opgaangen ass, 136 Kanner tëscht 2 Méint a 4 Joer.

Ech sinn immens frou, datt déi Majoritéite virun dëser, ëmmer mat Wäitsiicht geplangt hunn a viru 15-20 Joer scho gutt investéiert hunn. Si hunn et och schonns deemools fäerdeg bruecht, trotz der Finanzkris vun 2008 fir eis Gemeng sënnvoll ze investéieren, fir datt mer lo gutt Infrastrukturen hunn a gutt opgestallt sinn. Ech wollt ärch e puer grouss Investitioune hei hannendrun oplëschten.

Et ass sech virun 20 Joer net gescheit ginn, scho fréi Betreiuungsstrukture fir eis Kanner ze bauen, do wou anerer nach net dru geduecht hunn a wéi ech scho gesot hunn, hu mer weiderhi keng Waardelëschte bei de scolariséierte Kanner.



Eis Schoulen si praktesch all renovéiert an och um neiste Stand gesat, all Schoul ass mat informateschem Material ausgestatt (wat mer selwer bezuelen als Gemeng a net vum Staat rembourséiert kréien).

Eis Investitioune sinn ëmmer op héijem Niveau gehale ginn a ganz vill Infrastrukture goufe gebaut.

Mär hu praktesch an all Deel vun eiser Gemeng Kulturzentren, Raim wou eis Veräiner sech treffe kënnen an hiren Aktivitéiten nogoe kënnen, fir all Fussballveräiner en adequaten Terrain an och deen eenzegen net syntheteschen hu mer jo wëlles ze änneren, soubal d'Situatioun et do erlaabt a mer kënnen Ännerunge maachen.

Mär hunn eise flotten Artikuss zu Zolwer, wou eis Kulturveräiner an engem bescht ekipéierte Sall eng super Méiglechkeet hunn hir Concerten oder Theatervirstellungen oder soss kulturell Manifestatioune ofzehalen. All eis Museken hunn e Musekssall, wou mer och Adaptatioune wärte maachen, wa se gebraucht ginn.

Um Site vum Kuss hu mer e modernen Turnsall fir eisen Turnveräin, eise Basketsveräin huet eng grouss Hal do, mat enger flotter Buvette, déi och nach soss ka profitéiert ginn, hannert dem Kuss, eisen Athletikterrain fir den CA Bieles, wou och ëmmer moderniséiert gëtt. Déi aner Säit huet den

Tennisveräin hir Terraine bannen a baussen, an natierlech och eis Schoulschwämm, déi wuel net méi duer geet fir all eis Kanner, mä wou mer och wëlles hunn ze investéiere fir eng weider Schoulschwämm (ausserdeem kréie mer an Zukunft am neie Centre sportif um Belval och Plagë fir mat eise Schoulkanner dohi schwammen ze goen).

Um Kanner-campus an zu Suessem hu mer 2 weider modern Halen, wou eis Sportsveräiner (ënner anerem den Handball) an och Schoulkanner ideal Konditioune hu fir hirem Sport nozegoen.

Mär hunn eng Pumptrackpist, e Skatepark um Belval, eng flott grouss Spillplaz um Gaalgebierg, wou och nach vill flott Spadséierweeër sinn, an all Deel vun der Gemeng si Spillplaze fir eis Kanner, um Belval e flotte Park mat vill Spillméiglechkeete fir Grouss a Kleng, Jonk an Al, an och fir eis Kanner mat spezifesche Besoinen.

Mär hunn eng Maison sociale, déi och an e puer Joer um Belval en neit Doheem fënnt. Wunnenge fir eeler Leit an och soss hu mer méi sozial Wunnengen ageriicht fir och do eisem sozialen Engagement nozegoen.

Mär hunn am Ganzen an der Gemeng Suessem 365 Flüchtlingen opgehall a sinn domat no der Staat Lëtzebuerg un 2. Stell. Mär huelen domat och hei eis Responsabilitéit.

Natierlech gi mer als Gemeng och Subsiden un eis Awunner an Awunnerinnen, sief dat fir Elektrovëloen, Schoulsusidien oder am Beräich vun der Allocation de vie chère, wou mär als Gemeng 70% vun dem Montant deen de Fonds national de solidarité gëtt, also och vill méi wéi eis Nopeschgemengen, oder och am Beräich vun den erneierbaren Energië fir och dem Klimawandel gerecht ze ginn, wat och fir eis e ganz wichtegt Element ass.

Mär hunn um Matgesfeld e flotte Site amenagéiert, wou nieft de Gemeinschaftsgäert en Ëmwelt- a Bildungszenter ass a wou ganz vill am Beräich vun der Ëmweltpolitik geschafft gëtt fir Grouss a Kleng.

Natierlech si mer och andauernd amgaangen eis Infrastrukturen, wéi eis Stroossen an och ënnert de Stroossen a Stand ze halen. Dat dréit natierlech verschidde Chantiere mat sech, déi noutgedrongen heiandsdo och mol e Verkéiersproblem mat sech bréngen.

Dat awer alles am Sënn fir eisen Awunner an Awunnerinnen eng gutt Liewensqualitéit an eiser Gemeng ze garantéieren. An ech ginn es och do net midd ze soen, datt d'Gemeng Suessem eng Gemeng ass wou et sech gutt liewe léisst vu ganz kleng bis ganz al.

Firwat zielen ech ärch dat heite lo alles? Ma fir ärch ze weisen, datt mär och an Zäite wou lo Geld eventuell net sou do ass fir

Nice to have-Projeten ze maachen, mår als Gemeng ganz vill Infrastrukturen hunn a net nach vill Neies mussen derbåi bauen, oder investéieren, well mår als Gemeng Suessem ganz gutt opgestallt waren an eben och fir d'Zukunft sinn.

Natierlech behale mår als Schäfferot eis finanziell Situatioun ganz genee am A. A wéi ech sou dacks soen, mår hale Fouss bei Mol.

Wéi steet et awer lo ëm de Budget rectificié 2023 an de Budget 2024? Ech kéim dann elo bei den Hauptplat, bei d'Zuele vun eisem Budget. A mår maachen dat och an der Kontinuitéit, Madamm Morgenthaler iwwerhëlt d'ordinär Zuelen an ech no hir den extraordinären Deel.

	Initial 2023	Initial 2024	Δ en%	Δ en€
Recettes ordinaires	106.657.061	116.217.818	9%	9.560.757
Dépenses ordinaires	99.572.040	108.671.686	9%	9.099.647
Boni	7.085.021	7.546.131	7%	461.110
Recettes extraordinaires	23.499.937	11.715.214	-50%	-11.784.723
Dépenses extraordinaires	43.009.388	40.640.453	-6%	-2.368.935
Mali	-19.509.452	-28.925.239	-48%	-9.415.787
Résultat OR + EX	-12.424.430	-21.379.108		
Résultat N-1	13.919.743	30.758.072		
Résultat N	1.495.313	9.378.964		

Budget 2024: Résultat

Op dësem Slide gesäit een eis allgemeng finanziell Situatioun vum Budget initial 2024 am Verglach mam Budget initial vun 2023. Opfälleg ass, dass eisen ordinäre Boni ëm 7% geklommen ass par rapport zum Budget initial vun 2023 an sech elo op ronn 7,5 Milliounen Euro chiffriert. An dësem Kontext bléift ze bemierken, dass trotz sämtleche Präissteigerungen (Syndikater, Matière-première, Energiepräisser, Iesswueren, Indexranchen etc.), mir et gepackt hu bei eisem ordinäre Boni e Plus par rapport zum Initial 2023 ze verzechnen. Wéi och schonn an der Presentatioun an der Finanzkommissioun gesot, hu mir e Gesamtpersonalkäschtepunkt vu ronn 68,8 Milliounen Euro, wat 63,33% vun eisem ordinäre Budget ausmécht. Ech géif awer op dëser Plaz och gare betounen, dass mir als Gemeng e Centre Intégré pour Personnes Agées (CIPA) hunn. Rechent een déi Personalkäschten eraus, komme mir op e Ratio vu 60,26% vun eisem ordinäre Budget. An dee kann een dann och méi gerecht mat anere Gemenge vergläichen, dee keen CIPA an Eegeregie hunn. Ausserdeem fannen ech wichteg ze bemierken, dass mår als Gemeng Suessem, anescht wéi aner Gemenge ganz viles an eegener Regie maachen, mår kache mat eisem Personal am SEA an dem CIPA, botzen och mat Personal wat mår agestallt hunn,

hunn en eegene Service, dee sech ëm Chancëgläichheet an Diversitéit këmmert an och ee Service dee sech ëm eis Seniore këmmert, wat anerwärts och mol outgesourct ass.

D'Madamm Morgenthaler wäert zu eise Personalkäschte méi spéit nach Erklärungen ginn.

Am extraordinären Deel ginn eis Recetten am Initial 2024 ëm ronn 12 Milliounen erof par rapport zum Initial 2023, dës gréisstendeels, well mir d'Participatioun vun den zukünftege potentielle Keefer um Belval Sud fir de Lot 6 an 11 réischt zu engem spéideren Zäitpunkt wäerte kréien. Dir wësst all, dass d'Situatioun um Immobilie Marché am Moment ganz ugespaant ass a mir leider net kënne virausgesinn, wéini sech d'Situatioun entspaant, d'Projeten um Belval all realiséiert sinn a mir eis Sue wäerte kréien.

D'Participatioun vum Staat, déi mat 3,1 Milliounen chiffriert ass, fannt dir awer am Rectifié 2023 erëm, well mir dovunner ausginn, déi nach bis d'Clôture vum Exercice 2023 Enn Abrëll 2024 ze kréien. Des Weideren hate mir am Initial 2023 de ganze Subsid vum Kannercampus dran, wou mir och en Deel 2023 kruten an de reschtlechen Deel fannt dir am Initial 2024 erëm.

Eis extraordinär Depense sinn och ëm ronn 2,4 Milliounen par rapport zum Budget initial 2023 gefall. Dëst weist, dass mir och dëst Joer am Budget net iwwert eis Moosse schloe wäerten. Méi Detailler dozou wäert ech iech da méi spéit ginn.

Wann een elo de Rectifié am Extraordinäre vun 2023 kuckt, komme mer op 86,78% d.h. vun de 43.009.388,38€ déi 2023 am Budget initial stoungen, sinn der 37.324.524,43€ déi realiséiert ginn, wat jo en exzellent Resultat ass. De Gros wat geplangt ginn ass, ass och sou realiséiert ginn. Ech wéilt op dëser Plaz och dofir all eise Servicer dofir e grouse Merci soen.

Hei e puer grouss Projeten déi am Rectifié 2023 stoungen:

- Reamenagement vum Jugendhaus
- Aménagement du sentier historique des mineurs à Belvaux (och wann nach d'Struktur spéitstens am Mäerz 2024 installéiert gëtt, leeft Depense nach op d'Budgetsjoer 2023)
- Déi nei Plaz ronderëm de Centre Culturel am Metzlerlach
- 30km/h Tempolimit rue de Mondercange à Ehlerange
- Ufank Belval Nord (Geiben)
- Achat d'immeubles (Haus 15, Rue Léon Kauffman)
- Suessemer Fussballterrain
- Revêtement du bois du Sportikuss à Soleuvre

fir lo nëmmen déi ze nennen.

Mir hunn iech zwee Projeten erausgepickt, wou en Devis supplémentaire huet misse gestëmmt gi par rapport zum Devis initial, fir ärch ze weisen, datt bei verschidde Projeten eng Präisdeierecht komm ass, déi net an eiser Hand loung, dat ass eemol de Projet vum Waasserbaseng an der rue du Bois zu Bieles, deen 30 % méi deier ginn ass (+53.000€) par rapport zu sengem Devis initial vun 175.000€. De Reamenagement vun der G.D. Charlotte, Dicks-Lentz an der Garer Strooss zu Bieles ass ëm ganzer 42 % (+2.507.077,42 €) dépasséiert par rapport zum Devis initial vun 5.990.000€. De Chantier vun der G.D. Charlotte Strooss huet 2017 ugefaangen an do hate mer e Salaires- Index an der Branche vum Gros-Oeuvre a dem Génie civil vu 794,54, haut hu mer en Index vun 921,40.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, datt de Mali vum extra-ordinären Deel vun -21.379.107,55€ méi ewéi opgefaange gëtt vun engem steigenden ordinäre Boni vu ronn 7,5 Milliounen Euro an engem zolitte Resultat vum Budget rectifié 2023 vu bal 31 Milliounen Euro. D'Resultat fir 2024 beleeft sech also op ronn 9,4 Milliounen Euro an ënnersträicht e kontinuëierlechen Opwärtstrend, dëst duerch haaptsächlech eise virsiichtegen a gewëssenhaften Ëmgang mat de Gemengefinanzen. Als Rappel, de Boni definitiv am Joer 2022 louch bei 718.810,27€, am Joer 2023 bei 1.495.313,16€ a wéi scho gesot viraussichtlech am Joer 2024 bei 9.378.964,42€.

Ech ginn da lo der Madamm Nathalie Morgenthaler d'Wuert fir den ordinäre Budget vun 2024.

**SCHÖFFIN
NATHALIE MORGENTHALER (CSV)
UERDENTLECHE BUDGET 2024**

Wéi all Joer presentéieren ech Äech dann elo den uerdentleche Budget. Fir unzefänken, wéilt ech gäre vun der Geleeënheet profitéiere fir all eise Matuarbechter-innen e grouse Merci ze soe fir déi gutt Zesummearbecht während dem vergaangene Joer souwéi och elo bei der Opstellung vum Budget 2024.

Mär hunn eise Servicer wuarm un d'Häerz geluecht, ee realist-esche Budget opzestellen, een deen effektiv realiséierbar ass. Domat ass esouwuel de Budget wéi och den Zäitplang gemengt. Wa mär wësse wéi laang verschidden Autorisatioune brauchen, wësse mär och méi oder wéineger besser wat dat Joer drop iwwerhaupt ëmsetzbar ass.

Da wéilt ech awer och dem Mathias JAENISCH an dem Nathalie CENCETTI mat hirer ganzer Ekipp aus dem Finanzservice villmools Merci soe fir hir zuverlässig Uarbecht iwwert d'gant Joer an och erëm bei der Opstellung vun dësem Budget.

01.12.2023	Vote des budgets par le Conseil communal.
27.11.2023	Présentation des budgets par le Collège des bourgmestre et échevines au Conseil communal.
17.11.2023	Arrêt des travaux budgétaires.
16.11.2023	Délai pour la remise de questions et de propositions.
13.11.2023	Présentation des budgets à la Commission des finances et au Conseil communal.
08.11.2023	Remise des documents à la Commission des finances et au Conseil communal.
09.2023	Explications relatives aux crédits sollicités par les services communaux (12 réunions).
25.08.2023	Remise des documents avec les crédits sollicités par les services communaux.
16.06.2023	Remise des documents aux services communaux.

Timeline

Op dësem Slide gesitt Där den Oflaf vun eise Budgets-preparatiounen. Eis Servicer hu misste bis de 25. August hir Budgetsvirstellungen eraginn, déi si am Laf vum Mount September a ronn 12 Sëtzungen an de Schännerot virstellen a verdeedege komm sinn. No der Analys vun eiser finanzieller Gesamtsituatioun huet de Schännerot ganz nom Motto „en bon père/mère de famille“ gehandelt a verschidde stuart Decisioune missten huelen.

Den 13. November 2023 sidd Där als Gemengerot, zesumme mat der Finanzkommissioun, méi genee an d'Bild vun eise lafenden Uarbechte gesat ginn a konnt och erëm dëst Joer d'Geleeënheet notzen Är Froen a Suggestiounen eranzeginn. Tëschent dem 8. a 16. November hat Där also eng knapp Woch laang Zäit fir Proposen eranzeginn. Froen hu mär selbstverständlech och nach dono ugeholl an et ass och guer kee Problem wann der haut nach sollte gestallt ginn.

	Compte 2022	Initial 2023	Rectifié 2023	Initial 2024	Diff I24/R23	Diff I/I
ICC	-	-	+12,7% (2022)	+3,7% (2022)	-	-
ICC	2.576.400	1.334.946	2.903.603	2.671.727	-231.876	1.336.781
FDGC	-	-	+12,8% (2022)	+15,1% (2022)	-	-
FDGC	57.177.400	60.159.134	64.496.107	65.811.188	1.315.080	5.652.054
Total	59.753.800	61.494.080	67.399.710	68.482.915	1.083.204	6.988.835

Variations Circulaire N° 2023-137

D'Circulaire N° 2023-137 gesäit am Rectifié 2023 bei der Gewerbesteier (ICC: Impôt commercial communal) eng Steigerung vun 12,7% am Verglach zum Compte vun 2022 an am Budget 2024 eng Steigerung vun 3,7% am Verglach zum Compte vun 2022 vir.


Beim FDGC (Fonds de dotation globale des communes) ass am Rectifié 2023 eng Steigerung vun 12,8% am Verglach zum Compte vun 2022 virgesinn an am Budget 2024 eng Steigerung vu 15,1% am Verglach zum Compte vun 2022.

An absolutten Zuelen heescht dat also, dass den ICC am Initial 2024 op ronn 2,7 Milliounen klëmmt an den FDGC op ronn 65,8 Milliounen.

Wann een elo den Initial 2024 mam Rectifié 2023 vergläicht, fält den ICC ëm ronn 232.000€ an den FDGC klëmmt ëm 1,3 Milliounen.

Vergläicht een den Initial 2024 mam Initial vun 2023, esou klëmmt den ICC ëm ronn 1,3 Milliounen an den FDGC klëmmt ëm ronn 5,7 Milliounen.

Mär gesinn also kloer, dass eis Haapteinnam weiderhi konstant klëmmt trotz de makroekonomeschen a geopoliteschen Entwécklungen (Energie- a Klimakris, Inflatiou, Produktiounsenkpäss, Krich etc.), deene mär ausgesat sinn.




Évolution DO + ICC + FDGC

Hei gesitt Där déi ganz Entwécklung visuëll duergestallt. Deen ieweschte Stréch symboliséiert d'Entwécklung vun eisen uerdentlechen Ausgaben.

De Stréch N° 2 ass de FDGC deen am Initial 2024 op en Total vu ronn 65,8 Milliounen kënnt an de Stréch N° 1 steet fir den ICC, deen 2024 mat ronn 2,7 Milliounen verbucht ass.

De Stréch N° 3 ass den Total vum Stréch N° 1 an N° 2 Stréch zesummen.

Komme mär elo zu der Presentatioun vum uerdentleche Budget, woubäi och Vergläicher mam Budget rectifié vun 2023 gezu wäerte ginn.



Dépenses ordinaires 2023/2024

Dëse Slide weist ganz einfach d'Evolution vun den uerdentlechen Ausgabe vum Compte 2022, dem Budget initial vun 2023, dem Budget rectifié vun 2023 an der Previsioun fir 2024.

Schlussendlech ass 2023 1% manner ausgi gi wéi ufanks geplangt, dat heescht ronn 98,6 Milliounen amplaz vu ronn 99,6 Milliounen, mee fir 2024 ass eng Progressioun vun 10,24% p.r. zum Rectifié 2023 virgesinn, dat heescht am Ganze ronn 108,7 Milliounen.

Komme mär elo zum Detail:

Synthèse par fonctions en Euro	2022 Compte NPC	2023 Initial NPC	2023 Rectifié NPC	2024 Initial NPC	I24 p.r. R23	I24 p.r. I23
1 Services généraux des administrations publiques	18.979.430	22.490.954	22.202.286	24.345.378	9,65%	8,25%
2 Protection sociale	22.333.711	27.012.155	26.741.692	29.633.909	10,82%	9,71%
3 Ordre et sécurité publique	1.109.425	1.235.331	1.251.184	1.562.456	24,88%	26,48%
4 Affaires économiques	2.887.380	3.678.073	3.377.941	4.647.924	37,60%	26,37%
5 Protection de l'environnement	4.743.925	5.290.842	5.451.854	5.877.588	7,81%	11,09%
6 Logements et équipements collectifs	9.400.879	11.036.520	11.097.332	12.051.020	8,59%	9,19%
7 Santé	13.460.119	14.872.965	14.736.997	15.725.309	6,71%	5,73%
8 Loisirs, culture et culte	6.480.377	6.804.400	6.713.126	7.096.802	5,72%	4,30%
9 Enseignement	5.529.185	7.150.800	7.001.212	7.731.300	10,43%	8,12%
Codes Techniques	202.868	-	-	-	0,00%	0,00%
Total	85.127.299	99.572.040	98.573.623	108.671.686	10,24%	9,14%

Dépenses ordinaires 2023/2024

Hei gesitt Där d'Ausgaben, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature.


Ënnert anerem gesitt Där och de Verglach vum Initial 2024 op de Rectifié 2023 an den Initial 2024 am Verglach zum Initial 2023 an deenen zwou leschte Kolonnen.

Déi dräi Haaptausgaben am Initial 2024 si schwuarz agerummt a fënnt een am Kapitel 1 „Services généraux des administrations publiques“, Kapitel 2 „Protection sociale“ a Kapitel 7 „Santé“.

Dëst ass och keen Zoufall, well an dese Funktiounen d'Personalkäschte vun der Verwaltung an dem Service Technique, dem SEA (Service d'éducation et d'accueil pour enfants) an dem Altersheem dra sinn.

Dës maachen zum Beispill am 1. Kapitel 65% vum Total vun deene ronn 24,3 Milliounen aus, am 2. Kapitel 75% vum Total vun de ronn 29,6 Milliounen an am 7. Kapitel esouguer 82% vum Total vun deene ronn 15,7 Milliounen aus.

Op d'Personalkäschte wäerte mär an den nächste Sliden och nach méi genee agoen.



Dépenses ordinaires 2023/2024

Op dëser Grafik gesitt Där nach eng Kéier d'Evolutioun vum Budget 2024 p.r. zum Rectifié 2023 visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.

Déi gréisste Variatioun a Prozentsätz ausgedréckt, fënnt ee beim Kapitel 4 „Affaires économiques“, e Plus vu 37,6%, déi ronn 1,3 Milliounen ausmaachen. Dee gréisste Batz dovou kënnst duerch d'Steigerung beim TICE vu 54,53%, wou elo am Initial 2024 ronn 3,4 Milliounen als ordinär Ausgab drastinn.

Déi zweetgréisst Variatioun fënnt ee beim Kapitel 3 „Ordre et sécurité publique“ erëm, mat 24,88% oder an Zuelen ausgedréckt ronn 311.000€, wou d'Neischaafung vun zwee Posten, souwéi d'Participatioun um CGDIS mat dra sinn. Laut Circulaire N° 2023-137 ass dës Participatioun am Verglach zum Compte 2022 ëm 24% geklommen a steet elo bei ronn 1,03 Milliounen.

Déi drëtgréisst Variatioun a Prozentsätz fënnt ee beim Kapitel 2 „Protection sociale“ erëm mat 10,82% oder an Zuelen ausgedréckt eng Steigerung vu ronn 2,9 Milliounen, wou eise Subsid un den Office social ëm 15,7% geklommen ass an elo an absolutten Zuele bei 775.000€ läit, souwéi d'Personalkäschte vun eise Maison-relaisen, déi ëm 12,02% geklomme sinn a bei 22,2 Milliounen leien. Des Weidere sinn d'Iessenskäschte fir d'Maison-relaisen och extrem op ronn 1,8 Milliounen geklommen, wat eng Steigerung vun 19,5% duerstellt.

En anere Käschtepunkt deen ab dem 1.11.2023 ufält, ass de Loyer fir d'Crèche Rouge Wee. De Contrat de Bail heizou gouf jo och am leschte Gemengerot gestëmmt. Am Budget 2024 steet op dësem Posten eng Ausgab vu ronn 134.000€.


D'Kapitel 9 „Enseignement“ geet ëm 10,43% erop, wat e Plus vu ronn 730.000€ bedeit. Do sinn d'Paie vum Personal déi eng Aarbecht an eise Schoulgebaier verriichten, d'Leit vum Pedibus an d'Funktiounskäschte fir eis Schoul-Kolonie mat dran.

D'Kapitel 1 „Services généraux des administrations publiques“ geet ëm 9,65% erop oder an Zuelen ausgedréckt ass dat e Plus vun 2,1 Milliounen, wat gréisstendeels op d'Replacementer an neie Posten an der Administratioun an dem Service technique zeréckzeféieren ass, wat eleng eng Steigerung vu 785.100€ ausmécht. En anere Käschtepunkt deen an d'Gewiicht schléit, ass d'Participatioun um SIGI, déi am ganzen ëm 10,95% op ronn 797.000€ klëmmt.

Schlussendlech verzeechne mär am Kapitel 6 „Logements et équipements collectifs“ e Plus vun 8,59% oder 954.000€, duerch gréisstendeels d'Neischaafung oder Replacementer vu Posten a sämtleche Servicer déi op d'Kategorie 6 ventiléiert ginn. Servicer déi hei betraff sinn, sinn z.B. Places publiques (621), Verkéier (622), Stroossen (624), Kierfecht (626) an de Waasserservice (630).

Op de kommende Slide gi mär méi genee op Budgetsposten an, déi eng däitlech Steigerung verzeechnen. Ugefaange mam CGDIS an 2 Syndikater, dem SIGI an dem TICE. Dono kucke mär méi genee op den Etablissement public Office social, d'Subside fir zwou Kategorië vu Veräiner (kulturell Veräiner a Sportsveräiner), d'Evolutioun vum sougenannte Grompergeld an zu gudder Lescht d'Iessenskäschten am SEA an CIPA.

Hei da verschidde Posten am Detail:




Participation aux frais à caractère général – CGDIS

Hei gesitt Där dann den Detail vun der Participatioun un den Onkäschte vum CGDIS.

D’Circularaire N° 2023-137 gesäit eng Steigerung vu 24 % vum Initial 2024 am Verglach zum Compte 2022 vir, wat fir eis an absolutten Zuelen eng Steigerung vu ronn 200.000€ bedeit.

Am Verglach zum Rectifié 2023 klëmmt den Initial ëm knapp 11,41% op en Total vu ronn 1.034.000€.




Syndicat – SIGI

Hei gesitt Där d’Evolutioun vun de Käschte vum SIGI, déi mär als Gemeng droen.

D’Käschte belafe sech am Initial 2024 op ronn 797.000€ a sinn domat 11% am Verglach zum Rectifié 2023 geklommen.


Mär gesinn awer och, dass eng konstant Steigerung iwwer Jore scho Realitéit ass. Sou sinn z.B d’Käschte vum Compte 2021 bis zum Initial 2024 ëm ronn 217.000€ geklommen oder a Prozenter ausgedréckt, ëm 37,25%.

Ënnert den Total falen heibäi d’Locatioun vun de Logiciellen (z.B. Gescom), d’Participatioun un de „Frais d’exploitation“ vum SIGI a Computerausgaben, wou d’Lizenze vu Microsoft beispillsweis drënnerfalen.



Syndicat – TICE

Beim TICE gesi mär och eng däitlech Steigerung vum Initial 2024 am Verglach zum Rectifié 2023 vu 54,53%. An absolutten Zuele mécht dës Steigerung ronn 1,2 Milliounen aus an ass op engem héije Level vu ronn 3,4 Milliounen. Dës Steigerung erkläert sech duerch déi rezent Entwécklung vum Index, d’Pensiounskeess, d’Präisdeierecht vu Gas an Diesel, mee och duerch eng Provisioun vum CET déi ugeluecht huet misste ginn, opgrond vun enger Remark vum Contrôle.



Office social

Am Budget 2024 ass de Subside fir den Office social mat 775.000€ chiffriert. Dës bedeit eng Steigerung vun 105.000€ an absolutten Zuelen an a Prozenter ausgedréckt eng Steigerung vu ronn 15,7%.


Dës Steigerung ass en gros duerch déi klammend Personalkäschten ze erklären.

De Personalschlüssel an der Aide sociale ass op den 01.01.2023 ëm 50 % erhéicht ginn. Esou dass 1,5 ETP beim soziale Personal an 0,75 ETP beim administrative Personal bäikomm sinn.

Dëst Personal ass méi spéit am Joer 2023 age stellt ginn (Abrëll, Juli a September), esou dass de Chiffer fir 2024 däitlech méi héich ausfällt.

Des Weidere wäerten d'Secoursen, d'finanziell Hëllef en also, fir 2024 fir d'Beneficiairë vum Office social duerch d'Präisdeierecht eropgoen.

Schlussendlech huet d'Gemeng eng nei Konventioun SOP 2023 ënnerschriwwen, déi virgesäit dass d'Gemeng net nëmme wéi bis elo 10 Stonne vum administrative Personal beim OS bezilt, mee elo 50 Stonnen.




Subsides des associations locales (2022-2024)

Mär hunn Äech an dësem Slide representativ fir eis 57 Veräiner zwou grouss Ënnerdeelungen erausgepickt, déi vun de 24 Sportsveräiner (Kompetitioun a Fräizäitsport) an déi vun den 20 kulturellen a sozio-kulturelle Veräiner a 5 Syndikater an Ententen (Subsidelëscht vun 2022), well se ronn 86 % vun der Unzuel u Veräiner duerstellen.


Wann een e Bléck op d'Subsid vum deene 57 Veräiner gehäit, stellt ee fest, dass dës säit Jore konstant klammen.

Dësen Ausschnëtt vun de Subsidie betrëfft d'Joren 2022-2024. Well d'Subsiden indexgebonne sinn, kënnen mär hei eng däitlech Steigerung feststellen. Fir kulturell Veräiner ass et vum Budget rectificié 2023 op de Budget initial 2024 eng Steigerung vun 28.000€ oder 45,16 % a fir Sportsveräiner ass et eng Steigerung vu ronn 13.500€ oder 12,3 %, fir dës 49 Veräiner also am Ganzen eng Steigerung vu 24 %.



Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux

Dëse Slide weist eis eng aner uerdentlech Ausgab, déi mat de Jore gewuess ass, „d'Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux“ oder am Volleksmond „Gromperegeld“ genannt. Dës Ausgab ass méttlerweil op engem zolitte Betrag vun 850.000€ am Budget initial 2024. Wéi Där all wësst, gëtt dës Subventioun säit 2019 mat 70 % vum Betrag vun der „Allocation de vie chère“, deen d'Bierger oder d'Biergerin vum „Fonds National de Solidarité“ kritt, berechent.



Coûts de repas

Een anere Posten, deen och an d'Gewiicht fällt, sinn d'Iessenskäschte fir eis SEAen an de CIPA.

Fir 2024 ass hei eng Gesamtsteigerung an absoluten Zuelen am Initial 2024 am Verglach zum Rectifié 2023 vu ronn 310.000€ ze verbuchen, wat enger Steigerung vu 15 % entsprécht.

Dës Käschten si virun allem an d'Luucht gaangen, well d'Iesswueren e gudde Batz méi deier gi sinn.

Syndicat/ Établissement public	Compte 2022	Initial 2023	Rectifié 2023	Budget 2024	Δ I24 p.r. R23
GECT	10.000	12.500	12.500	12.500	0,00%
MINETTKOMPOST	230.643	230.643	230.643	233.331	1,17%
ORT-SUD	20.758	20.821	20.821	21.275	2,18%
PRO-SUD	49.597	71.671	71.671	68.032	-5,08%
SIACH	910.445	1.038.210	907.478	1.059.246	16,72%
SICEC	1.736	2.250	2.156	2.250	4,38%
SICONA	38.572	41.227	41.227	43.545	5,62%
SIGI	219.524	233.049	233.802	265.201	13,43%
SIGI	271.906	301.357	301.357	340.001	12,82%
SIGI	259.137	182.763	182.763	191.345	4,70%
SIKOR	35.790	35.898	36.666	36.666	0,00%
SIVEC	872.469	819.077	1.035.000	1.091.451	5,45%
SIVEC	-	130.000	130.000	110.000	-15,38%
SIVEC	568.176	641.185	641.185	660.365	2,99%
SYVICOL	35.790	39.488	39.488	40.350	2,18%
TICE	1.854.531	2.191.003	2.191.003	3.385.671	54,53%
ZARE	152.000	282.000	-	-	0,00%
Total	5.531.074	6.273.142	6.077.759	7.561.228	24,41%

Syndicats – Dépenses ordinaires

Diese Slide weist d'Evolution am uerdentleche Budget vun eise Syndikater an zwuar den Initial 2024 am Verglach zum Rectifié 2023.

Déi gréisste Progressioun a Prozenter ass beim TICE ze fannen. Wéi scho virdrun detailléiert, mécht dës Steigerung vum Initial 2024 op de Rectifié 2023 1,2 Milliounen oder 54,53% aus.

Den SIACH geet och ëm 16,72% an d'Luucht an d'Participatioun beleeft sech méttlerweil op iwwert 1 Millioun.

E weidere Posten, deen an d'Ae stécht, ass wéi scho präziséiert de SIGI. Beim SIGI verbuche mär e Plus vun 13,43%, respektiv 12,82% a 4,70% wat an Zuele ronn 78.600€ entsprécht. Erklärungen dozou hat ech Äech jo scho virdu ginn.


Dee gréisste Minus a Prozentsätz ass beim SIVEC ze verzechnen, dëst mat -15,38% am Verglach zum Rectifié 2023 oder an absoluten Zuelen e Minus vun 20.000€.

E weidere Minus ass am PRO-SUD ze verzechnen, nämlech 5,08%, well déi allgemeng Ausgaben 2024 erfoginn an da proportional pro Awunner-in op d'Gemenge verdeelt gëtt.

Opfälleg ass och nach e weidere Posten, den ZARE, dee bei 0€ bleift. Dës Ausgab gëtt jo egalwéi duerch déi extraordinär Einnahmen ausgeglaach.

Allgemeng sief ze bemierken, dass déi uerdentlech Ausgabe bei de Syndikater an d'Luucht ginn an dat mat 24,41% am Ganzen, wat enger Steigerung vu ronn 1,5 Milliounen entsprécht.

Komme mär elo zu den uerdentlechen Einnamen.



Recettes ordinaires 2023/2024

Hei fannt Där déi graff Entwécklung vun eisen uerdentlechen Einnamen aus dem Compte 2022, dem Budget initial vun 2023, dem Budget rectifié vun 2023 an der Previsioun fir 2024.

Am Rectifié 2023 si 6,7% méi erakomm (am Ganzen 113,9 Milliounen) wéi am Initial 2023 geplangt (106,7 Milliounen). Fir 2024 gesi mär 2,08% méi uerdentlech Einnahme vir wéi am Rectifié 2023 an 8,96% méi wéi am Initial 2023, dat heescht am Ganzen 116,2 Milliounen.

Synthèse par fonctions en Euro	2022 Compte NPC	2023 Initial NPC	2023 Rectifié NPC	2024 Initial NPC	I24 p.r. R23	I24 p.r. I23
1 Services généraux des administrations publiques	62.214.349	63.818.587	69.973.819	71.164.325	1,70%	11,51%
2 Protection sociale	15.286.606	15.569.563	15.852.679	16.762.394	5,74%	7,66%
3 Ordre et sécurité publique	-	-	-	200	0,00%	0,00%
4 Affaires économiques	1.090.536	1.362.530	1.144.503	1.243.991	8,69%	-8,70%
5 Protection de l'environnement	4.946.415	5.193.750	5.096.252	5.130.700	0,68%	-1,21%
6 Logements et équipements collectifs	4.276.771	4.671.035	4.794.930	4.710.972	-1,75%	0,85%
7 Santé	14.363.447	14.711.043	15.231.493	15.726.171	3,25%	6,90%
8 Loisirs, culture et culte	477.499	254.940	447.894	335.951	-24,99%	31,78%
9 Enseignement	1.066.316	1.075.614	1.122.223	1.143.114	1,86%	6,28%
Codes Techniques	156.590	-	190.783	-	-100,00%	0,00%
Total	103.878.528	106.657.061	113.854.575	116.217.818	2,08%	8,96%

Recettes ordinaires 2023/2024


Dëst ass d'Tabell mat den Einnamen, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature.

Opfälleg sinn d'Posten am Kapitel 1 „Services généraux des administrations publiques“, Kapitel 2 „Protection sociale“ a Kapitel 7 „Santé“, déi kloer dee gréisste Batz un uerdentlechen Einnamen ausmaachen.

An der Funktioun 1 steet d'Dotatioun vum Stat mat 65,8 Milliounen an den ICC mat 2,7 Milliounen, wat scho 96,23 % vum Total an der Funktioun 1 ausmécht.

An der Funktioun 2 stinn d'Allocatiounen vum Stat fir d'SEAen, déi eleng scho ronn 15,4 Milliounen oder 92,11 % ausmaachen.

Zulescht steet an der Funktioun 7 „d'Assurance dépendance“ mat 9,5 Milliounen, wat 60,41 % vum Total an der Rubrik „Santé“ ausmécht.



Recettes ordinaires 2023/2024

Op dësem Grafik gesitt Där d'Evolutioun vum Budget 2024 p.r. zum Rectifié 2023 visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.

Bei der 3. Rubrik „Ordre et sécurité publique“ läit d'Variatioun bei Null, dowéinst fënnt een dëst Kapitel an dësem Grafik net erëm.

Vun de Prozentsätz hir sinn déi gréisste Variatiounen beim Kapitel 8 „Loisirs, culture et culte“ ze fannen. Dës uerdentlech Einnahme ginn am Budget 2024 am Verglach zum Rectifié 2023 ëm 24,99 % erof, well mär fir d'Kulturjoer Esch 2022 déi rechtlech Einnahme vun 120.000 € am Rectifié 2023 erakréien.

Vum Betrag hir ass déi gréisst Ännerung bei der Rubrik 1 „Services généraux des administrations publiques“ erëmzefannen, och wann dat „nëmmen“ eng Variatioun vun 1,70 % ausmécht. Dorënner lafen nämlech d'Gewerbesteier an de FDGC, woubäi do, wéi virdu gewisen, eleng den FGDC ëm 1,3 Milliounen geklommen ass am Verglach zum Rectifié 2023.

Bei der Rubrik 4 „Affaires économiques“ verzechne mär eng Steigerung vun 8,69 % oder ronn 99.000 €, dëst weinst dem neie Loyer vum Pavillon am Park um Belval, deen ab Abrëll 2024 era komme soll an der Einnam vun der Cloos SA, wou de Präis pro Tonnage fir „matériaux inertes“ ze tippen an der Konventioun, déi de 14. Juli 2023 am Gemengerot gestëmmt gouf, adaptéiert ginn ass.


Beim Kapitel 2 „Protection sociale“ verbuche mär eng Steigerung vu 5,74 % oder 900.000 €, dëst gréisstendeels well am Kader vun den SEAen d'Participatioun vum Staat linear zu de steigenden Ausgaben och klëmmt.

Beim Kapitel 6 „Logements et équipements collectifs“ verzechne mär e liichte Réckgang vun 1,75 % oder ronn 84.000 €, dëst virun allem duerch déi net previsibel Variatioun an den Einnamen, déi mär duerch d'Notze vun öffentlechen Flächen a Servicer déi mär ubidden, erakréien (z.B. d'Reservatioun vu Parkplaze fir ze plënneren).

Beim Kapitel 7 „Santé“ verbuche mär eng Steigerung vun 3,25 % oder ronn 495.000 €, dëst zum Deel duerch d'Upassung vum Pensionspräis an awer och der klammender Einnam vun der „Assurance dépendance“ am CIPA.

Ofschléissend klëmmt d'Kapitel 9 „Enseignement“ liicht ëm 1,86 % oder ronn 21.000 €, dëst well gréisstendeels d'Participatioun vun de Schüler-innen un de Schoukolonien am Ausland an d'Lut gesat soll ginn. Well d'Kolonien e gudden Batz méi deier gi sinn, ass ugeduecht d'Taxen an dësem Beräich deemnächst unzepassen.

De Code Technique ass de Restantenetat, deen nëmmen am Rectifié erëmzefannen ass.



Budget ordinaire

Op dëser Grafik gesäit een d'uerdentlech Einnamen, Ausgaben an den uerdentlechen Iwwerschoss aus dem Compte 2022, dem Initial 2023, dem Rectifié 2023 an dem Budget 2024.

Am Compte 2022 hate mär e Boni vu ronn 18,7 Milliounen am uerdentleche Budget iwwreg, fir d'Joer 2023 stoungen am Initial ronn 7,1 Milliounen Boni, am Rectifié ronn 15,3 Milliounen an am Budget 2024 ass en Iwwerschoss am uerdentlechen Deel vu ronn 7,5 Milliounen geplangt. Definitiv Zuelen an en definitive Bilan kënnen awer eréischt am Ament vum Compte genannt, respektiv gezu ginn.

120 – Coord. administrative	Durée	ETP	Coûts
B1 admin RH - Rempl. Schwirtz	12 mois	1	88.000€
B1 SF CDD	12 mois	1	66.000€
B1 SECR CDD	12 mois	1	71.000€
C1 FACT - Rempl. Hoffmann	6 mois	1	42.000€
B1 RPC (Sal. CDD)	12 mois	1	79.000€
Chef d'équipe SRNE	9 mois	0,05	3.300€
Apprenti RH & SF	4 mois	2	23.400€
Total 120		7,05	372.700€
130 – Coord. technique	Durée	ETP	Coûts
B1 - SLOPI	9 mois	1	60.000€
B1 SR - Rempl. Thill Gérard	6 mois	1	49.000€
B1 techn - Electrotechnique	9 mois	1	74.000€
SRNE - équipe remplaçante 4x A3	12 mois	3	200.000€
Chef d'équipe SRNE	9 mois	0,27	17.700€
Apprenti SUB	4 mois	1	11.700€
Total 130		7,27	412.400€
220 – Troisième âge	Durée	ETP	Coûts
Senior+ - C1 admin	9 mois	0,5	32.000€
Total 130		0,5	32.000€

242 – Maison Relais	Durée	ETP	Coûts
Chef d'équipe SRNE	9 mois	0,25	16.400€
1 Ed. dipl. Ssoleuvre	4 mois	1	30.000€
2 Ed. dipl. KCB capacité max.	4 mois	2	57.000€
1 Ed. dipl. Roude Wee	4 mois	1	30.000€
Total 242		4,25	133.400€

310 – Service d'ordre	Durée	ETP	Coûts
Agents municipaux / gardes-champêtres	9 mois	2	120.000€
Total 310		2	120.000€

621 – Places publiques	Durée	ETP	Coûts
Saisonniers A3	6 mois	3	78.000€
A3 - remplacement Czaicka (vac.)	12 mois	0,8	53.500€
Total 621		3,8	131.500€

622 – Circulation	Durée	ETP	Coûts
A3 - remplacement Merkes (vac.)	12 mois	1	67.000€
Total 624		1	67.000€

624 – Voirie vicinale	Durée	ETP	Coûts
A3 - remplacement Fiorenzi (vac.)	12 mois	1	67.000€
Saisonniers A3	6 mois	1	22.000€
Total 624		2	89.000€

626 – Cimetières	Durée	ETP	Coûts
A3 - remplacement Czaicka (vac.)	12 mois	0,2	13.500€
Total 626		0,2	13.500€

630 – Alimentation en eau	Durée	ETP	Coûts
H3 - Electronicien/mécatronicien	9 mois	1	59.000€
Total 630		1	59.000€

734 – Maison de retraite	Durée	ETP	Coûts
Aide-soignants	12 mois	2,5	126.000€
Ergo	12 mois	0,5	65.000€
Gestionnaire Assur. Dép. C5	12 mois	0,5	53.000€
Délégué sécurité C6	12 mois	0,75	71.000€
Total 734		4,25	315.000€

822 – Halls sportifs	Durée	ETP	Coûts
Chef d'équipe SRNE	9 mois	0,08	5.300€
Total 822		0,08	5.300€

831 – Centres culturels	Durée	ETP	Coûts
Chef d'équipe SRNE	9 mois	0,05	3.300€
Total 831		0,05	3.300€

910 – Enseignement fond.	Durée	ETP	Coûts
Chef d'équipe SRNE	9 mois	0,3	19.600€
Total 910		0,3	19.600€

TOTAL 33,7500 1.773.700€

Personnel – Nouveaux postes ou remplacements demandés pour 2024

Op dësem Slide gesäit een eis Neiestellungen a Remplacementer, d.h. déi Posten déi budgetiséiert gi si fir 2024 agestallt ze ginn. Hei handelt et sech ëm verschidde Posten déi 2023 scho geschafe gi sinn, awer nach fräibliwwer sinn an awer och ëm e Koup nei Posten oder Remplacementer. Där gesitt och hei fir wéi vill Méint se agesat gi sinn a wéi vill se eis 2024 deemno genee wäerte kaschten. Am Ganze schwätze mär vun 33,75 ETP (Equivalent temps plein), déi ronn 1,77 Milliounen wäerte kaschten. Déi meescht Leit ginn am Service technique agestallt, dat sinn eleng 7,27 ETP, déi ronn 412.400 € wäerte kaschten.

An eise Service Logement a Patrimoine immobilier gëtt eng weider administrativ Uarbechtskraaft agestallt.

Duerch eng Pensioun, déi deemnächst usteet, gëtt et e Wiessel un der Spëtzt vum Service technique. Den aktuellen Adjoint iwwerhëlt dës Posten a gouf och schonn ageschafft. Des Weidere geet e weidere Matuarbechter a Pensioun a muss ersat ginn. Do sinn 49.000 € fir 6 Méint am Budget virgesinn.

Et gëtt och nach en Elektrotechniker agestallt souwéi Botzpersonal, an e weidere Chef d'Equipe vum Botzpersonal, deen hei op verschidde Funktiounen erëmfannen ass. Dat aktuell Léiermeedche soll och erëm ersat ginn.

An der Administratioun ginn och nei Léit agestallt, dëst mat 7,05 ETP an engem gesamte Käschtepunkt vun 372.700 €. Am Personalbüro ersetze mär e Matuarbechter deen a Pensioun geet. Dës Posten ass mat 88.000 € budgetiséiert.

An der Facturatioun gëtt och eng Persoun ersat a steet mat 42.000 € fir 6 Méint am Budget. Dësweidere kréien eise Service financier, den RPC an d'Sekretariat een CDD.

Am Personalbüro an am Service Financier ginn erëm Léiermeedercher a -bouwen ausgebild. Bei der Rubrik „220 Alter“ kritt eis Matuarbechterin aus dem Service Senior+ och eng Persoun bäi. An der Rubrik „Maison relais“ sti 4,25 ETP, déi ronn 133.400 € ausmaachen.

Et wäerte follgend Poste gesicht ginn: diploméiert Leit fir de Precoce Zolwer, zwou diploméiert Persounen fir de Kannercampus an eng fir d'Crèche Rouge Wee. Dës Leit wäerten eréischt fir d'Rentrée gebraucht ginn, also nëmme 4 Méint.

An der Rubrik „Service d'ordre“ kréien eis Agents municipaux, resp. Pecherten op Lëtzebuergesch, zwee Leit bäi, dëst fir eng Persoun déi an d'Pensioun geet ze ersetzen a well d'Ufuerderungen ëmmer méi grouss ginn an eng gewësse Presenz um Terrain an eisen Ae wichteg ass.

An der Rubrik „Places publiques“, „Circulation“, „Voirie vicinale“ an „Cimetières“ gi Persounen ersat oder Saisonieren agestallt,

wat am Ganze 7 ETP oder 301.000 € ausmécht. Et sief ze bemerken, dass fir déi saisonal Uarbechten zousätzlech nach TUCe wäerte geholl ginn.

Am Waasserservice gëtt e Mechatroniker (m/w/d) agestallt, dee sech ëm d'Pompeliwwerwaachung vun de Waasserbehälter, d'Fernetzwaachung vum Drénkwaassernetz an der Ariichtung vun den intelligente Waasserzieler soll këmmern.

Am Altersheem komme 4,25 ETP bäi, fir 315.000 €, v.a. nei Aide-soignants-e, déi eng zousätzlech Hëllef duerstellen, mee och eng Ergo/Kiné, eng Delegéiert-e fir Sécherheet (Travailleur-se désigné-e), well ee vum Gesetz hir ab 200 Matuarbechterinnen een oder eng eegen hausintern brauch an eng „Gestionnaire Assurance dépendance“ fir e besseren administrative Suivi kënnen ze garantéieren. Do wäert och een Deel herno iwwert d'„Assurance dépendance“ erëm zeréckkommen.

Wéi Där gesitt, hu mär am Verglach zum leschte Joer, wou mär praktesch een Astellungsstopp verhaangen haten, dëst Joer awer e puer Neiestellung virgesinn. Mär hu se awer bewosst déifgehalen an nëmme déi Posten accordéiert, déi wierklech onëmgänglech gi sinn.

A verschidde Beräicher hu mär dach awer realiséiert, dass d'Personaldecke knapp ass, esou dass dat ev. Repercussiounen op de Bien-être vun eise Leit kéint hunn oder carrement verschidde Servicer un eise Bierger-inne riskéiert hunn drënner ze leiden.

Calcul des coûts – Augmentation de l'indice – Personnel existant			
Incidence Budget rectifié 2023		Incidence Budget initial 2024 – rectifié 2023 (hors postes 24)	
Total rémunérations	61.900.155€	Total rémunérations	67.049.400€
Augmentation indice	5,000%	Augmentation indice	1,875%
Total indice	3.095.008€	Total indice	4.352.184€
Différence indice	1.257.176€		

Calcul des coûts pour évolution des carrières du personnel	
Budget rectifié 2023	Budget initial 2024
Total rémunérations	61.900.205€
Différence rectifié 23 – budget 24 6.922.895€	
Différence coûts indice (montant arrondi) 1.258.000€	
Différence personnel engagé 2023 904 000€	
Différence nouveaux postes 2024 1 773 700€	
Augmentation CPFEC de 20,3% à 28,01% (±40%) 500.000€	
Évolution carrières 2.487.200,00€	

Personnel existant / Évolution carrières


D'Paie louchen dëst Joer bei ronn 61,9 Milliounen a fir déi selwecht Poste leien se 2024 bei ronn 67 Milliounen, d.h. fir déi besteeënd Poste klammen se d'nächst Joer insgesamt ëm ronn 5,2 Milliounen p.r. zum Budget rectifié 2023.

Fir 2024 hu mär mat enger Indexbranche gerechent, déi am Abrëll 2024 soll erfalen. Dat maachen d'nächst Joer 1,3 Milliounen aus.

Mat den Neiaustellung klammen eis Gesamtpersonalkäschten domat vun 61,9 op ronn 68,8 Milliounen fir 2024, wat eng Progressioun vu ronn 6,9 Milliounen ausmécht.

Dat neit Personal wat 2023 agestallt ginn ass, kascht 2024 ronn 900.000€ weider an dat neit Personal wat 2024 bäikënnt beleeft sech op ronn 1,8 Milliounen.

Nei dobäi kënn, dass ab 2024 de Bäitrag vun de Gemengen un de Pensioune vun 20,3% op 28,01% soll klammen. De Stat soll hei och 20,28% amplat vu 14,7% iwwerhuelen. D'Evolutioun vun de Carrière mécht ronn 2,5 Milliounen aus.




Personnel – Répartition 2024

Hei kënn Där gesinn, dass 63% vun eisen uerdentlechen Ausgaben 2024 Personalkäschte sinn, ronn 68,8 Milliounen vun eisen insgesamt 108,7 Milliounen.

Ech kann nëmme widderhuele wat ech schonn déi Jore virdrun hei gesot hunn: Mär hale weiderhin drop eis Servicer a Gemengenhand ze halen. Wou aner Gemenge beispillsweis de Botzservice oder d'Kichen un extern Déngschtleschter weiderginn, hu mär eis ganzt Personal selwer agestallt. Am Géigesaz zu aner Gemengen hu mär ee gemengeneegent Altersheem, eis Leit am SEA gi mat 40 Stonnen agestallt (an net nëmme mat 30 Stonne wéi an aner Gemengen) a wéi gesot, ass dat ganzt Personal a sämtliche Servicer vu vir bis hanne Gemengepersonal. Dat huet natierlech säi Käschtepunkt, mä garantéiert eis awer och weiderhin e gudder Service un eise Biergerinnen an erméiglecht eis eist Personal zefriddenzestellen an ze fideliséieren.

Mär wëllen och weiderhin eng Roll als soziale Patron spillen an och déi Leit, déi d'Chance net hunn oder kréien, hire Wee um regulären Uarbechtsmuart eleng ze maachen, ënnerstëtzen an hinnen eng Perspektiv bidden. Dat kann direkt op der Gemeng sinn (z.B. duerch EMI oder TUC Mesuren) an awer och indirekt duerch d'Ënnerstëtzung vu Partneriater geschéien, wéi z.B. de CIGL oder Eis Epicerie fir nëmme déi ze nennen.



Personnel – Répartition 2024


Hei hu mär Äech illustréiert wéi d'Personalkäschten tëschent eise Servicer opgedeelt sinn. Där wësst an ënnerstëtzt dat jo och, dass mär als Gemeng vill Wäert op eng gudder Kanner- a Seniorebetreuer leeën an dat loosse mär eis och eppes kaschten.

D'Personal vun eisem SEA (Maison relais) beleeft sech 2024 op ronn 22,2 Milliounen a mécht domat 32% vun eise Gesamtpersonalkäschten aus. D'Personal vum CIPA REWA (Résidence op der Waassertrap) kascht eis ronn 12,8 Milliounen, wat 19% vun eise Personalkäschten ausmécht. Zesumme kommen si op 51% vun eise Gesamtpersonalkäschten.

De Rescht vum Personal, d.h. 49%, kaschten deemno ronn 33,8 Milliounen. Bei dëser Opstellung dierf een net vergiessen, dass mär och Einnahme kréien, well mär d'Personalkäschten z.D. och vum Stat erëmkreien.

Beim SEA ass et esou, dass d'Gesamtausgabe rembourséiert ginn an ee bei deem Betrag net méi genee erausfiltere kann, wat reng Personalkäschte wuaren. Grob geschat kann een awer soen, dass mär bis zu 75% fir de SEA erëmkreien a bei der Crèche Kannerbuerg, um Kannercampus a Roude Wee esouguer 100%, well mär do eng Konventioun hunn.

Bei eisem CIPA REWA ass et esou, dass ronn 74% vun de Personalkäschten duerch „d'Assurance dépendance“ gedeckt ginn.



Personnel – Répartition 2024

Hei gesitt Där nach eemol eis Personalkäschten an enger Grafik. Obwuel mär déi reng Neiastellungen déifgehalen hunn, klëmmt de Prozentsaz vu Personalkäschten ëm ronn 0,53% op 63,33% vun den uerdentlechen Ausgaben.

Dëst ass zum allgeréissten Deel duerch d'Evolution vum de Carrière bedéngt, déi ronn 2,5 Milliounen ausmécht, duerch eng weider Indexbranche, déi, wéi Där jo scho konnt gesinn, eleng ronn 1,3 Milliounen ausmécht mee och d'Steigerung vun der CPFEC (Caisse de Prévoyance des Fonctionnaires et Employés Communaux) vun 20,3% op 28,01% kascht eis eng weider hallef Millioun.

Mär bleiwen domat weiderhin an „eiser“ üblecher Forschett tëschent 62 a 65% aus de leschte Joren.

Eis Personalkäschte klammen awer manner séier wéi déi gesamt uerdentlech Käschten. Sou klamme vun 2022 op de Budget 2024 d'Personalkäschten z.B. ëm 24,95% an déi gesamt uerdentlech Käschten ëm 27,66%.

Dëst bedeit an der Conclusioun, dass och aner uerdentlech Käschten zur Steigerung vum Total vu 85,13 Milliounen am Joer 2022 op 108,67 Milliounen am Budget initial 2024 bäidroen, wéi z.B.: D'Steigerung vum de Stroum-, Gas- a Mazoutkäschte vun eise Gebaier a Gefierer, den Ënnerhalt an d'Reparatiounskäschte fir eis Gebaier, d'Matière-première, d'Präisser fir d'Syndikater, erweidert Iessenskäschte fir SEA an CIPA...

Ofschléissend muss een dobäi soen, dass dëse Käschten-opschwung och deelweis bedéngt ass duerch de rengen Wuesstem vun eiser Gemeng an eisen Infrastrukturen.

Als Ofschluss komme mär dann zu eiser Scholdesituatioun:

Date	Période	Montant	Tranches	Solde au 31.12.2023	Solde au 31.12.2024
16.04.2002	2004/24		1.000.000 €	55.574 €	0 €
16.04.2002	2004/24		1.000.000 €	55.604 €	0 €
16.04.2002	2010/30	7.000.000 €	3.000.000 €	933.081 €	788.288 €
16.04.2002	2010/30		2.000.000 €	618.298 €	522.352 €
17.01.2011	2012/32		1.000.000 €	378.571 €	331.224 €
17.01.2011	2011/31		1.000.000 €	383.862 €	339.559 €
17.01.2011	2012/32	6.000.000 €	2.000.000 €	789.549 €	698.423 €
17.01.2011	2012/32		2.000.000 €	805.107 €	712.185 €
21.08.2013	2013/34	5.500.000 €	2.500.000 €	1.254.716 €	1.126.493 €
21.08.2013	2013/34		3.000.000 €	1.505.540 €	1.351.659 €
26.07.2017	2018/38	7.000.000 €	1.000 €	703 €	653 €
26.07.2017	2018/38		6.999.000 €	5.458.807 €	5.072.798 €
12.09.2018	2018/38	14.630.415 €	14.630.415 €	11.360.360 €	10.677.241 €
22.11.2022	2022/42	16.000.000 €	16.000.000 €	15.265.483 €	14.659.962 €
				38.865.256 €	36.280.836 €

Situation des emprunts

Mär hunn Äech d'Duerstellung vun eiser Scholdesituatioun erëm op 2 Sliden opgedeelt.

Hei gesitt Där méi am Detail wéini wat fir een Emprunt op wat fir eng Dauer geholl ginn ass a wéi d'Situatioun op den 31. Dezember vun dësem Joer resp. op den 31. Dezember vum nächste Joer ass. Et sief ze bemierken, dass 2 Tranchë vun engem Emprunt aus dem Joer 2004 Enn nächst Joer fäerdeg ofbezuelet sinn.

Där gesitt och, dass mär op den 31. Dezember 2023 eng Gesamtschuld vu ronn 38,9 Milliounen hunn, déi bis Enn 2024 op 36,3 Milliounen wäert falen. Dëst well mär fir de Budget 2024 kee weideren Emprunt wäerten ophuelen an domat eis Gesamtschuld wäert erofgoen.

Mär bleiwen um Wee keen Emprunt an dësen dach ganz ongewëssen Zäite wëllen opzehuelen. Mär wëssen am Ament net wéi déi makroekonomesch Situatioun sech wäert entwéckelen a wëllen heimat par „Principe de prudence“ op Nummer séchergoen an eis Gemeng net an eng onnéideg Scholdespiral drécken.

Och an der Circulaire N° 2023-137 vum Inneministère gëtt betount, keen Emprunt opzehuelen, wann et net onbedéngt noutwendeg wär.

Déi nächst Tabell soll Äech v.a. eis Gesamtschuld, d'Prokappverschëldung an de Prozentsaz vun eisen Annuitéiten am Verglach zu den uerdentlechen Einnahme weisen.

*	Situation au	Solde	Habitants	Par tête d'habitant	Recettes ordinaires	Annuités	dont capital	dont intérêts	% des RO	
C	31/12/2021	15.214.501	17.949	848	93.548.606	1.740.658	1.719.171	21.487	1,86%	sans CDI
C	31/12/2021	27.911.228	17.949	1.555	94.392.720	2.584.771	2.373.266	211.506	2,74%	avec CDI
C	31/12/2022	13.694.103	18.333	747	103.034.414	1.556.637	1.505.074	51.563	1,51%	sans CDI
C	31/12/2022	25.728.220	18.333	1.403	103.878.528	2.400.750	2.167.684	233.066	2,31%	avec CDI
R	31/12/2023	27.504.896	18.600	1.479	113.010.461	2.687.894	2.064.885	623.009	2,38%	sans CDI
R	31/12/2023	38.865.256	18.600	2.090	113.854.575	3.532.008	2.738.640	793.367	3,10%	avec CDI
I	31/12/2024	25.603.596	18.600	1.377	115.032.704	2.551.076	1.901.300	649.776	2,22%	sans CDI
I	31/12/2024	36.280.836	18.600	1.951	116.217.818	3.395.190	2.584.420	810.770	2,92%	avec CDI
I	31/12/2024	25.603.596	19.000	1.348	115.032.704	2.551.076	1.901.300	649.776	2,22%	sans CDI
I	31/12/2024	36.280.836	19.000	1.910	116.217.818	3.395.190	2.584.420	810.770	2,92%	avec CDI

Situation des emprunts

An dësen Zuelen däerfe mär net vergiessen, dass den Emprunt vum CDI (Centre pour le développement intellectuel) vu ronn 14,6 Milliounen, déi mär dem Staat souzesoe virstrecken, dra sinn. Déi Sue kréie mär jo integral erëm.

Komme mär elo zur Prokappverschëldung: déi läit bei eisen aktuellen 18.600 Awunner op den 31.12.2023 bei 1.479 € ouni de CDI a bei 2.090 € mam CDI. Op den 31.12.2024 fält eis Schold mat eiser aktueller Awunnerzuel dann op 1.377 € ouni de CDI an op 1.951 € mam CDI. Där gesitt d'Simulatioun vollstännegkeetshallwer mat 19.000 Awunner zum Schluss vum Tableau.

Fir ze gesinn ob eng Gemengeschild nach verrietbar ass, muss ee kucke wéi vill d'Annuitéite p.r. zu den uerdentlechen Einnamen ausmaachen. Dëse Prozentsaz soll ënner 10 % leien an däerf net méi wéi 20 % sinn. An eisem Fall leie mär ouni a mat enger Previsioun vun der Awunnerzuel vun 19.000 op den 31.12.2024 bei 2,22 % ouni de CDI a bei 2,92 % mam CDI, eng ganz gesond Situatioun also.

Wéi scho gesot, wuar et eis wichteg am Budgetsjoer 2024 net nach een neien Emprunt mussen anzesetzen, well mär verantwortungsbewosst an och mat der néideger Virsiicht fir d'Zukunft wëlle plangen.

Mär liewen an enger onsécherer an ongewësser Zäit, wou villes mat Virsiicht ze genéissen ass. Ech kann nëmme widderhuele wat ech och schonn d'lescht Joer gesot hunn:

Villes gëtt ee gudde Krack méi deier, wat Auswierkungen, esouwuel op eisen uerdentleche wéi och eisen ausseruerdentleche Budget, huet.

Mär mengen awer kënnen ze behaupten hei ee Budget ouni Extravaganze kënnen ze presentéieren, deen d'Staang riicht hält. Mär setzen déi noutwendeg Projete fir d'Zukunft ëm

an hunn an eise laangfristige Previsiounen och nëmme Projete virgesinn déi wierklech mussen ëmgesat ginn.

Et bleift ze hoffen, dass an Zukunft de Staat de Gemenge verstärkt ënnert d'Äerm gräift. Et kann net sinn, dass d'Gemengen z.D. méi Aufgabe wouerhuele mussen an d'Subsidien ëmmer méi kleng ginn.

Ech wëll zum Schluss nach op eng Bemierkung vun „Déi Gréng“ vu virun 2 Joer agoen, déi den uerdentlechen Iwwerschoss pro Kapp gerechent haten an do op 166 € pro Awunner-in komm sinn. An dëser Rechnung wuar den Iwwerschoss vun deemools 3.054.366 € duerch déi viraussichtlech Awunner-innenzuel vun 18.400 op den 31. Dezember 2022 gedeelt ginn. Mat enger Awunner-innenzuel vun 18.538, Stand vum 21. November 2023, läit de Ratio aktuell bei (7.546.131/18.538) 407 €.

Och mat enger previsioneller Awunner-innenzuel vun 19.000, op den 31. Dezember 2024 gekuckt, läit de Ratio nach bei (7.546.131 €/19.000) 397 €, also iwwert dem Ratio vum leschte Joer (386 €) a méi wéi duebel sou héich wéi dee vum Joer virdrun.

Ofschléissend kann een och nach ënnersträichen, dass de gesamte Boni däitlech geklommen ass am Verglach zu de Jore virdrun. E beleeft sech op 9.378.964 € (Budget initial 2024) am Verglach zu 1.495.313 € am Joer virdrun (Budget initial 2023) an nëmme 718.810 € am Budget initial 2022.

Bleift mär nëmme nach eng Kéier Jidderengem Merci ze soen, an der Hoffnung, dass d'Oppositioun eis Analys a Virgoensweis novollzéie kann.

Ech soen Äech Merci fir d'Nolauschteren.

Nathalie Morgenthaler
Schäffin

BÜRGERMEISTERIN SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP)


Komme mer da lo bei d'extraordinär Depensen.

Synthèse par fonctions en Euro	2022 Compte NPC	2023 Budget Initial NPC	2023 Budget Rectifié NPC	2024 Budget Initial NPC	I24 p.r. au R23	I24 p.r. au I23
1. Services généraux des administrations publiques	1.877.496	775.000	1.220.669	1.312.300	7,51%	69,33%
2. Protection sociale	3.410.572	8.666.214	6.459.123	11.341.554	75,59%	30,87%
3. Ordre et sécurité publique	-	-	-	-	0,00%	0,00%
4. Affaires économiques	2.691.470	1.374.808	1.953.412	1.500.464	-23,19%	9,14%
5. Protection de l'environnement	5.825.007	7.265.834	5.742.530	5.472.970	-4,69%	-24,68%
6. Logements et équipements collectifs	13.482.537	22.449.533	18.142.622	17.695.155	-2,47%	-21,18%
7. Santé	138.625	80.000	155.416	346.010	122,64%	332,51%
8. Loisirs, culture et culte	389.652	2.241.000	2.724.627	2.522.000	-7,44%	12,54%
9. Enseignement	2.118.032	157.000	926.126	450.000	-51,41%	186,62%
Codes Techniques	3.524	-	-	-	0,00%	0,00%
Total Dépenses extraordinaires	29.936.915	43.009.388	37.324.524	40.640.453	8,88%	-5,51%

Budget 2024 – Dépenses extraordinaires

Där gesitt op dësem Slide déi extraordinär Depensen opgeléscht no Funktioun, wéi se am Budget stinn. Ech ginn ärch lo gläich e puer Detailer zu den eenzele Variatioune.

Hei gesäit een, datt mer am ganze virgesinn hunn am Initial 2024 40.640.453 € auszeginn. Dat sinn 8,88 % méi par Rapport zum Rectifié 2023 an 5,51 % manner par rapport zum Initial vum selwechte Joer. Där gesitt also dass mer och hei am Extraordinäre spueren a keng extravagant Projete plangen.



Dépenses extraordinaires Δ I24 p.r. R23

Hei e puer Erklärungen zu de méi grouse Variatioune am Budget initial 2024 par rapport zum Budget Rectifié 2023:

Chapitre 1: Services généraux des administrations publiques (+7,51 %) de 1.220.669 € (R23) à 1.312.300 € (B24)

- Construction d'un nouveau site pour le ST R23: 0,00 €; B24: 200.000 €
- Accessibilité des bâtiments communaux PMR R23: 0,00 €; B24: 100.000 €

Chapitre 2: Protection sociale (+75,59 %) de 6.459.123 € (R23) à 11.341.554 € (B24)

- Implantation d'une maison relais à proximité de l'École 2000 à Soleuvre R23: 3.500.000 €; B24: 7.550.000 €
- Construction d'un complexe pour enfants à Sanem R23: 500.000 €; B24: 2.500.000 €
- Rénovation de la maison 19, rue d'Ehlerange à Soleuvre R23: 150.000,00 €; B24: 700.000 €
- Rénovation de la maison 15, rue Léon Kauffman à Soleuvre R23: 75.000,00 €; B24: 450.000 €
- Aménagement d'un appartement 103, rue de l'Usine à Belvaux R23: 0,00 €; B24: 50.000 €

Chapitre 4: Affaires économiques

(-23,19 %) de 1.953.412 € (R23) à 1.500.464 € (B24)

- Aménagement du pavillon gastronomique source Belval
R23: 65.000€; B24: 0,00€
- Signalisation des chemins piétons (mobilité douce)
R23: 152.067,53€; B24: 0,00€
- Sentier historique
R23: 389.761,34€; B24: 0,00€
- Aménagement Gîte
R23: 57.000€; B24: 0,00€
- Construction pavillon
R23: 130.100,51€; B24: 0,00€
- Remplacement Aubettes
R23: 111.359,94€; B24: 55.000€
- Participation TICE
R23: 183.057,72; B24: 32.007,37

Chapitre 7: Santé

(+122,64 %) (CIPA) de 155.416 € (R23) à 346.010 € (B24)

- Acquisition d'un appareil d'appel d'urgence
R23: 0,00€; B24: 220.000€
- Acquisition du mobilier pour les salles de fêtes
R23: 0,00€; B24: 65.000€
- Acquisition d'une cuisine mobile sur roues
R23: 0,00€; B24: 11.000€

Chapitre 8: Loisirs, culture et culte


(-7,44 %) de 2.724.627 € (R23) à 2.522.000 € (B24)

- Mathiko
R23: 200.000€; B24: 0,00€
- Extension à Gadder
R23: 75.000€; B24: 0,00€
- Construction d'un hall multisports à Sanem
R23: 138.776,68€; B24: 0,00€

Chapitre 9: Enseignement

(-94,74 %) de 926.126 € (R23) à 450.000 € (B24)


- Complexe scolaire avec MR et hall sportif Belval Sud
R23: 306.025,52€; B24: 0,00€
- Construction d'un bâtiment pour le CDI à Belval Sud
R23: 274.417,14€; B24: 0,00€



Rénovation/Aménagement


Fir Renovatiounen an Amenagementen si relativ vill Depensé virgesinn am nächste Joer. Bei de Renovatioune sti follgend Projeten am Budget 2024: d'Haus Nummer 19 an der rue d'Ehlerange zu Zolwer, d'Haus Nummer 15 an der rue Léon Kauffman zu Zolwer, d' Hal fir de CIGL zu Bieles an energieatesch Renovatiounen, déi ustoe wärte fir Gemengegebaier.

Bei den Amenagementen stinn am Budget: d'Appartement Nummer 103 an der rue de l'Usine zu Bieles an en Deel vum Amenagement Belval Nord (Geiben), wou och nach Suen am PPF virgesi sinn (2025: 100.000€; 2026: 450.000€).



Les plus grandes Rues 2024

Op dëser Säit gesitt der d'Oplëschtung vun de Stroossen, déi mer virgesinn hu fir 2024 an Ugrëff ze huelen, oder wou schonns amgaange sinn. Dës sinn Zuelen déi am Budget 2024 stinn, wuelverstane sinn hei och weider Depensen am PPF virgesinn.



Dépenses extraordinaires – Les Écoles

2020 hat de Schännerot eng Etude lanciert fir e Masterplan Bildung 2035 vun eise Schoulen an de SEAen opzustellen. Deen huet erginn, datt eng Prioritéit an den nächste Joren eis Bildung an den Accueil vun eise Kanner muss sinn, well wa mer als Gemeng wuessen, brauche mer och méi Schoulen a Betreuungsstrukturen. Momentan drécken 1.742 Kanner d'Schoulbänken an eiser Gemeng. An dësem Kontext ass an dem leschte Gemengerot eise Schoulkomplex zu Suessem fir 23 Milliounen Euro presentéiert ginn, dovun hu mer schonn 2,5 Milliounen am Budget 2024 stoen (2025: 9 Mio €; 2026: 7,91 Mio €; 2027: 3,2 Mio €) an am selwechten Zoch preparéiere mir dann och schonn en neie Schoulkomplex am Roude Wee, dee mat 150.000 € am Budget 2024 steet. De Roude Wee ass de Quartier, wou an Zukunft déi meeschte Kanner wäerte bäikommen. Des Weideren hu mer och nach lafend Aarbechten an eise besteeënde Gebaier, wéi z.B. Finalisatioun vum Kanner-campus Belval an dem CDI.


Da soll och d'Schoul Zolwer Zenter renovéiert ginn. Et ass och ugeduecht hannert der Schoul 2000 de Sportsterrain ze reamenagéiere fir 300.000 €. Do huele mer dann och Doleance vun de Jonken a Consideratioun, déi do e Basketsterrain vermessen, wéi e virdru war. Dann hätte mir natierlech och gäre schéin a funktionell Schoulhäff, déi mir fir eis Kanner amenagéieren. Do hat elo de Ëmweltministère en Appel à projet gemaach fir „Méi Natur an eise Schoulhäff“. Do géif eis dann e Subsid bis zu 90 % zeguttkommen (wa mer géifen e Präis kréien). Mäer wäerten do fir de Schoulhaff zu Suessem en Dossier areechen, well do jo nei gebaut gëtt. Do hoffe mer natierlech,

datt eisen Dossier sou zeréckbehalen gëtt wéi eisen Dossier vun der Avenue 2000 am Kader vun „Méi Natur an eise Stied an Dierfer“.

An der Schoul 2000 gëtt de Lift an de Buedem um Rez-de-chaussée fir 55.000 € respektiv 85.000 € erneiert.

De ganze Volet am extraordinären Deel vum Budget vun de Schoule beleeft sech fir d'nächst Joer op 3.228.000 €.

Déi Projete mat engem (*) si souwuel am Slide vun de Schoulen, wéi och am Slide vum SEA wëll dës Projete souwuel Schoulen a SEAen betreffen.



Dépenses extraordinaires – Les SEA

Komme mer dann och direkt vun de Schoulen op eis SEAen. Do si mer jo amgaangen hannert oder nieft der Schoul 2000 eng Maison relais ze bauen, wou mat 7,55 Milliounen Euro am Budget 2024 (R23: 3,5 Mio €; 2025: 600.000€) chiffriert ass. Wéi scho bei de Schoulen erwänt, fënnt sech dann och den neie Campus Suessem a Roude Wee ënnert dësem Slide erëm. Fir d'Entrée am September dëst d'Joer waren 1.530 Kanner an eise Strukturen ageschriwwen. 1.394 Kanner si scolariséiert an 136 Kanner net scolariséiert. Dann ass och nächst Joer déi lescht Tranche vum Kaf vum SEA Walerwiss zu Éilereng am Budget fir 91.204 €.

Där gesitt an eisem Budget spigele sech ganz vill Ausgabe fir eis Schoulen an eis Kannerbetreuung erëm. E wichtige Punkt ass och hei d'Sécherheet ronderëm eis Schoulen. Hei si mer amgaange bei all Schoul 30er Zonen ze amenagéieren, wat e grouse Käschtepunkt ass a leider net vum Staat subsidéiert gëtt. 1,2 Milliounen fir 2024 bei der Schoul Bieles Post.

Wann ech dann och nach un eist informatescht Material fir d'Schoulen denken, wat och bis elo net vum Staat subsidéiert gëtt a wou mer lo awer hoffe kënnen, datt dat mat der neier Regierung jo kéint änneren.

Grad esou wéi Subventionéiere bei dem Bau vun enger Maison relais. Do ginn ech d'Hoffnung och net op, dass do Upassunge kënnen komme mat der neier Blo/schwaarzer Regierung.

Um nächste Slide gesitt dir déi extraordinär Depensë betreffend dem Sport an der Gemeng.

Budget initial 2024			
1	4/821/221311/24056	Remise en état des bancs de touche au terrain de football à Belvaux	9.000
2	4/822/221311/22039	Renouvellement de l'installation sonore au Sportikuss	15.000
3	4/822/221311/24058	Installation d'une ventilation dans le Gymnikuss	20.000
4	4/822/221311/23021	Mise à niveau de la piste d'athlétisme à Soleuvre	25.000
5	4/822/221311/24011	Renouvellement de la terrasse extérieure et construction d'une séparation au 1 ^{er} étage au boulodrome à Belvaux	40.000
6	4/822/222100/24012	Renouvellement de l'illumination au hall de tennis et multisports à Soleuvre	60.000
7	4/822/221312/23024	Réaménagement du terrain de tennis à Soleuvre	150.000
8	4/821/221200/24047	Réaménagement du terrain des sports derrière la cour d'école 2000 à Soleuvre (*)	300.000
9	4/821/221200/23026	Aménagement d'un nouveau terrain synthétique de football à Ehlerange	1.000.000
Total			1.619.000

Dépenses extraordinaires – Sport

Eis Sportsinfrastrukture kaschten eis dann och nächst Joer 1.619.000 €. Hei fanne mer Projeten, wéi zum Beispill: De kleng synthetesch Fussballterrain bis U13 zu Éilereng fir 1 Mio €, wéi bei de Schoule schonn erwänt de Reamenagement vum Sportterrain hannert der Schoul 2000, fir d'Tennis Hal zu Zolwer de Reamenagement vum Terrain vun 150.000 € souwéi LED Belichtung vu 60.000 €, d'Erneuerung vun der Liichtathletikspist fir 25.000 € (2025: 325.000 €), de Boulodrome kritt eng nei Baussenterrass an eng Oftrennung um éischten Etage. Och nach wichtig Punkte sinn d'Etude fir eng Ventilatioun am Gymnikuss fir 20.000 €, Lautsprecher am Sportikuss fir 15.000 € an Ersatzbänke fir de Bieleser Fussball fir 9.000 €.

Budget initial 2024			
1	4/860/223800/22019 4/860/223800/99001	Fêtes publiques – Acquisition de matériel pour festivités	45.000
2	4/860/222100/19067	Fêtes publiques – Installation et exploitation d'écrans extérieurs dans le cadre de l'affichage dynamique des activités culturelles de la commune de Sanem	19.000
3	4/860/223800/24048	Fêtes publiques – Acquisition d'une console lumière GrandMa3	30.000
4	4/860/223800/23032	Fêtes publiques – Acquisition d'un projecteur pour les besoins de l'Artikuss	30.000
5	4/890/223420/24023	Autres loisirs, culture et cultes – Assainissement de la sculpture d'art sur la place d'Indépendance à Soleuvre	10.000
6	4/833/221311/23028	Musées – Extension de la maison A Gadder à Belvaux	0
7	4/831/221312/21053	Centres culturels et Salles de fêtes – Réaménagement de l'ancienne église Belval-Metzerlach	75.000
Total			209.000

Kultur

Och an der Kultur investéiere mer nächst Joer an eis Veräiner an eis Festivitéiten. Well niift dem Sport leeft eng Gemeng och duerch hir Konscht a kulturell Manifestatiounen.

No dem Joer vun Esch2022, wou méi en décke Poste war, sinn 2024 eng ronn 209.000€ virgesi fir extraordinär auszeginn.

Z.B. hu mer 75.000€ virgesi fir eis desakraliséiert Kierch, wou mer jo mussen zesumme mam INPA (de fréiere Site & monuments) alles ofseenen, wat mer do frësch maache mussen a konform setze mussen, dat dauert alles ze vill laang an déi administrativ Weeër si wierklech net evident.

Fir eis Festivitéite brauche mer nach Material fir 45.000€, wat jo och eise Veräiner zeguttkéint. Lutekonsol an en neie Beamer fir den Artikuss fir am ganze 60.000€ gi kaaft, fir lo nëmmen déi ze nennen.

Ganz zum Schluss dann nach den Top 25 vun de gréissten extraordinären Depense fir 2024 op déi ech jo och schonns an eiser Presentatioun an der Finanzkommissioun agaange sinn.

Budget initial 2024			
1	4/242/221311/16043	SEA / Foyers scolaires – Implantation d'une maison relais à proximité de l'Ecole 2000 à Soleuvre	7.550.000
2	4/690/221311/20055	Autres logements et équipements collectifs – Acquisition de locaux pour l'aménagement de nouveaux bureaux pour la maison sociale, l'équipe de proximité et d'une salle multifonctionnelle à Belvaux	5.000.000
3	4/242/221311/18013	SEA / Foyers scolaires – Construction d'un complexe pour enfants à Sanem	2.500.000
4	4/612/221312/99001	Logements à prix réduit (abordable) – Acquisition de logements dans le cadre du Pacte Logement 2.0	2.000.000
5	4/520/222100/13007	Gestion des eaux usées – Réaménagement de la canalisation Cité Grand-Duc Jean à Belvaux	1.350.000
6	4/624/221313/20005	Voirie vicinale – Travaux de limitation de vitesse à 30 km/h sur le CR168 – rue de la Poste à Belvaux près de l'école	1.200.000
7	4/520/238120/99001	Gestion des eaux usées – Station d'épuration de Pétange / Rodange SIACH	1.000.000
8	4/821/221200/23026	Terrains de sports – Aménagement d'un nouveau terrain synthétique de football à Ehlerange	1.000.000
9	4/520/222100/17056	Gestion des eaux usées – Amélioration hydrologique et hydraulique sur la Helgebaach et la Rouerbaach à Sanem	800.000
10	4/630/222100/18043	Alimentation en eau – Aménagement d'une conduite d'eau dans la rue de Belvaux à Soleuvre et dans la rue de Soleuvre à Belvaux	750.000
11	4/260/221312/23018	Précarité sociale – Rénovation de la maison 19, rue d'Ehlerange à Soleuvre	700.000
12	4/624/221313/22050	Voirie vicinale – Réaménagement du carrefour, des arrêts de bus et des passages piétons dans les rues de Sanem, Aessen et Limpach à Soleuvre	610.000
13	4/624/221313/23029	Voirie vicinale – Renouvellement du mur de soutènement dans la rue d'Oberkorn à Belvaux	600.000

14	4/410/221311/24050	Agriculture, sylviculture, viticulture – Construction d'une annexe du hall (ancienne propriété d'Arcelor) à côté de l'arrêt ferroviaire Belval-Rédange à Belvaux	530.000
15	4/260/221312/23051	Précarité sociale – Rénovation de la maison 15, rue Léon Kauffman à Soleuvre	450.000
16	4/630/222100/20060	Alimentation en eau – Participation au déplacement de la conduite SES DN700 dans le CR110 (rue d'Esch à Sanem) et la RN32 (desserte interurbaine CPU à Sanem)	400.000
17	4/624/221313/07002	Voirie vicinale – Réaménagement de la rue de Differdange à Soleuvre	390.333
18	4/630/222100/21055	Alimentation en eau – Mise en conformité du réservoir Dennebësch à Soleuvre	370.000
19	4/630/222100/23010	Alimentation en eau – Mise en conformité de la station hydrophore dans la rue de Hussigny Belvaux	360.000
20	4/624/221313/24042	Voirie vicinale – Mise en conformité de 3 arrêts de bus et de 5 passages piétons dans la rue Aessen à Soleuvre et rue de Sanem à Ehlerange	320.000
21	4/624/221313/18004	Voirie vicinale – Renouvellement de la voirie et des réseaux divers dans la rue des Jardins à Belvaux	305.000
22	4/630/222100/99002	Alimentation en eau – Travaux d'investissement de génie civil pour l'entretien du réseau d'eau potable	300.000
23	4/630/222100/19049	Alimentation en eau – Pose d'une conduite d'eau DN300 entre la rue J. Battin et la route d'Esch à Belvaux	300.000
24	4/624/222100/24027	Voirie vicinale – Participation à la première mise en sous-terrain du réseau électrique et aménagement des passages piétons dans le cadre du projet Post (fibre) dans la rue de Mondercange à Ehlerange	300.000
25	4/821/221200/24047	Terrains de sports – Réaménagement du terrain des sports derrière la cour d'école 2000 à Soleuvre	300.000

Budget 2024 – Top 25 Projeten



Voilà, domat wär ech um Enn ukomm vun der Presentatioun vun den extraordinäre Projeten an och um Enn vun der allgemenger Presentatioun vum Budget rectificé 2023 a Budget 2024.

Där gesitt, dass mer och no de Walen als Schäfferot un eiser virsichteger a wäitsichteger Finanzpolitik festhale fir eis Gemeng weider no vir ze bréngen.

Am Allgemenge kann ee soen, dass mer eng gesond Situatioun hunn ouni awer weider eis Ausgaben am A ze behalen a keng onnëtz gréisser Prunkprojeten ze realiséieren.

Mär schaffe weiderhin all, zesumme mat eise Servicer, fir d'Wuel vu jidderengem deen an der Gemeng Suessem wunnt a schafft.

Zesummen investéiere mer an eis Zukunft an déi vun eise Kanner fir dass d'Gemeng Suessem weiderhin eng Gemeng, ass wou et sech gutt lieve léisst vu ganz kleng bis ganz al.

Zum Schluss profitéieren ech nach fir eisem Finanzservice besonnesch dem Nathalie Cencetti a och eisem Ekonomist dem Mathias Jänisch Merci ze soe fir hir Hëllef beim Opstelle vun dësem Budget a fir all Disponibilitéit.

Merci ärch, fir d'Nolauschteren

Simone Asselborn-Bintz
Buergermeeschtesch

Sowohl die Stellungnahmen der einzelnen Fraktionen zum Budget als auch die Abstimmung erfolgen in der nächsten Sitzung am 1. Dezember 2023.

IMMOBILIENTRANSAKTIONEN, SUBVENTIONEN UND BUDGET DES SOZIALAMTES

Bei den heutigen Immobilientransaktionen handelte es sich zum einen um eine unentgeltliche Abtretung eines Grundstücks in Zolver und zu anderen um die Aktualisierung des Mietvertrages (Anpassung des seit 2015 geltenden Mietpreises) mit dem Friseursalon im CIPA REWA. Hierzu gab es keine Gegenstimmen im Gemeinderat.

Danach erhielt LSAP-Rat und Präsident der Finanzkommission Denis Bronzetti das Wort, um alle nötigen Erklärungen zu den Subsidien-Anträgen diverser Vereine mitzuteilen. Somit wurden der Stiftung APEMH und der Fleegeelteren Lëtzebuerg asbl jeweils ein Zuschuss von 150€ bewilligt.

Anschließend erläuterte Verkehrsschöffe Mike Lorang (CSV) eine temporäre Verkehrsverordnung, bevor Sozialamt-Präsident Jemp Schlessler zwei Punkte bezüglich des Office social vortrug. In der ersten Entscheidung genehmigte der Gemeinderat einstimmig eine Anpassung der Sitzungsgelder für die Mitglieder des Verwaltungsrats des Sozialamtes. Seit der letzten Festsetzung im Jahr 2010 habe es keine Anpassung gegeben, so Jemp Schlessler. Nach der neuen Regelung werde das Sitzungsgeld auf 65€ pro Sitzung erhöht, wirksam ab dem 01.01.2024. Diese Maßnahme spiegele das Bestreben wider, die Arbeit der Verwaltungsratsmitglieder angemessen zu honorieren und gleichzeitig die Effizienz und das Engagement im Amt zu steigern. Der zweite Abstimmungspunkt betraf die finanzielle Planung des Sozialamtes. Präsident Jemp Schlessler präsentierte den berichtigten Haushaltsplan 2023 sowie das Budget 2024, welche bereits vom Verwaltungsrat genehmigt wurden. Neben den ausführlichen Erklärungen zu den verschiedenen Budgetposten, teilte er auch die wichtigsten Änderungen (vor allem bei den Provisions des CET) mit, bevor der Gemeinderat das Budget ohne Einwände verabschiedete um die anstehenden Herausforderungen und Aufgaben des Sozialamtes zu gewährleisten.

FRAGE AN DEN SCHÖFF-INNENRAT BEZÜGLICH BAUGENEHMIGUNGEN

Im Anschluss daran nahm der Gemeinderat die Statuten des Vereins Bieleser Fléih zur Kenntnis, der hauptsächlich Flohmärkte und Straßenfeste organisiert.

Daraufhin hatte déi Lénk-Gemeinderätin Myriam Cecchetti noch eine Frage an den Schöff-innenrat betreffend die Behandlung von Baugenehmigungen für Photovoltaikanlagen.



Ihre Kritik richtete sich insbesondere auf die Zeit, welche die Bearbeitung solcher Anträge benötige. Laut des Empfangsbestätigungsschreibens des Bauamts könne dies bis zu sechs Monate dauern. Allerdings seien die Antragsteller-innen verpflichtet, den Kostenvoranschlag der ausführenden Firma innerhalb eines Monats zu unterzeichnen und zurückzusenden. Auch hinsichtlich der diesbezüglichen Subventionsanträge beim Ministerium seien Bedenken von Myriam Cecchetti geäußert worden.

Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erwiderte, dass sehr viele Baugenehmigungsanträge bearbeitet werden müssten. Wenn im Empfangsbestätigungsschreiben nicht ausdrücklich sechs Monate genannt würden, dann rufe fast täglich jemand im Bauamt an, um den Status eines Antrags zu erfragen. Die Dauer von bis zu sechs Monaten sei zwar möglich, jedoch nicht zwingend. Wenn alle erforderlichen Unterlagen ordnungsgemäß eingereicht werden und das Dossier vollständig sei, könne die Bearbeitung zeitnah erfolgen, sogar innerhalb eines Monats. Zudem habe das zuständige Ministerium ein Rundschreiben zur Anpassung der Baureglementierung für Photovoltaikanlagen und Wärmepumpen herausgegeben, und der zuständige Dienst sei deshalb damit beschäftigt, die erforderlichen Änderungen zu analysieren. Dies solle die Bearbeitung der Anträge vereinfachen und beschleunigen. Die vorgeschlagenen Änderungen würden dann der Baukommission unterbreitet und voraussichtlich Anfang des nächsten Jahres im Gemeinderat behandelt. Auf den Vorschlag von Rätin Myriam Cecchetti (déi Lénk), auch die Empfangsbestätigungsschreiben entsprechend anzupassen, um die Bürger-innen weiter zu ermutigen, nachhaltige Renovierungsarbeiten vorzunehmen, konnte Gemeinderat Max Kripppler (LSAP) als neuer Vorsitzender der Baukommission bestätigen, dass dies bereits im Ausschuss diskutiert worden sei.

Im letzten, nicht öffentlichen Teil der Sitzung wurde schlussendlich noch die Zahlung einer Jahresendprämie an das Personal des Pedibus gewährt. Das Personal des Pedibus war bislang das einzige, das keinen 13. Monat erhalten hatte. Somit wurde dies nun abgeändert, um auch dieser Mitarbeitergruppe die gleichen Bedingungen zu bieten.



Audiodatei der Gemeinderatssitzung

WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2023



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

vendredi, 1 décembre 2023

date de l'annonce publique: **24 novembre 2023**
date de la convocation des conseillers: **24 novembre 2023**
début: **16h00** fin: **19h20**

PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,
M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam,
M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve,
M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Krippler Max,
Mme Logelin Anne, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie,
Mme Romeo Franca, Mme Speck-Braun Patricia
Mme Manon Greven, secrétaire communale

ABSENTS EXCUSÉS:

Mme Schammo Mara

PREMIER VOTANT: M. Haas Marc

— ORDRE DU JOUR

Le Collège des bourgmestre et échevins demande au Conseil communal de bien vouloir ajouter le point suivant à l'ordre du jour:

8. a. Modification des représentants dans les divers syndicats communaux.

» **Vote unanime**

1. Correspondance et informations.

— PROJET

2. Aménagement d'une salle du conteneur sur le site Matgesfeld à Belvaux. Devis estimatif détaillé: 1.600,-€ (article budgétaire: 4/410/223410/22053).

» **Vote unanime**

— CIRCULATION

3. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin-e-s:

- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement des différents réseaux eau, Creos et Sudenergie dans les rues Aessen, rue de Limpach, rue de Sanem, et à l'entrée de la piste cyclable PC6, pris dans sa séance du 27 novembre 2023 (U023-109);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement en eau potable du Square Mile dans le boulevard du Jazz, à la hauteur du croisement avec la rue John Lennon à Belvaux, pris dans sa séance du 1^{er} décembre 2023 (U023-110).

» **Vote unanime**

— **DIVERS**

4. Approbation du plan de gestion annuel pour l'exercice 2024 des forêts appartenant à la Commune de Sanem.

» **Vote unanime**

5. Approbation du programme d'action pour l'exercice 2024 du SICONA Sud-Ouest.

» **Vote unanime**

6. Approbation d'un règlement communal concernant les lieux de célébration de mariages et de déclaration de partenariats civils.

» **Vote unanime**

7. Approbation d'une convention de collaboration entre la Ville d'Esch-sur-Alzette, la Commune de Sanem et la société anonyme KEYWI S.A / Sightseeing.lu.

» **Vote unanime**

8. a. Modification des représentants dans les divers syndicats communaux:

1. Syndicat Sidor

	Nom	Prénom	Oui	Non
Est démissionné:				
1	KRIPLER	Max	16	
Est nommé:				
1	BRONZETTI	Denis	16	

2. Syndicat Minettkompost

	Nom	Prénom	Oui	Non
Est démissionné:				
1	BRONZETTI	Denis	16	
Est nommé:				
1	KRIPLER	Max	16	

8. b. Questions et divers.

— **BUDGET**

9. Approbation du budget rectifié 2023.

» **Votes positifs: 12**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca

Votes négatifs: 2

Cecchetti Myriam, Faber Serge

Abstentions: 2

Da Silva Bruno, Speck-Braun Patricia

10. Approbation du budget initial 2024.

» **Votes positifs: 13**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca

Votes négatifs: 1

Cecchetti Myriam

Abstentions: 2

Faber Serge, Speck-Braun Patricia



Gemeinderatssitzung Sanem

Freitag, 1. Dezember 2023

BELES – Am Abend des 1. Dezember fand die letzte Gemeinderatssitzung des Jahres statt. Im Mittelpunkt standen die mit Spannung erwarteten Stellungnahmen der einzelnen Parteien und die Abstimmung über den Haushaltsplan für das Jahr 2024. Der revidierte Haushalt für 2023 wurde mit den Stimmen der LSAP-CSV-Mehrheit gebilligt. Den Haushaltsentwurf für 2024 billigten zusätzlich die Piraten, wobei Déi Lénk dagegen stimmten, bei gleichzeitiger Enthaltung von déi gréng und der DP.

Vor den Ansprachen der einzelnen Parteien zum Haushaltsvorschlag wurden acht weitere Tagesordnungspunkte behandelt. Zunächst genehmigten die Ratsmitglieder einstimmig ein Budget von 1.600 € für kleinere Anschaffungen für das Bildungszentrum Matgesfeld. So werden in naher Zukunft ein Tiefkühler und ein Dörrautomat angeschafft. Einerseits, um die Überreste aus den Schulküchen, die als Tierfutter genutzt werden, einzufrieren, auf die bei Bedarf zurückgegriffen werden kann. Andererseits wird das Dörrgerät dabei helfen, Kräuter aus den eigenen Gärten ganzjährig trocknen und lagern zu können. Beide Anschaffungen helfen dabei, zukünftig weniger Lebensmittel zu verschwenden.

Anschließend trat Förster Claude Assel an das Mikrofon, um die Forstpläne für das kommende Jahr vorzustellen. Er erläuterte, dass das letzte Jahr des 10-Jahres-Forstplans anbreche und aufgrund der trockenen Sommer der vergangenen Jahre eine Anpassung des Plans im kommenden Jahr erforderlich sei.

Der aktuelle Plan lege eine bestimmte Menge an einschlagbarem Holz in den Wäldern fest, die im 10-Jahres-Plan auf 522 Kubikmeter (bei einer Fläche von 383 Kubikmetern) beziffert werde. Durch die Witterungsbedingungen seien die Wälder jedoch nicht wie geplant gewachsen, sodass der sogenannte Hiebsatz auf 313 Kubikmeter pro Jahr reduziert worden sei. Weitere Einbußen durch abgebrochene Äste und umgestürzte Bäume hätten zu einer weiteren Reduzierung auf 240 Kubikmeter geführt.

Förster Assel erläuterte daraufhin, wo im nächsten Jahr entsprechende Arbeiten geplant seien, unter anderem auf dem Gaalgebierg und im Metzlerlach, mit Kosten von 157.600 €. Bürgermeisterin Asselborn-Bintz (LSAP) dankte für die Ausführungen und kündigte an, dass der Gemeinderat im Frühjahr eine gemeinsame Besichtigung dieser Arbeiten anstrebe. Myriam Cecchetti (déi Lénk) fragte nach, ob eine Informationskampagne für Bürgerinnen und Bürger, die kleinere Wälder oder von Borkenkäfern befallene Bäume besitzen, möglich sei, um sie über mögliche Maßnahmen zu informieren. Claude Assel zeigte sich offen für Beratungen, solange die Anfragen überschaubar blieben. Er begrüßte die Idee, da oft unklar sei, wie Bürgerinnen und Bürger den Förster erreichen könnten. Man einigte sich anschließend gemeinsam auf den Vorschlag von Schöffe Steve Gierenz (LSAP), in einer der nächsten Ausgaben des *kuerz&knapp*. genauer auf diese Thematik einzugehen und ebenfalls die Kontaktdaten des Försters zu veröffentlichen. Auch gab Assel zu verstehen,

dass viele Wälder in privatem Besitz seien, die Besitzer:innen oft aber gar nicht wüssten, wo ihre Parzellen genau liege. Dementsprechend schlecht unterhalten seien diese Wälder.

Serge Faber (déi Gréng) äußerte seine Besorgnis über einen Nadelwald in Sanem, der sich im Besitz von ArcelorMittal befindet und in keinem guten Zustand sei. Er erinnerte daran, dass die Frage bereits im letzten Jahr im Plenum aufgekommen sei, woraufhin der Förster Kontakt mit dem Unternehmen aufnehmen sollte. Jedoch seien bislang keine Fortschritte erzielt worden. Das Waldstück erstreckte sich teilweise auch auf Differdinger Gebiet, wo es nun in eine Freizeitzone umklassifiziert worden sei. In der Nachbargemeinde erwäge man zudem, den angrenzenden Spazierweg zu renovieren, um ihn als Fuß- und Fahrradweg nutzen zu können. Faber (déi Gréng) fragte nach den Plänen für diese Waldfläche in der eigenen Gemeinde. Förster Assel erklärte, das Unternehmen habe die nötigen Anträge beim Forstministerium eingereicht, was nun mal seine Zeit brauche. Eine Genehmigung hätten sie auch erhalten, jedoch seien die Arbeiten noch nicht vollzogen worden. Assel betonte zudem, dass ArcelorMittal nicht verpflichtet sei, in diesem Bereich tätig zu werden, solange die Bäume keine Gefahr darstellen. Faber (déi Gréng) bedauerte diese Situation, während Bürgermeisterin Asselborn-Bintz (LSAP) ankündigte, Kontakt mit dem Unternehmen aufzunehmen, um die Angelegenheit weiter zu verfolgen.

Umweltschöffe Steve Gierenz (LSAP) präsentierte das Aktionsprogramm des SICONA Sud-Ouest-Syndikats für das Jahr 2024. Für dieses Programm sei ein Budget von 169.963,99 € vorgesehen. Zu den geplanten Maßnahmen gehörten die Instandhaltung von Biotopen sowie Informations- und Aufklärungskampagnen. Auch außerschulische Aktivitäten, die darauf abzielen, insbesondere junge Menschen über Umweltthemen zu informieren und zu sensibilisieren, seien Teil des Programms. Darüber hinaus beinhalte das Budget Mittel für Reparaturarbeiten und eine Reihe weiterer Projekte und Maßnahmen.

ZIVILE TRAUUNGEN IM HAUS A GADDER

Im Juni 2022 hatte die Regierung ein Gesetz verabschiedet, das zukünftig Trauungen und eingetragene Partnerschaften auch außerhalb des Gemeindehauses erlaubt. Die genauen Orte müssen vom Gemeinderat abgesegnet werden, zusätzlich aber auch sechs Kriterien erfüllen. So muss der genannte Ort für Zeremonien u. a. im Besitz der Gemeinde, des Staates oder eines öffentlichen Dienstes sein, sich auf Gemeindeterrain befinden, neutraler Natur sein und öffentlich sowie feierlich zugleich sein. Bürgermeisterin Asselborn-Bintz (LSAP) ergänzte diese Punkte mit den Wünschen des Schöff:innenrates, dass die ausgewählten Orte zudem barrierefrei sind sowie Toiletten

und etliche Parkmöglichkeiten beinhalten. Für 2024 wolle man daher das Kultur- und Geschichtshaus A Gadder in der Rue de France vorschlagen. Weitere Orte, wie die entweihte Kirche im Metzlerlach und das Sanemer Schloss, sollen in den kommenden Jahren nach Abschluss der jeweiligen Renovierungsarbeiten folgen. Asselborn-Bintz (LSAP) betonte, dass das A Gadder-Haus nicht nur einen kleinen Festsaal, sondern auch einen schönen Garten für Zeremonien biete. Sie gab bekannt, dass für das kommende Jahr sechs Samstage für Trauungen vorgesehen seien. Alle Trauungen könnten aber auch weiterhin in den Räumlichkeiten des Gemeindehauses stattfinden. Myriam Cecchetti (déi Lénk) begrüßte, dass weitere Orte folgen sollen und unterstrich, dass es wichtig wäre, in jeder der vier Ortschaften der Gemeinde einen Saal für Trauungen zu haben. Die Bürgermeisterin antwortete, dass dies das Ziel des Schöff:innenrates sei und die Zukunft zeigen werde, welche Möglichkeiten hier noch bestünden. Sie schloss auch Trauungen im Freien auf dem Gaalberg nicht aus, merkte jedoch an, dass dafür noch zusätzliches Material benötigt werde.

URBAN TIME TRAVEL AUF DEM BELVAL

Bevor die Sitzung in die offene Fragerunde überging, informierte Mike Lorang (CSV) über die Entwicklung einer Konvention für das Projekt Urban Time Travel. Dieses Projekt, das im Rahmen des Kulturjahres Esch2022 entstanden war, ermögliche Tourist:innen und anderen Interessierten, mittels VR-Brillen eine historische Reise über den Belval zu unternehmen. Schöffe Marco Goelhausen (LSAP) äußerte seine Enttäuschung darüber, dass er eine solche Tour habe buchen wollen, aber abgewiesen worden sei, da die Fahrten damals ausschließlich für Gruppen und Schulklassen vorgesehen waren. Mike Lorang (CSV) konnte jedoch klären, dass in der neuen Konvention festgehalten wurde, dass auch Fahrten für kleinere Gruppen oder Paare möglich sind. Die Rundfahrten würden auf Anfrage an den Wochenenden angeboten.

In der offenen Fragerunde fragte Myriam Cecchetti (déi Lénk) an, die Reservierungen der Gemeindesäle für die Parteien im Vorfeld der Gemeinderatssitzungen zu vereinfachen. Sie wies darauf hin, dass aktuell für jede Sitzung eine separate Reservierung getätigt werden müsse. Da jedoch die Termine der Gemeinderatssitzungen für das kommende Jahr bereits bekannt seien und die Parteien in der Regel ihre Vorbereitungen immer im gleichen Rhythmus planten, schlug sie vor, einen gesammelten Antrag für alle Sitzungen zu ermöglichen. Dies werde man prüfen, so die Bürgermeisterin. Des Weiteren sprach Cecchetti (déi Lénk) eine neue Nachbarschafts-App an, die in der Gemeinde Differdingen eingeführt wurde, und erkundigte sich, ob eine ähnliche Anwendung auch für ihre Gemeinde geplant sei. Asselborn-Bintz (LSAP) antwortete, dass der Schöff:innenrat dieses Thema bereits besprochen

habe und die Gemeindeverwaltung nun prüfe, ob eine solche App sinnvoll sei, welche Funktionen sie beinhalte und welche Daten dafür erforderlich seien. Zum Schluss fragte die déi Lénk-Rätin nach einer Antwort der Straßenverwaltung Ponts & Chaussées zum entfernten Zebrastreifen beim Parkhaus in der Route de Belval. Dieses Thema wurde bereits in der Sitzung vom 22. September 2023 angesprochen. Bürgermeisterin Asselborn-Bintz (LSAP) bestätigte, dass eine entsprechende Anfrage an die Straßenverwaltung gerichtet wurde, jedoch bisher noch keine Antwort gekommen sei. Daraufhin bat Cecchetti (déi Lénk) darum, bei Ponts & Chaussées nochmals nachzuhaken, da es inakzeptabel sei, dass monatelang keine Rückmeldung erfolge.

STELLUNGNAHMEN ZUM HAUSHALT

Das Plenum ging danach zum Hauptteil der Sitzung über, dem berichtigten Haushalt des Jahres 2023 und dem Haushaltsentwurf für 2024, den der Schöff-innenrat in der Sitzung vom 28. November 2023 vorgestellt hatte. Beide Punkte werden traditionell zusammen behandelt, wobei für jede Fraktion ein-e Stellvertreter-in der Fraktion Stellung nimmt. Für die Piraten war es eine Premiere im Sanemer Plenum. Da die ADR-Vertreterin Mara Schammo für die hiesige Sitzung abgemeldet war, nahmen nur sechs der sieben Parteien aus dem Plenum Stellung zu den Gemeindefinanzen.



DP

Prise de Position par Patricia Speck-Braun

BUDGET DISBUSSIONEN GEMENG SUESSEM VUM 01.12.2023

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot

Fir d'éischt wëll ech dem Personal aus der Gemeng Merci soen fir déi vill Zäit an Aarbecht déi si während deene leschten 12 Méint gelescht hunn. E besonnesche Luef geet un de Finanzserviss ënnert der Leedung vum Nathalie CENCETTI esouwéi dem Ekonomist Mathias JÄNISCH. Béid hunn zesummen mat hire Leit keng Méi gescheit fir och dëst Joer ail d'Posten ganz genee ënner d'Lupp ze huelen. Et ass nëmmen de Kollektiv deen aus jidder Eenzelem besteet, deen et eis erlaabt, unhand vun enger detaillierter Budgetsvirlag, Virschléi, respektiv Objektivitéit kënnen ze maachen.

Mir sinn nees um Enn vun engem a villen Hisiichten turbulente Joer ukomm.

Wuel ass dëst Joer d'Liewe vu jidder eenzelem net diktéiert gi vun enger Pandemie, déi eis déi Jore virdrun op Trapp gehalen an immens ageschränkt huet. Dofir gouf et awer, op internationalem Plang vill politeschen, gesellschaftlechen a sozio-ekonomesche Chaos. Sief et duerch den Ukrain-Russland-Konflikt den ugaangen ass 2022 am Februar a bei dem nach ëmmerkeen Enn a Siicht ass, oder awer och, e wéineg méi aktuell, de brisante Konflikt um Gazasträif. Dësen huet fir vill Leed an Trauer gesuergt, an et gesäit net esou aus, wei wann an nächster Zukunft fortschrëttlech Léisungen an dëser emotiounsgeluedener Ausernanersetzung fonnt wäerte ginn.

Dëst Joer war op nationalem Plang awer och besonnesch intéressant. An éischter Linn bedéngt duerch den duebele Wal rendez-vous, souwuel op kommunalem wei op nationalem Niveau.

D'Gemengewale waren e grouse Challenge fir jiddereen deen involvéiert war, an ech mengen ail eenzelen deen haut hei setzt, kann houfreg sinn.

Et war eng relativ kuerz awer dofir ëmsou méi intensiv Préparatiouenskampagne op béid Walen. Eng Zäit déi zwar ganz flott, awer och zimblech ustrengend war.

Op nationaler Basis kann ee vu Wale schwätzen, déi eng Rei Changementer an der politescher Landschaft bewierkt hunn. Nei Gesiichter, nei Iddien, nei Visiounen. Problemer wei dee vum Logement, dem Wunnensbau oder der Educatioun sinn heibäi nëmmen e puer Challenge fir des frësch gewielte

Regierung. Ech sinn awer fest dovun iwuerzeegt, dass des Erausforderunge mat Engagement a Knowhow ugepaakt wäerte ginn.

Wéi ail Joer, wësse mer, dass d'Ënnerhalen esouwéi den Ausbau vun den Strossennetzer vill Geld verschlénge. Sécher ass et wichtig am Virfeld ze kucken wou d'Prioritéiten leien, respektiv den Hiewel ugesat gëtt fir ze spueren an trotzdeem vigilant ze sinn, falls Urgencen ufalen.

Wéi d'Madamm Buergermeeschtesch schonn an hirer Budgets-presentatiounverlaude gelooss huet, dass duerch d'Syndikater vill Käschten op d'Gemeng zoukommen. Am Budget 2024 si 40.640.453 Euro virgesinn, wat bedeit dass am Extraordinäre Budget gespuert a keng extravagant Projeté geplangt sinn. Dat krute mer propper opgeléicht an duergeluecht.

GEMENGENHAUS

D'Awunnerzuel zum 31.12.2023 geet op 18.600 erop, eng Hausse vun 267 Leit am Verglach zum 1. Januar vun dësem Joer. Weider Personal, waert trotz Aspuerung agestallt musse ginn fir dem zousätzlechen Opwand Rechnung ze droen.

Vu dass sech vill Bierger mam Bielesser Gemengenhaus identifzieren, wier et vu Virdeel wann dësen traditionnsraiche Standuert och an Zukunft an Gemengenhand géif bleiwe fir weider entwéckelt an ausgebaut kënnen ze ginn.

An dësem Kontext wollt ech nofroen, wei et mam weideren Ausbau vum Gemengenhaus ausgesäit. Goufe rezent schonn zousätzlech Schrëtt an d'Weeër geleet fir eng Entrevue mam Proprietär vum Bauerenhaff ze envisagéieren, mam Zil fir endlech en Accord ze fannen den am Intérêt vu jidderengem ass an deen et eis erlaabt, dësen Terrain ze kafen.

D'Bauaarbechte vun der Maison Relais an der Walerwiss zu Éilereng sinn wuel gutt weiderkomm, wann och d'Deadline vum Hierscht 2023 net konnt agehale ginn. Wéi vun Ufank un ënnerstëtze mir als DP dëse Projet, allerdéngs wëlle mer drun erënneren, dass et sënnavoll wier ënnert anerem eng Epicerie virzegesinn. Dat wier ganz praktesch fir d'Leit aus der Géigend an domadder eng Beräicherung fir dat ganzt Duerf, wat ouni Zweiwel zu engem nach mei dynameschen Duerfkär géif bäidroen.

Schon elo besteet hei duerch de Café-Restaurant „Chaplin“ eng gutt Basis, déi an Zukunft nach verbessert an ergängt ka ginn.

ERHUELUNGSOAS AM PARK UM BELVAL

Wéi mer an eisem Walprogramm festgehalten hunn, wëlle mer eis dofir asetzen dass de Park um Belval nach méi opbléit. Eng Aart Wohlfüloas wou eis Matbierger aus sämtlechen Alterskategorien deem ëmmer méi stressegen alldeeglechen Liewen entkomme kënnen. Duerfir wëlle mir ënnert anerem zousätzlech Beem a Blummen uplanze fir dass de Park och endlech sengem Numm als Park wierdeg ka sinn. Wéi d'Madamm Buergermeeschtesch an hirer Budgetsried matgedeelt huet, si fir 2024, 82.534 Euro fir eng Buvette virgesinn, déi beim neie Pavillon vun der Source Belval opgericht gëtt.

Wéi vun eis proposéiert, solle Sonneseegelen installéiert ginn, déi de Leit Schutz virun der Sonn garantéiert, dëst an direkter Ëmgéigend vu Sëtzegeleeheten.

Déi jonk Studenten äussere scho sait geraumer Zäit berechtigt Kritik un der quasi inexistenten Ambiance déi an der Géigend zu enger gewësse Frustratioun an zu engem feelenden „Uni-Campus-Feeling“ bäidroen, esou dass si ëmmer nees gezwongesinn an d'Ëmgéigend auszewäichen. Duerfir wëlle mir am Park um Belval zousätzlech Fräizäitinfrastrukture wéi z.B. Beachvolleyball-Felder, Outdoordëschtentnis a Fitnessgeräte installéieren déi et deene Jonken an sportlech aktiven erméigleche gemeinsam flott sportlech Nomëtteger do ze verbréngen.

Wann een seng Fräizäit gären am Park Belval verbréngt fir ze spadséieren, joggen oder ze spille, da fält engem op, dass leider net vill Beem a Planzen ze fanne sinn, esou dass den Numm Park deem ganzen nach ëmmer net wierklech gerecht gëtt. Och d'Sëtzbänke sinn der Sonn voll ausgesat.

Wuel si Kannerspiller, eng Skate Pist an och Discgolf an Teqball do, mee vir de Park zousätzlech opzewäerte kéint een z.B. och Muskulatiounsgeräte opstellen esou wéi dat och an der Stad bei der Skate Pist de Fall ass.

BIELESSER GAALGEBIERG

Am Kader vun ESCH 2022 gouf den historiesche Pad vun de Mineuren um Gaalgebierg realiséiert. Dest ass secherlech eng Opwertung fir eis Gemeng. An deem Kader weise mer schon säit Joeren dorop hinn, dass et wichteg ass, de Bielesser Gaalgebierg weider ze promovéieren. Déi lokal DP-Sektioun freet säit laangem, dass endlech eng Buvette mat enger klenger Restauratiounsméiglechkeet installéiert gëtt, fir dass sech d'Leit et an där idyllescher Landschaft vum Gaalgebierg gemittlech kënnen maachen ouni awer op eng kleng Verfleegung mussen ze verzichten.

FOTOVOLTAIK

Am Budget vermësse mer fir 2024 den Ukaf vun Fotovoltaik-Anlagen. Och wann net ail Dach dofir gëeegent ass, esou gin et awer eng ganz Rëtsch Diecher an eiser Gemeng, wéi z.B. op der Waassertrap, déi et ze beleeën gëllt.

Wann de Schäfferot dann och nach mam gudden Beispill virgeet an d'Bierger an enger ëffentlecher Sëtzung mat engem Expert informéiert, esou dierft dat fir Jiddereen verständlech sinn. Et muss een dozou soen, dass och am Ausland zum Deel Flächen vun de Gemengen gelount ginn, vu dass do vill Potenzial ass.

INTELLIGENT LUUCHTEN

Beim Konzept vun deenen esou genannten „intelligenten Luuchten“ geet et drëms, Stroum ze spueren. Et sinn dëst innovativ LED-Luuchten, deenen hire Sënn et ass, nëmmen dann méi hell ze ginn, wann Foussgänger, Vëloen oder Autoen méi no kommen. Doduerch dass Beweegungen erfaasst an zu verkéiersarmen Zäiten dëss moderm Stroosseluuchten gedimmt ginn, handelt et sech em eng energieeffizient Method, déi nach dobäi Käschten reduzéiert.

SCHNELLEN INTERNET

Sait dem COVID an deem dono verstärkten Trend vum Schaffen am Homeoffice, ass et ëmmer méi offensichtlech ginn, wei wichteg et ass gutt mam Internet verbonden ze sinn. Esou dass dat hautdesdaags och ëmmer ee méi wichtige Krittär ass wann et drëms sech an sengem Doheem wuel ze fillen. Eng uerdentlech Internetverbindung sécher ze stellen schéngt awer keng Prioritéit vun eisen aktuelle Gemengeverantwortlechen ze sinn. Oder wéi erkläert et sech soss, dass laut dem ILR, déi allermeescht Gemengen am Süden besser bis vill besser ausgebaut sinn wat de Glasfaser ugeet wéi d'Gemeng Suessem? Jo esouguer am deem ländlechen Norden, wou sech dee schnellen

Internetausbau oft mangels finanziellen Interessen als méi komplizéiert erweist, sinn eng Partie Gemengen besser opgestallt.

An domat net genuch... net nëmmen hänkt d'Gemeng Suessem aktuell schonns hannendrun wat Disponibilität vun der Glasfasertechnologie ugeet, mee och den Ausbau gëtt net aktiv gefërdert, esou dass ee riskéiert nach méi an d'Hannertreffen ze geroden. Op der Säit vum ILR kann een nokucken wéini déi eenzel Stroossen endlech vun där aler Koffertechnik op déi vill méi schnell Glasfasertechnik ëmgestalt ginn. Laut dem ILR wäerten nach eng ganz Partie Leit aus der Gemeng Suessem zimmlech laang mussen dorobber verzichten, dat Ganzt wäert sech jee no Strooss bis an d'Joer 2030 zéien!

Natierlech hänkt den Internetausbau net nëmme vun de Gemegeverantwortlechen, mee och vun aneren Acteuren of. Märsinn awer der Meenung, dass wann sech Geleeënheeten ubidden een déi och notze soll. Esou hu märs zum Beispill gefrot, dass bäi verschiddeenen, souwisou geplangten Aarbechten zu Éilereng, wou ënnert anerem och d'Post um Internetréseau geschafft huet, ee vun der Situatioun profitéiere sollt fir an engems direkt och aner Stéit mat unzeschléissen. Net nëmme dass d'Leit dann manner oft wéinst opgerappte Stroossen, Kaméidi, a.S.w. an hirem Alldag gestéiert géife ginn, mee et géif een direkt e puer Mécken op ee Schlag erleedegen. Op Nofro hin bei der Post op vun den aktuellen Aarbechten géif profitéiert ginn, fir an engems och d'Cité op Gewaennchen emzerüsten, krute mer d'Antwort, dass et hinnen net erlaabt wier, eppes do ze ënnerhuelen. D'Antwort vun der Buergermeeschtesch op eist

Erstaunen hin, war déi, dass duerfir kee Budget do wier. Majo dann, esou mussen d'Awunner aus der Cité op Gewaennchen jo nëmme nach bis den 1. März 2030 waarden bis déi Aarbechten laut dem ILR op der Dagesuerdnung stinn!

D'Finanzschäffin Madamm Morgenthaler, huet eis den Ordinären Budget un'Hand vun enger iwwersiichtlecher an detaillierter PowerPoint-Show presentéiert.

Nodeems d'Iescht Joer d'Gemegefinanzreform vun 2017 a Kraaft getrueden ass, huet Sech d'Berechnung an Verdeelung vum FDGC

an ICC un d'Gemengen verännert. Am Detail huet si erklärt, dass bei der Gewerbesteier déi eis anescht bekannt ass als ICC (Impôt commercial communal) zu enger Steigerung vun 12,7% am Verglach zum Compte vun 2022 komm ass. De Budget vun 2024 gesäit eng Steigerung vun 3,7% par rapport zum Compte vun 2022 vir.

Wat den FDGC (Fonds de dotation) ubelaangt, sou ass et hei eng kräfteg Steigerung vun 15,1 % Prozent am Verglach zu 2022.

Um Initial 2024 gesäit een dass trotz den Erausforderungen, deenen een duerch verschiddeenen Krisen a Kricher ausgesat ass, d'Haaptrecette och weiderhin an d'Luucht geet. Et gesäit een dëst gutt um ICC, deen par Rapport vun 2023 em ronn 1,3 Milliounen klëmmt, während den FDGC em 5,7 Milliounen an d'Luut geet. Wann een déi absolutt Zuelen ënnert d'Lupp hält kann ee gesin,

dass den Total vum Initial 2024 mat 68,4 Milliounen en gros 8,6 Milliounen iwwert dem Compte vun 2022 läit, an eppes iwwert 1 Millioun iwwert dem Rectifié vun 2023.

Am Allgemengen ass gutt geschafft ginn an dofir hunn ech am Numm vun der DP och déi meeschte Projeten matgedroen. Duerch déi onsécher politesch an sozio-ekonomesch Zäit déi mer duerchliewen kann ee leider nach net genee soen wéi et an nächster Zäit weider geet an et bleibt ze hoffen, dass sech d'LAG e bëssen entspaant, wat zur Zäit leider nëmme Wonschdenken ze sinn schéngt.

Och wann ee weider investéieren soll, fir d'Konjunktur ze fërderen ass, resp. de Karussell sech weider beweegt, esou soll een awer net den Horizont aus den Aen verléieren, an virsichtig bleiwen.

Well eng ganz Rei vun de Projeten eise liberalen Virstellungen entsprechen, anerer awer nëmme bedéngt, hunn ech am Numm vun der DP Suessem entscheet, mech dëst Joer beim Vott vum Budget 2024 ze enthalen.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Patricia Speck-Braun,
DP-Gemegeconseillère

PIRATEN

Prise de Position par Bruno Da Silva

ANALYSE BUDGET 2024 GEMENG SUESSEM

Gudde Mëtteg,
Ech fänken meng Analyse zu dësem Gemengenbudget, Sou wéi et sech gehéiert, mat engem Merci un.

Ee Merci als éischt un d'Leit a menger Sektion, déi mer hieren Input fir dës Ried geliwwert hunn. Ee Merci dann och un de Finanzservice vun eiser Gemeng, ouni deen de Gemengerot haut net iwwert esou ee proppert Budgetsdokument kéint schwätzen.

De gréissten Budgetsposten an enger Gemeng sinn, an dat ass an all Gemeng esou, d'Salären vun de Gemengenaarbechter a Beamtinnen.

Eng Gemeng ass nëmme esou gudd wéi seng Beamten et sinn. An dofir och ee grouse Merci virun allem dem ganze Gemengepersonal, fir d'Aarbecht déi si all Dag fir eis Matbirgerinnen leeschten.



Fir d'Piraten an och fir mech ass et déi éischt Ried zum Budget hei an der Gemeng Suessem. Dir wäert gesinn, dass mir dat Ganzt kritesch mee virun allem konstruktiv kommentéieren.

Mäin Job hei ass et net, fir Lobeshymnen ze sangen, mee fir ze kucken, fir wat eis Steiergelder benotzt ginn, déi eis Matbierger-innen all Joers erschaffen.

GESAMTSTAND BUDGET 2024

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,
Ech resüméieren da kuerz de Gesamtstand vum Budget 2024, bevir ech op den Detail a méi konkret Projeten aginn.

Beim ordinäre Budget, also den Daily Business si fir d'Joer 2024 116 Milliounen Recetten géint 108 Milliounen Ausgaben virgesinn.

Opfälleg ass, an dat goung aus der Presentatioun vum Schäfte-rot ervir, dass d'Differenz téschent Recetten an Ausgaben op 7,5 Milliounen schrumpft. 2023 lounge mer nach bei 15 Milliounen, also dem Duebelen.

Ech gesinn een Haaptgrond dofir An dat ass, dass d'Gemeng ronn 3,5 Milliounen u Préten an Zënsen zeréckbezuele muss.

2018 bis 2022 goufen Préten an Héicht vun 30 Milliounen Euro gemaach. Et klénge schéin, wann d'Gemengeresponsablen elo soen, se géifen dëst Joer keng nei Scholden ophuelen.

Mee et ass jo och esou, dass an der leschter Legislatur dëse Schäfte-rot schonn 30 Milliounen Scholden opgeholl huet. Do ass et nëmme logesch, dass een iergendwann mol bremsen muss.

Eis Gemeng huet deemno ee Scholdestand vun 36 Milliounen Euro. Ee Bedenken hunn ech hei bei den Zënsen: Hei muss mer fir 2024 bal 1 Millioun virgesinn. Sinn déi Tauxen fix oder muss mer do an Zukunft méi Suen virgesinn?

Hei muss mer als Gemengerot een Aa drop halen fir d'Situatioun an deene nächste Joren net weider ze belaaschten fir dass de Sputt téschent Ausgaben a Recetten net weider schrumpft.

Ech wëll awer d'Préten net allgemeng verdäiwelen:
Et ass luewenswäert, dass mer di Scholden opgeholl hunn, fir d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger-innen z'erhéijen.

Zum Beispill muss een an eiser Gemeng net op enger Waardelescht sinn, fir eng Plaz an enger Betreiuungsstruktur ze kréien. Aner Gemengen, déi vleit keng Scholden hunn, deene feelt et dofir un Infrastrukturen, well net zur Zäit investéiert gouf.

Insgesamt bewäerten mir Piraten d'finanziell Situatioun als stabill.

ANALYSE RECETTEN

Ech kommen dann kuerz op d'Recetten vun eiser Gemeng ze schwätzen. Ouni Iwwerraschung kommen de Groussdeel un de Gelder duerch den Dotatiounsfong vum Staat eran. Duerno eben ee grousse Deel u Subsiden vu verschiddene Ministären,

Zum Logement hunn ech hei Villes ze soen: Hei gesäit een, dass 3,5 Milliounen Euro duerch de Verkaf vun Terrainen un de Fonds du Logement erakommen.

Mir Piraten begréissen dës Approche, dass wann d'Gemeng Terrainen verkeeft, déi och a Staatshand bleiwen.

An anere Gemengen gesäit een ëmmer nach, dass Terrainen un de Privatmarché verkaf ginn an da verluer sinn.

Beim Logement ass eis bei de Subsiden och opgefall, dass d'Gemeng vun den Hëllefen vum Staat profitéiert fir de PAP Walerwiss Ehlerange an Belval Sud.

Hei iwwehëllt de Logementsministère 75% fir zwee Appartementer. Dat sinn ëmmerhin 3,5 Milliounen Recetten. Dat ass eng gutt Approche an eisen Aen a mir sollten dat massiv ausbauen.

Nëmme esou kënne mir all eis Matbierger-innen an eiser Gemeng halen, an dat nëmme fir 25% vun Akafspräiss.

Bei der Grondsteuer gesinn ech, dass mer de Steiersaz fir Bauterrainen op 800 Prozent eropsetzen. Mir sinn och der Meenung, dass op Bauterrainen soll gebaut ginn an net spekuléiert. Grad Groussgrundbesëtzer mussen mer Drock maachen.

Mir Piraten géifen dofir souguer méi wäit goen an de Steiersaz fir Bauland nach méi an d'Luucht setzen. An anere Gemengen, ech huelen Dikrech als Beispill, leit den Steiersaz bei 15000%. Dat heescht, do sinn nach Méiglechkeeten, déi mer notze kënnen fir dass Bauterrainen mobiliséiert ginn, bevir déi nei Grondsteuer an e puer Joren a Kraaft trëtt.

Betreffend de Recetten hunn ech nach eng lescht Remarque vun eiser Säit: Mir plädéieren dofir, dass an eiser Gemeng de Steiersaz fir d'Betriebe erof goen misst. Beim ICC, also der Gemengesteier, sollte mer an Zukunft op de Wee goen fir se erof ze setzen.

Wann een d'Zuele kuckt am Budget, gesäit een, dass fir 2024 dass d'Recetten aus dem ICC sollen erofgoen. Wourunner leit dat? Sinn eis Firmen fortgelaf?



CSV geet jo national de Wee, dass manner Steieren méi Wirtschaftsaktivitéit mat sech bréngen.

An där Logik misste mir an eiser Gemeng mam Steiersaz erofgoen, fir kompetitiv an attraktiv ze bleiwen am Verglach mat anere Gemengen am Land.

Suessem leit bei 350% a mir sollten hei net méi domm sinn wéi aner Gemengen, wou de Steiersaz bei 225% leit fir weider Aktivitéiten an eis Gemeng ze kréien.

Ee leschte Punkt, wou mir Piraten an Zukunft een Aen drop halen, betrëfft Loyeren déi d'Gemeng erakritt.

Et fällt zum Beispill op, dass d'Gemeng zu Zolwer beim Artikuss ee Commerce fir ronn 750€ de Mount verlount, un eng Pizzeria (Lo Scrigno).

Wann een dat vergleicht mat deem, wat een normale Restaurant zu Bieles oder um Belval privat misst bezuelen, da stelle mir eis d'Fro ob een do wierklech muss op Loyer verzichten op Käschte vum Steierzueler, fir ee Restaurant z'ënnerstëtzen.

Näischt géint de Restaurant, mee et ass net un der Gemeng, fir hei Privatfirmen Cadoen ze maachen. Dee Loyer, mee och anerer, missten eng Keier op de Leescht geholl ginn.

Bei Start-ups an ASBLen verstinn ech Hëllef, mee bei Firmen wou Joren gutt lafen, kann een d'Loyeren am Verglach zu anere Restauraten roueg upassen.

DÉPENSES

Souvill zu de Recetten. Ech kommen dann nach op e puer Punkten, déi mer bei den Ausgaben opgefall sinn.

Et si vill Punkten, déi et der wäert sinn fir ernimmt ze ginn, sierf et d'Maison relais bei der Ecole2000 mam Complexe pour enfants fir ronn 10 Milliounen Euro. Also eng weider Investitioun fir eis Gemeng liewenswäert fir Familjen ze halen.

Oder och d'Käschten vun der Kanaliséierung, zum Beispill Helgebaach oder Cité Grand-Duc Jean fir ronn 2 Milliounen Euro.

Dës Projeten weisen, wéi héich d'Käschten vu Waassermanagement sinn. Proppert Dréinkwaasser a Waasserleitungen sinn net selbstverständlech an hunn hire Präiss.

Och de Projet vun der Maison sociale ass nennenswäert. Hei ginn ëmmerhinn 5 Milliounen an de Grapp geholl, fir de sozialen Zesummenhalt an eiser Gemeng ze stäerken.

Just beim Numm stéieren ech mech e bëssen. Kann een den Numm net änneren? Well e stigmatiséiert déi Leit di dohinner ginn. Wéi wier et mat Haus vum Zesummenhalt?

Op der Säit Säit 216 vum Budget liesen ech dann: Aménagement des alentours du château de Sanem. Hei stelle sech vill Leit d'Fro: Wéi geet et mam Suessemer Schlass weider? Kann d'Buergermeeschtesch eis méi genee Informatiounen ginn, wéini déi ugekënnegt Hotelsschoul soll opgoen?

Beim Kanner-campus hunn ech héieren, dass do de Budget erofgesat gouf, mee am Budgetsdokument fannen ech bei den Dépenses näischt. Kann de Schäfferot dat bestätegen?

Fir den TICE ginn d'Ausgaben och richteg an d'Luucht, bal 60% méi. An anere Gemengen ass dat och de Fall.

Meng Fro ass: Wat verbessert sech doduerch elo fir d'Passagéier vum TICE? A wat spréngt fir eis Gemeng fir dësen Invest vum 3 Milliounen eraus? Ee gudden Punkt ass dann nach de Bau vum synthetesch Terrain zu Ehlerange. Dat ënnerstëtze mir. Den aktuellen Terrain ass net gutt: Soubal et reent, da spillen d'Kanner am Bulli an oft gi bei schlechtem Wieder d'Trainingen ofgesot.

Dofir si mir voll a ganz averstanen, dass hei d'Suen fir eis Kanner an de Grapp geholl ginn, fir dass si kënnen sportlech aktiv bleiwen, wat och gutt fir hir physisch a mental Gesondheet ass.

WAT MIR PIRATEN EIS NACH WËNSCHEN

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,
Natielech weist ee Budget och ëmmer politesch Prioritéiten.
Deemno sinn an engem Budget Saachen dran, déi engem gefalen.
An natierlech feelen eis Piraten och Saachen, déi vleit fir dës
Majoritéit net esou wichteg sinn.

Ee wichtige Punkt ass fir eis, dass mer d'Jugendhaiser net
vergiessen. Mir bauen elo zu Suessem ee ganze Schoulkomplex
fir 23 Milliounen. Dat bedeit dass mer méi Kanner hei wäerten
an der Gemeng hunn. An do dierfen dann Jugendhaiser an
eisen Aen net feehlen. Dat aktuellt Jugendhaus ass nämlech a
kengem gudden Zoustand a misst onbedingt renovéiert an nei
opgestallt ginn.

Mir géifen eis dann och eng Musikschoul hei an der Gemeng
wënschen, fir dass eis Kanner net an d'Nopeschgemengen
pendelen müssen oder do benodelegt ginn.

D'Plazen an deenen anere Gemengen sinn nämlech och
limitéiert an eis Kanner riskéieren a verschiddene Fäll hir
Plaz ze verléieren. Hei kéint een mat eisen Nopeschgemengen,
Käerjeng, Esch a Péiteng kucken, wat mir zu Suessem un Offer
kéinten opstellen, fir ze komplettéieren. Mir brauche kee ganze
Komplex fir Milliounen ze bauen, mee mat engem Sall an enger
komplementarer Offer géif et schon duergoen.

Ech hunn dann och nach eppes unzesetzen bei den Ausgaben
fir eis Senioren. Beim Altersheem héieren ech vu ville Leit,
déi sech iwwert d'Präisser vun den Zëmmeren beschwéieren.

Et ass allerdings verständlech, dass Altersheemer eppes kaschten,
wann een eleng d'Personalkäschten am Budget kuckt. Mee dofir
géife mir Piraten och eng aner Approche goen, déi ville Senioren
méi Liewensqualitéit kéint bréngen an och fir d'Gemeng mi
bëlleg kéint ginn.

Mir wëllen de Leit ee schéinen drëtten Alter erméiglechen,
woubäi si esou laang wéi méiglech sollen fräi an onofhängeg
kënne liewen. Mir setzen eis dofir an, dass méi Wunnungs-
projeten fir Senioren hei an der Gemeng op d'Bee gestallt ginn,
nom Stil vu Wunnungsgemeinschaften. D'Beienhaus ASBL huet do
eng interessant Approche, déi een hei ëmsetze kéint.

Zu gudder Lescht sollte mer als Gemeng och kucken, fir méi
Restaurants, Epicerien, kleng Commercen oder flott Kaffien,
déi och kannerfrëndlech sinn a wou d'Familljen hir Fräizäit
verbréngen kënnen.

Wéi scho virdrun gesot, sollte mer d'Commercen, déi fir fair
Loyeren verlounen, virun allem fir Start-ups opmaachen.

Ma wann ee Restaurant leeft, sollt een d'Plaz fräimaachen,
fir dass een aneren Commerçant seng Chance kritt.

Domadder kommen ech zum Schluss.
Dir gesitt, ech war kritesch, mee och konstruktiv.

An dementspreechend stëmmen d'Piraten dëse Budget,
och wann en net 100% op eiser Linn ass, awer di meeschte
Projeten ganz gudd sinn, ganz gären mat.

Bruno Da Silva,
Piraten

DÉI LËNK

Prise de Position par Myriam Cecchetti

Léif Matbierger-innen, léif Kolleg-innen aus dem Schäffen-
a Gemengerot,

D'Budgetsdebatten sinn den Oofschloss vun engem
Gemengerootsjoer wou finanztechnesch gekuckt gett wat am
Laaf vum Joer réaliséiert gouf a wat huet misse reportéiert ginn
op dat Joer drop.

D'Budgetdebatten sinn awer och den Ufank vu eppes Neiem
– nämlech deem wat dat Joer drop usteet, dat wat also an
der Planung ass resp och dat wat nach an der Planung vum
Joer virdrun ze mache bleiwt an e ganz wichtigen Deel
sinn d'**Prévisiounen** vum ordinaire Budget. Dësen Deel
bedeiten d'Fixkäschten resp déi laafend Käschte déi een am
Ae muss behaalen fir dat eng Gemeng schaffe resp. iwerhaapt
funktionnéiere kann.

Op dëser Platz wëll ech dann eise Leit aus dem Finanzservice
awer besonneg der Mme Cencetti an dem Här Jaenisch e
grousse MERCI soen fir all di Aarbecht di si sech dat ganz
Joer mache fir dat hei alles selon les règles de l'art oofleeft.
Doniewt huele si sech awer zu dësem Zäitpunkt Zäit fir eis als
Gemeengeconseillieren Ried an Äntwert ze stoen, fir eis Froen
esou gudd et geet an esou séier wéi méiglech ze beäntweren.

Ech wëll awer och eis Buergermeeschteg an déi zoustänneg
Finanzschäffin an de Mercien net vergiessen, well och si hun
sech Zäit geholl fir eis hier Point de Vuen am Virfeld ze erklären,
esou dat mär als Parteien och Zäit haaten eis méi intensiv mam
Budget kënnen ze beschäftegen.

Mär begréissen et och als déi lénk, dat an deene lāschte Joeren vill méi Wert drop geluecht ginn ass eis vill éischer esou gudd wéi méiglech ze informéieren wat am Budget steet, och wann eis dat nach net wäit genuch geet a mär frou wäeren vill méi **aktiv** an de Budget mat agebonnen ze ginn.

Dat well heeschen dat mär frou wäeren en Deel vun der Diskussioun am Virfeld ze sinn esou wéi mär jo och emmer erem froen dat eis Bierger-innen vill méi aktiv agebonne misste, sollte ginn.

Ech erklären eise Point de Vue: Bei Investissementer virun allem wann et ëm d'Infrastruktur geet sollt dat am Virfeld mat de Bierger-innen zesummen erschafft gin well dës soll e jo vun de Leit matgedroen ginn

An eisen Aen huet ee vill manner Resistenzen wann Investissementer, Embauten, Emstrukturierungen, Stroosseprojeten mat de Leit zesumme am jeweilige Quartier beschwat ginn!

Wat brauche si? Wat wëlle si? Wat kënnen si mat bäidroen?
Hei géif ech ganz gärén d'Beispill vum partizipative Budget vun Diddeleng uginn, do wou jo awer eng Majoritéit d'soen huet déi eiser Majoritéit hei aus der Gemeng net friem ass ;-).

Ech wéilt awer och Referenz huelen ob déi Quartiers-Aarbecht, déi mär och an eise Walprogramm proposéiert hunn, notamment d'Iddi dass Membere vum Schäfferot reegelméisseg an déi verschidden Uertschafte gi fir de Leit ze erkläre wat si an hire Quartiere wëlles hunn resp d'Bierger-innen ze froen wat si villäicht als Plus-value an hiere Quartieren gesinn resp gärén hätten, natirlech emmer am Rahmen vum Budget. Dat géif de Leit erméiglechen ze wesse wat op si duer kënn, mee et kéint hei och e konstruktiven Austausch entstoen, deen et dem Schäfferot erméiglecht 'en amont' Projete vläicht nach emol ze iwwerdenken oder unzepassen. Schlussendlech wäeren d'Leit méi agebonnen an de Frustr och méi kleng.

Ech zitieren hei och aus dem **Koalitionsprogramm** vun der Rout-Schwarzer Majoritéit: „Wir wollen unsere Gemeinde zusammen mit all unseren Bürger-innen für unsere Zukunft gestalten“. Do ass also nach vill Loft no uewen a was noch nicht ist, kann ja noch werden.

Wann der no dese Budgetsdebatten ufänkt kinnt der et evt färdeg bréngen esou Akzenter fir de Budget 2025 zesummen mat de Bierger-innen aus der Gemeng ze setzen. Mär wärten op allefall déi Piste aktiv ennerstetzen!

Beim Budget rectificé 2023 wesse mär als Gemengeconseillere jo wat gelaaf ass, well mär dës Informatiounen jo emmer an de Gemengeréit kritt hunn a well mär eis an eise jeweilige Parteien och mat deenen Dossierer ausernanergesaat hunn. Gréissten Deels hu mär jo och di Projeten matgestëmmt. Just bei e puer

wéineg Punkten hu mär eis enthaalen oder carrément dogéint gestëmmt wann et z. B. em substantiell Erhéigunge gaange ass.

Zu deem wat gelescht gouf droe mär also eisen Deel aktiv bäi, mär proposéieren ganz oft awer och Alternativen, nei Iddien, ginn Denkestéiss,... déi stoussen awer leider ganz oft op daaf Oueren... an héiersdo fëndt een e puer Joer drop eis Iddien erem vun der Majoritéit opgegraff awer ouni e Wuert ze soen... net grad di fäin Art a Weis... mee mär sinn dat gewinnt.

Mär bliwen trotzdem an eisen Diskussiounen konstruktiv, am Sënn vun eise Bierger-innen, am Sënn vun méi Nohaltegkeet an sozialer Gerechtegkeet.

Dowéint si mär gewielt ginn, dat ass eise Rôle (iweregens ass dat de Rôle vun all Gemengeconseiller – net nëmmen dee vun der Oppositiooun just mol esou um Rand bemierkt). An dat wäerte mer dann och – wéi gewinnt an vun eis erwaart – haut op dëser Platz hei maachen.

Genee wéi all Joer ass et finanztechnesch kloer dat de Budget muss opgoen a genug Spillraum bidden muss fir kennen Reserven unzeleën a fir handlungsfähig ze bliwen.

D'Madamm Bourgermeeschtesch an och d'Finanzschëffin hu gesot, dass et e virsichteg Budget ass, e Krisebudget, dass d'Madamm Innenministesch an enger Circulaire drop higewissen huet, dass d'Gemenge sollen vigilant bliwen, an an dësen onséchen Zäiten, eng virsiichteg Finanzplanung maachen, ouni weider Préten opzehuelen.

Grad a Krisenzäiten musse politesch Décisioune geholl ginn, déi finanztechnesch ëmgesat ginn. Et si net d'Finanzen déi d'Politik bestëmmen ma et muss ëmgekéiert sinn! An dat ass de groussen Enjeu an och déi eigentlech Schwächt vun de vergaangen an och vun dësem Budget!

Komme mär elo zu den **Recettes an dépenses ordinaires!** Alles wat dat dagdäglecht Geschäft vun der Gemeng ugeet do si mär zimlech beschränkt an eiser marche d'oeuvre.

E groussen Undeel vun den Ausgaben sinn do d'**Personalkäschten**. Mir si prinzipiell der Meenung, dass e gudden öffentlechen Zerviss säi Präis huet an d'Leit och anstänneg Paien ze gutt hunn.

Well wa mär wëllen eng Gemeng sinn déi all eise Bierger-innen e gudden Zerviss ubidd, da mussen eis Servicer och personell esou beluecht sinn, dat si dat packen. Dir hutt och gesot dir hätt de Niveau vun de Neiastellungen bewosst déifgehalen.

Mär froen eis awer, op dat Personal wat do ass och ëmmer rational agesat gëtt. Eng intern Enquête vu virun 2 Joer huet

erginn, dass verschidde Leit aus verschidde Servicer „ënnerbelaascht“ an aanerer „iwwerbelaascht“ sinn a quasi ouni regelméisseg Iwwerstonnen hieren „Job“ net gemeeschter kréien.

Et wär interessant ze wëssen wéi Mesures fir de bien-être vun de Leit ze garantéieren hei konkret geholl ginn sinn?

Mir géife vorschloen, dass do eng Hëllef vu Bausse kéim, an et fir esou e grouse Betrieb wéi eis Gemeng een ass, eng ISO-Certificatioun ubruecht wier. Iwwert esou eng Certificatioun ginn Aarbechtsofleef vereinfacht an optimiséiert. Well wa sech definitiv erausstelle géif, dat verschidde administrativ tâches gläichzäiteg parallel vu méi Léit erlieedegt géife ginn – wat Konfusioun bréngt, Zäit brauch a Frustratiounen verursacht. Alles Facteuren déi de bien-être belaschten. D’Kommunikatioun, esouwuel intern wéi och extern, misst nach verbessert ginn. Alles dat ass méiglech a ging den Service un eise Biergerinnen verbessern, Wuardezäiten verkierzen an eise Mataarbechterinnen e gudd Gefill vermëttelen, esou dass mär, wéi där gingt soen eng „win-win“ Situatioun hätten.

En plus wëlle mär als déi Lénk jo och net dat Zervisser ausgelagert ginn, bien au contraire, mär wäire frou wann mär nach aner Zervisser nees zrëck an Eegeregier hätte wéi z.B. de Müllzerviss. Eis Gemeng huet en gemengeneegenen CIPA, d’SEA’en mat deene jeweiligen Cantinen, sinn an eegener Hand. Och d’Botzpersonal ass bei eis ugestallt! Deem kënne mär nëmmen zoustëmmen, mee dëst bedeit forcément dat d’Paien de gros vun den Dépensen ausman.



Op deer anerer Säit si mär als Gemeng relativ beschränkt wat d’Recetten ugeet. Déi kréie mär just durch Taxen, Allocatiounen, Assurance dépendance, FDGC an ICC eran. D’**Gemengentaxen** leen mär als Gemeng selwer fest.

Och hei, dir wësst et, an do si mär och konsequent an eiser Koninuitéit a fuederen säit éiweg, dass Taxen sollen differenziert a gestaffelt ginn z.Bsp. beim Waasser, beim Müll, ... well een hei sozial an ökologesch Kriterien muss mat abezéien. Et kann een net en einfachen finanzteschnechen Kalküll maachen a soen dass all Käschten am nämlechte Poid op den Endverbraucher ofgewälzt ginn. Dat ass sech d’Saach einfach gemaach.

D’Kapitel **Alterheempräisser** ass fir eis och nach ëmmer net ofgeschloss.

Och hei hätte mär gären differenziert a gestaffelt Präiser déi fir méi sozial Gerechtegkeet gingen suergen. An och hei froe mer schon laang en Debat fir méi Transparenz wat d’Opschlüsselung vum Altersheempräis ugeet, ëmmerhin hu mer hei reglméisseg en zolitten Iwerschoss (vun 2006-2022 hu mer 8 Mio€ Boni gemaach). Dat ass schon derwäert fir méi genee enert d’Lupp geholl ze ginn. An eiser Meenung no gëtt et keng Rechtfertigung fir déi ondifferenziert Erhéijung vun 2,5 % bei all Indexbranche duerchzezéien!

Mär wärten déi ugekënnegt Taxenerhéijung am Beräich Schoukolonien, och am Ae behaalen a gegebenenfalls je nodeem wéi déi berechent gett dogéint stëmmen!

Den **ICC – impôt commercial communal** – ass dat läscht Joer op 350% gehéicht ginn dëse setzt sech aus dem Gemenghewesatz op de Benficer vun de Betrieber zesumme a klëmmt ronn em 1,3 Moie € par Rapport zum initial 2023.

Mär als déi Lénk hunn déi Erhéijung ëmmer gefuerdert, well mär der Meenung sinn, dass een d’Suen do soll huele wou se och sinn, an den ICC ass jo eng Steuer déi um **Benefice** vun den Entrepreneuren gezu gëtt an domadder sënnvoll fir d’Allgemengheet agesat ka ginn.

Wa mer also iwwert dës Recette schwäetzen da misste mär logescherweis méi kommerziell Aktivitéiten an eiser Gemeng ustriewen. De Moment si mär als Gemeng, wat déi Entwécklung selwer ugeet schlecht gestallt, well mär quasi keng Duerfzentren méi hunn, de ganze Commerce de proximité ass quasi inexistent, well all Aktivitéiten sech op Aktivitéits- an Industriezonen konzentréieren. Sicht emol e Bistro zu Suessem... et gett kee méi, och dat ass problematesch.

Mir hunn elo nees e Bäcker an e Metzler an der Escher Strooss zu Bieles. Do musse mär weider dru schaffen, fir och weider kleng Commercen d’Méiglechkeet ze ginn z’iwwerliewen.

De Probleem besteet ganz oft an de Chargen vun de Loyeren, déi esou erdréckend sinn. Hei kann eng Gemeng hëllef, wéi mär et jo och scho machen (anere Point de Vue wéi mäi Virriedner).

Well mär der Meenung sinn, dass eng **Gemeng ökonomesch Aktivitéiten**, déi **am Sënn vun der Gesellschaft** sinn, soll a muss bedreiwen, hu mär als **déi Lénk eng Wirtschaft- an Entwécklungskommissioun** gefuerdert, wou een déi Froen emol op de Leescht huele kinnt an sech eeschthaft Gedanken kinnt machen, a wéi eng Richtung dass eis Gemeng an domat hir Einnahmen sech entwéckle soll.

E gudden Usatz wuaren do Enn vum läschte Joer déi Diskussiounen zum PDAT (*Plan de développement de l'aménagement du territoire*). Do as e gemeinschaftlechen Avis développéiert ginn, wou och déi Froen an de Kontext vun der Grouss-Regioun gestallt gi sinn. Dat betrëfft jo ganz vill Beräicher, Schaffen, Mobilitéit, Wunnen Liewensqualitéit, Umwelt etc... et hängt jo alles zesummen. Hei misst en breeden öffentlechen Debat lancéiert ginn wou all Bierger-innen gingen matagebonne ginn.

Do dernieft ginn et och Gemeinschaftsprojeten also **Zirkularwirtschaft**, iwwer Repair-Café, Secondhand, also nohalteg an sozial Projeten, déi och nach fir de sozialen Zesummenhalt suergen, déi méi developpéiert kinnten a misste ginn.

De „CIGL“ an „Eis Epicerie“ sinn esou Projeten, wou eis Gemeng schon hieren aktive Beitrag leescht. Dat ass awer alles nach ausbaufähig.

Bei dësem Punkt wéilt ech awer och nach ganz gären op en anere Punkt agoen, deen an den Aen vun déi Lénk immens wichteg ass, nämlech dass d'Gemeng selwer ging **Bauhär** ginn. Iwwert de Pacte Logement 2 ginn et ganz vill Méiglechkeeten, well de Staat, also déi aaner öffentlech Hand zolitt bäistériert, z.Bsp. 75 % bei Mietwunnengen. Eng Gemeng kéint mat professionellem Personal selwer Wunnegen bauens a se da verlounen. E kinnt e Circuit geschaafe ginn, wou dës Fongen kéinten fir weider Projeten genotz ginn.

Bei der **Energiefro** wieren och Méiglechkeeten an d'A ze faassen z.B. gemengeneegen Cogeneratiounsanlagen. Bei de Solaranlagen ass och nach vill Loft no Uewen (de Solarkadaster hu mär jo schon, mee leider gött dee net wierkelch genotzt). Hei misste mär vill méi proaktiv virgoen an d'Leit uschreiwen. Am Ausland ginn et Stied an Dierfer déi op deem Punkt schon autonom sinn resp um gudde Wee sinn et ze ginn.

Bei dësen **3 grouse Beräicher**:

1. Rekomunaliséierung,
2. d'Gemeng als Bauhär an

3. eng Gemeng als autonom Energieversuerger gesi mir nach vill Potential fir eis Gemeng, wou mär mëttel-fristeg an esouguer ganz nohalteg wierklech Suen kéinten generéieren an sech domadder finanziell Eegemëttele kinnte schafen.

Wat den **FDGC – de fonds de dotation globale des communes**, eis Haapteinnahmequell ugeet, kenne mer just widerhuelen wat mer och net midd ginn ze ënnersträchen:

Als 6. gréisst Gemeng komme mir de Moment net an de Genoss vun zousätzlechen Fongen wéi Gemengen déi déi den **CDAT (Centre de développement et d'attraction)** unerkannt kréien – une commune dont le degré d'équipement en services publics et privés et tel qu'elle est à même d'assurer une fonction d'approvisionnement plus ou moins importante pour elle-même et pour ses arrière pays).

Eis Gemeng hätt eiser Meenung no den Statut vun engem CDAT zegutt, esou wéi Déifferdeng an Diddeleng, dat ging eis 5% abréngen – dat wieren eiser Berechnung no eng ronn 2 Mio € zousätzlech.

Et also derwäert sech op deer Fro emol méi genee ze positionéieren an eng konkret Demande bei der neier Regierung ze formuléieren.

Am Moment klemmt den FDGC em ronn 5,7 Moi € par Rapport zum initial 2023. Dëse Fong setzt sech aus den direkten an indirekten Steieren déi d'Bierger-innen bezuelen zesummen – also aus eisen eegenen Suen.

Hei kann een also soen, dass dës Haapteinnamen weiderhi konstant klammen, trotz de makroökonomeschen a geopoliteschen Entwécklungen (Energie- a Klimakris, Inflatoun, Produktiounsenkpäss, Krich etc.), deene mär ausgesat sinn, dixit Finanzschäffin.

Jo dat stëmmt, se gin ann d'Luut, mee eis Käschte ginn jo awer och an d'Luut an et kann ee net verleugnen dat mär richteg oofhängesch sinn vum FDGC an ICC!

En plus verlangt de Staat emmer méi Zervisser déi d'Gemenge stëmme sollen op deer enger Säit, an op deer anerer Säit ginn d'Subsiden déi ausgeschott ginn iwert de Staat, net forcément an d'Luut.

Wann eis Burgermeeschteg awer an hierer Ried seet: „Wann ech dann och nach un eist informatesch Material fir d'Schoulen denken, wat och bis elo net vum Stat subsidiéiert gött a wou mer lo awer hoffe kënnen, datt dat mat der neier Regierung jo kéint änneren.“

Grad esou wéi Subventionéieren bei dem Bau vun enger Maison Relais. Do ginn ech d'Hoffnung och net ob, dass do Upassungéiere kënnen kommen mat der neier Blo/schwaarzer Regierung“

Do stellen sech eis als déi Lénk awer eng Rei Froen: Hätt si sech, als députée maire, do net kënnen fir di Upassungéiere vun de Subventionnéierungen asetzen?

Et ass schonn eng komesch Aussoe, wann ee bedenkt dass d'Madamme Buergermeeschtesch leschtens nach fir eng vun de Majoritéitsparteien an der Chamber souz an do och fir d'Propositium de Loi vun der CSV hätt stëmme kënnen. Dëst Proposition de loi hat ebe virgesinn dass d'Material fir d'Schoule vum Staat subventionéiert géif ginn? Firwat gétt sech hei ni proaktiv fir eppes agesat, firwat ëmmer ofwaarde wat „do uewen“ gesot an entscheet gétt?

Komme mär elo nach zum Budget **extraordinaire**. Am Extraordinaire si mär mat den Investissementer wat eis Schoulen an eisen SEA betrëfft op enger Linn. Mär därfé keng Woardelëschte fir d'Kannerbetreierung kréien. Bis elo hu mär dat nach emmer färdeg bruecht an dat soll och an Zukunft esou bleiwen, dofir hu mär eis als déi Lénk och emmer agesaat. Déi Chancegläichheet déi de Minister emmer esou an d'Fenster stellt soll bei eis an der Gemeng och eng wirklech sinn. Et ass schlëmm genuch, dat dëst net an all Gemeng de Fall ass!

Esou si mär och der Meenung, dat mär eigentlech méi wéi een CIPA missten an der Gemengenhand hunn. Eis Bevölkerung gett emmer méi aal a mär mussen eis deer Problematik stellen, mär dürfen eis dëser net verschléissen, well soss hu mär an e puer Joer e massive Problem.

Bei all dësen Projeten ginn et ganz oft substantiell Haussen, déi verbucht musse ginn wat munchmol nozevollzéien ass, well z.B. Indexgebonden, awer munchmol och net, wéi z.B. Saache goufe vergiess, net di richteg Qualitéit, ...

Déi Lénk hunn heizu bemierkt dat et wichteg ass dat eng Transparenz vun den Kontrakter téschent den Maîtres d'oeuvre (Büro d'études, Architekten) an Gemeng an vun den Kontrakter téschent den Entrepreneuren an Gemeng gewährleistet ass.

Et wär interessant sech Gedanken ze maachen, wéi een déi Kontrakter ausschreift, esou dass een an der Zukunft manner Prix supplémentaires mussen stëmme, notamment zousätzlech Käschten déi net op der Gemeng imputéiert kënnen a sollen ginn (d.h. déi Käschten déi net durch e Feeler oder eng néi Demande vun der Gemeng entstanen sinn.) Et muss een d'Entreprises an och d'Büroen responsabiliséieren, fir sécherzestellen, dat si eng qualitativ Aarbecht leeschten.

Wat d'Investissementer an der Mobilitéit ugeet, missten all d'Stroossebauprojet iwerpräiwt ginn, wat de Volet mobilité douce an öffentlechen Transport ugeet. Wa scho vill Sue mussen a Stroossen investéiert ginn, da mussen déi Projeten och esou Nohalteg wéi méiglech geplangt a réaliséiert ginn. An dh. Velospisten, resp. -weer, mussen direkt mat ageplangt ginn, kurz Weer, Konnexiounen fir zu Fouss oder mam Velo, mussen erméiglecht ginn, an dat och wa Chantieren ustinn. Emleedungen fir de Foussgänger an de Cycliste mussen do direkt mat ageplangt ginn. D'Secherheet muss gewährleistet sinn! D'Chantiere mussen och besser openeen oofgestëmmt ginn. Et ka net sinn dat quasi op all grouss Achsen an der Gemeng Stroossen zou sinn, den ÖT net mi uerdentlech funktionnéieren kann, Haltestellen net méi accessibel sinn, resp dësen dauernd ze spéit ass.

Wat maache mir bis 2030 wann alles esou bleift point de vue Mobilitéit? Do gi Suen investéiert a Projeten déi nach net wirklech ausgeschafft sinn. Wa mir froe fir méi wäitsiichteg ze gestalten, dann heescht dat zB. och dass et net ka sinn datt Tonne Sue fir Projeten ausgi ginn, déi dann awer éischt a 5 bis 10 Joer ëmgesat kënnen ginn. Stroosse ginn opgerappt, an dann erëm zougemaach, an dann erëm opgerappt, ...

Kee Vëlo, kee Foussgänger kann da vun iergendenger Infrastruktur profitéieren (wat iwwregens dozou féiert dass si dann erëm den Auto huelen).

Beispill: Käerjenger Gare – wann d'Gare vun 2023 bis 2030 net adequat accessibel ass, dann halen d'Leit op op déi Gare ze goen, an da brauch een erëm sou laang Zäit fir si erëm ze konditionéieren dohinner ze goen.

A jo, da wäire mir dann erëm beim Thema „Bierger-innen“: wann d'Bierger-innen net d'Gefill hunn dass si sech an hirer Gemeng fräi beweegen kënnen, da kënnt Frustréierung op... Ofgesinn emol vun de sëllege Sécherheetsbedenken déi et deelweis bei Chantiere ginn, muss hei awer och dofir gesuergt ginn, dass déi Infrastrukture fir d'Mobilité Douce, déi hei virgesi sinn, prioritär behandelt ginn an dass dofir gesuergt gétt, dass d'Leit, ob Chantier oder net, mat Vëlo oder zu Fouss an der Gemeng mobil kënnen sinn.

Da ginn ech do och nees op dat leidlecht Thema TICE an. Och hei stinn vill Suen am Budget, dat fanne mär och net méi wéi richteg, mee et ka net sinn dat d'Doléancen vun eise Bierger-innen säit Joeren an de Wand geschloen ginn, dat se net gelauschtert ginn, dat drop higewise gett dat 2035 alles besser gett. Jo där hudd gutt héieren 2035... Hallooooo... an dat déi Doléancen dann als dommt an inkompetent Gebraddels oofgespeist ginn vun Responsabelen vum TICE... Dat geet net an do mussen eis Verrieder am TICE sech durchsetzen a sech fir eis Bierger-innen asetzen, soss brauche si och guer net do ze setzen!

Wa mär wëllen: Dass d’Gemeng Suessem weiderhinn eng Gemeng ass wou et sech gutt lieve léisst vu ganz kleng bis ganz al. Dixit Madame Burgermeeschter.

Da mussen mär nach villes an d’Rei kréien, mee et ass méiglech, mär mussen déi Problemer just ugoen mat eise Bierger-innen zesummen an eis net dogéint verschléissen.

Merci fir d’Nolauschteren.

Myriam Cecchetti,
déi Lénk

DÉI GRÉNG

Prise de Position par Serge Faber

STELLUNGNAM ZUM BUDGET 2024

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Mataarbechter aus dem Service vun de Gemeengefinanzen, léif Biergerinnen a Bierger dobaussen, léif Vertrieeder vun der Press,

Erlaabt mer fir d’éischt e grouse Merci un d’Nathalie Cencetti an de Mathias Jaenisch mat hirer ganzer Equipe aus dem Finanzservice auszesprieche – e Merci fir hir gutt Aarbecht an Hëllef beim Opstelle vum Budget 2024 a Merci fir déi flott Grafiken, déi et erlaben e schnellen Iwwerbléck ze kréien.

Dëst Joer huet d’Madamm Buergermeeschtesch de Budget mat „Kontinuitéit a Stabilitéit“ fir d’Gemeng Suessem“ iwwerschrifwen.

Mam Begrëff „Stabilitéit“ sinn déi gréng duerchäus averstanen; mam Begrëff „Kontinuitéit“ hu mär dach awer eis Problemer.

Ech wëll hei un d’Wierdervun der Madamm Morgenthaler bei der Virstellung vum Budget ugangs der Woch erënneren, datt d’Gemengeservicer bei de Viraarbechte vum Budget 2024 „wärmestens“ un d’Haerzgeluecht kruten fir ee realistesch Budget opzestellen an sech bei de Wënsch an Doléancen op déi allernéidegst Ausgaben ze beschränken.

Ech zitieren: Et ass „ee Budget ouni Extravaganzen“, mat deem just déi „noutwendeg Projete fir Zukunft“ realiséiert kënnen ginn, also „nëmmen Projeten... déi wierklech mussen ëmgesat ginn“.

Et huet also beim Opstelle vum Budget iwwerall gespuert musse ginn an de Schäfferot huet seng Extravaganzen op der Sait misse loossen. Dëst schéngt dann an de Joere

virdrunn net ëmmer de Fall gewiecht ze sinn, soss misst een dat och net extra erwänen a betounen.

Mee och d’Iescht Joer huet de Schäfferot schon esou Aussoen op dëser Plaz gemaach wéi: „op all nice to have verzichten“, „all Cent zweemol ëmdréinen“ oder och nach „all Ausgab a Fro stellen“.

E Feeler ass dat fir eis allerdéngs net, mee d’Fro dierf awer erlaabt sinn, ob op de richtege Plaze gespuert gouf an ob de Klima-, Natur- an Ëmweltschutz vum Schäfferot och als

Extravaganz ugesi gëtt oder ob dee just de neie Staatsminister an seng Regierung nervt.

Och bei den ordinaire Recetten ass déi ugedeite Kontinuitéit mat ganz vill Virsiicht ze genéissen. D’uerdentlech Einnamen si wuel och 2023, trotz enger Covid-Kris an trotz enger ganz ugespaanter geopolitescher Wiederlag mat engem Ukrain-Krich an enger domatt verbonnener Energie-Kris an Inflation,



erëm an d'Luucht gaangen, esou datt d'Prévisioun vum Ministère de l'intérieur d'Iescht Joer wäit iwwerschritt goufen a schlussendlech och doduerch vill méi ënnert dem Stréch iwwreg blouf wéi déi ronn 1,5 Milliounen, déi am Budget initial vun 2023 virgesi woren.

D'makro-ekonomesch Répercussioune vun de Krisen a vun der Inflatoun wäerten 2024, laut STATECan OECD, massiv spierbar ginn an ee groussen Impakt op d'Recette vum Staat hunn, déi och dëst Joer schon opgehale hu mat sprudelen. Domatte schéngt eng « Revue à la baisse » vun de Prévisioun vum Intérieur fir d'Gemengerecetten aus dem ICC (impôt commercial) an dem FDGC (fonds de dotation global) virprogramméiert, an den ugestriefte Boni définitif vun 9,3 Milliounen Euro fir den Exercice 2024 wäert am Laf vun nächste Joer zolitt a Fro musse gestallt ginn.

Datt een sech der Decken no huet misse strecken, gesait een dann bei den eigentleche grouse Nei-Investissiounen fir 2024, wou de Bau vun enger neier Hal fir d'Spulkëscht mat 530.000 Euro den déckste Posten ausmécht.

Vun enger gewëssener Stabilitéit kann ee awer schwätzen, wann ee gesäit, datt et quasi net zu Aschnëtter kormm ass bei gréisseren Investissiounsprojeten, déi scho länger geplangt sinn oder schon ugefaangen hunn.

Begrëssenswäert ass och, datt de Schäfferot bei den héije Scholdzënsen net op ee weideren Emprunt zréckgräift oder zréckgräife muss fir Projeten ze finanzéieren. Op där anerer Säit kann een sech awer d'Fro stelle firwat de Schäfferot bei den aktuellen interessanten Créditeurszënsen keng Dépôts à court terme virgesinn huet, fir eis Keesen, wann och nëmme ganz e bëssi, opzebesseren an esou d'nächst Joer awer villäicht erëm ee Summerfeeling ze organiséieren fir deen am Abléck kee Budget virgesinn ass.

Ech denken datt de Schäfferot haut ganz frou an dankbar ass, datt an de leschten 20 Joer och ënner grénger Präsenz am Schäfferot, ganz vill an eis Schoul- a Sportsinfrastrukturen investéiert gouf an dës all entweder zimlech nei sinn oder awer scho moderniséiert goufen. Allerdéngs ass hei energetesch a klimatechnesch nach Loft no uewen, esouwuel beim Energie spueren duerch eng besser Dämmung, wéi och beim Produzéieren vu Wäermt a Stroum.

Et sief hei bemierkt, datt eis Gemeng bis elo nach keng eenzeg Wärmepompe bei de gemengeneegene Gebaier installéiert huet a bis ewell och nach quasi keen eegene Stroum mat Hëllef vu Wand- a Solarenergie produzéiert a konsuméiert.

Dofir freet et eis besonnesch, datt am nächste Joer eng Wärmepompe am Centre Culturel Metzlerlach déi al Gasheizung

ersetze soll an datt virun allem beim Projet vum neie Kannerkomplex zu Suessem eng Wärmepompe gekoppelt mat engem Äisspäicher an den Asaz kënnt. Dës innovativ a ganz effizient Technik hätt een allerdéngs och scho bei der neier Maison Relais (SEA) zu Zolwer oder beim Projet „Geiben“ kënne plangen a virgesinn.

Bei der Personalpolitik begrësse mir, datt et just zu Neiaustellung kënnt wou et sënnavoll a néideg ass. Een! zousätzlechen Agent Municipal ass an eiser flächeméisseg grousser Gemeng mat 4 Dierfer scho laang absolut noutwendeg an et stellt sech mat der Erweiterung vun den Aufgaben a Kompetenzen d'Fro, ob et der net nach 3 oder 4 méi misste sinn. Finanzéiere géif sech de Service d'ordre“ jo bal selwer, wann de Parking payant, esou wéi vun der Madamm Morgenthaler an hirer Ried ugangs der Woch ugeduecht, komme sollt.

Een anere Posten, dee mir am Budget 2024 vermessen, ass dee vun engem Jurist. Seng Expertise wäer esouwuel dem Bauteservice, wéi och dem Gemengesekretariat eng grouss a néideg Stütz an Hëllef, wuelwëssend, datt z.B. de Ministère de l'intérieur, no der klenger Reform vum Gemengegesetz, net méi all Règlement an Dokument aviséieren oder approuvéieren muss an d'Gemeng och ëmmer méi mat Litigen ze dinn huet.

Et ass net d'Gewunnecht vun déi gréng fir all eenzelen Artikel bei de Budgetsdebatten ze kommentéieren, ze kritiséieren oder villäicht esouguer ze luewen a mir hätt secher op verschiddene Punkten liicht aner Akzenter a Prioritéite gesat. Mee opgrond vun dem aktuellen onséchere finanziellen, wirtschaftlechen a geopoliteschen Ëmfeld hätt eise Budget an de grouse Linne wuel änlech ausgesinn.

Mee e puer gréisser Bemollen wëlle mir dann awer bei eenzele Punkten, déi eis wierklech wichteg sinn, erauspicken: (I = Budget initial / R = Budget rectifié)

1. Douce oder aktiv Mobilitéit:

- Fousswee vum ZARE an d'Monnerecherstrooss zu Éilereng (gefillt scho mindestens 10 Joer geplangt!):
 - I'23: 150.000 €
 - R'23: 30.000 €
 - I'24: 30.00 €
- Nei Vëlosweeër:
 - I'23: 165.000 €
 - R'23: 30.000 €
 - I'24: 265.000 €

=> 2024 also eigentlech genee esou vill wéi 2023, well déi net benotzten Zomme vun 2023, dëst Joer dann awer erëm dobäi sinn! Ob de Budget dann 2024 verschafft gëtt?
=> Hei si mer da bei eiser éiweger Kritik: Et geet net duer

ee wonnerprächtige Masterplang Mobilitéit ze hunn, et muss een en och konkret ëmsetzen.

2. Schafe vu neiem bezuelbare Wunnraum:

- Kaf vun Terrainen
fir de Bau vu Logementer:
 - l'23: 1.500.000€
 - R'23: 265.000€
 - l'24: 0€

- Kaf vun 3 Appartementer
am Lotissement Metzheréicht:
 - l'23: 450.000€
 - R'23: 0€
 - l'24: 0€

- Kaf vu Logementer
fir sozialt an abordabelt Wunnen:
 - l'23: 0€
 - R'23: 0€
 - l'24: 2.000.000€

=> Am Résumé an ënnert dem Stréch also net vill méi oder manner 2024 ewéi och schon 2023, dobäi si mer eis jo awer ail heibannen eens, datt d'Responsabilitéit vu de Gemenge beim Schafe vu neiem a bezuelbare Wunnraum enorm grouss ass an datt d'Gemengen virun allem och eegeständig d'Initiativ mussen huelen fir nei abordable Wunnraum ze schafen. Dofir muss ee Suen an de Grapp huelen an investéieren an do geet et eiser Meenung no net mat 2 Milliounen duer fir wierklech Neel mat Käpp kënnen ze maachen.

=> Et kann een sech och net hannert den 2 Terrainen um Belval Sud verstoppen, bei deenen de Kaf jo gréisstendeels géigefinanzéiert ass.

3. Transition énergétique

- Mesures d'économie d'énergie – aides financières dans le cadre du « Klimaschutz 2030 »
 - l'23: 10.000€
 - R'23: 21.000€
 - l'24: 21.000€

=> ½ fir Hëtzt, also Wärmepompelen an % fir Stroum, also PV-Anlagen,

=> d'Gemeng gëtt als Subsid 20% vun déem wat de Staat bäileet a maximal 750€ bei engem Eefamiljenhaus, an dat nach nëmme well déi gréng beim Ausschaffe vum Subsidereglement massiv gewiedert haten,

=> dat ass just ee Brochdeel vun deem wat vill vun eise Nopeschgemengen bäisteieren a manner wéi déi berühmten

Dréps op de gliddege Steen,

=> et sinn iwwregens bei där Zomm och just maximal 14 Stéit, déi d'nächst Joer an de Genoss vun engem Subsid bei enger Wärmepompel oder enger PV-Anlage komme kéinten, dat ass, éierlech gesot e bésche lächerlech, => de Kaf vu Vëloen (elektresch oder net) ënnerstëtzt de Schäfferot iwwregens all Joer mat 40.000€, wat eng super Saach ass a bäibehale muss ginn; ech wëll mat deem Verglach awer eng Proportionalitéit weisen déi net ganz realistesch ass,

=> entweder wëll een de Biergerinnen a Bierger beim Klimaschutz a bei der energetescher Transitioun ënnert d'Äerm gräifen an da kascht dat och e puer Su oder awer, an da sinn ech nees beim Ufank vu menger Ried, oder awer, de Schäfferot gesäit et als Extravaganz fir d'Biergerinnen an d'Bierger beim aktive Klimaschutz ze ënnerstëtzen.

Ech wëll awer lo esou lues zum Schluss kommen.

Et ginn an deem ganzen Dokument vun 280 Säiten, déi de Budget 2024 ausmaache sécher nach vill aner Punkten, iwwer déi een haut an hei nach hätt kënnen stonnelaang diskutéieren, mee dofir bleift an de nächsten 12 Méint jo och nach e bëssi Zait.

Ech hunn et eigentlech scho gesot, mee ech wëll et dann hei ofschléissend nach eng Kéier widderhuelen: Alles an allem sinn „déi gréng“ sech eens, datt de Schäfferot sech sichtlech Gedanke gemaach huet, fir ee Budget 2024 opzestellen, dee keng wierklech (ech zitieren) „Extravaganzen“ enthält an deen der ablécklecher finanzieller a wirtschaftlecher Situatioun an der Gemeng an zu Lëtzebuerg ugepasst ass. Et ass net alles gutt wat dra steet, mee et ass awer och net alles schlecht an dofir wäerten „déi gréng“ sech beim Vott vun deem Budget enthalen.

Ech soen Äech Merci fir d'Nolauschteren.

fir déi gréng Suessem,

Serge Faber

Gemengerot

CSV

Prise de Position par Gaston Anen

DE BUDGET 2024 – E BUDGET AN DER KONTINUITÉIT

Kontinuitéit wëll net soen an der Routine oder einfach verwalten, mä bedeit dat dëse Budget grad esou realistesch a raisonnabel ass ewéi déi vun de leschte Joren.

De Budget ass de Budget vun eiser Koalitioun, wou souwuel mir, d'CSV, ewéi och eise Koalitiounspartner, d'LSAP, sech doran erëmfannen.

Ganz pragmatesch ausgedréckt, mussen eis Finanzen am A behale ginn an zu gläicher Zäit Projete realiséiert ginn, zum Wuel vun eis all.

Den ordinäre Budget 2024 klëmmt weider: op 108 Milliounen géintwuer 99 Milliounen am Initial 2023.

D'Recettë ginn och an d'Luucht: knapp 116 Milliounen, e Plus vu ronn 9 Milliounen géintwuer dem Initial 2023. Sou dass am Initial en Iwwerschoss vu 7,4 Milliounen do ass, e bëssche méi héich ewéi d'lescht Joer. Allerdéngs bleift et eng Situatioun déi net aus den Aen ze verléieren ass.

Des Weidere fält bei de Gemengesyndikater op, dass do e Plus an den Ausgabe vun 21,55% ze verzechnen ass, wou besonnesch d'Contributioun fir den TICE ëm bal 1,2 Milliounen an d'Luucht geet, wat eng Erhéijung vu 54,5% ausmécht. D'Ursaache si leschte Méindeg vun der Finanzschäffin, der Madamm Morgentaler, presentéiert ginn. D'Syndikater SIACH an SIVEC maachen och jee en Total vu ronn 2 Milliounen Euro respektiv ronn 1,7 Milliounen Euro aus.

Beim Personal sinn 33,75 nei Poste fir 2024 virgesinn. Wann een déi ewech zielt, déi an eng wuelverdénge Penssioun ginn, sinn et 21 nei Leit déi agestallt ginn. Domat bleiwen d'Käschte fir d'Personal de gréissten Deel am ordinäre Budget: 63% oder ëmgerechent: ronn 68 Milliounen. Eng wichteg Remark zu dësem Punkt: et muss berécksiichtegt ginn, dass e bëssche méi ewéi d'Hallschent fir d'Personalkäschte vum SEA, respektiv vum REWA sinn. Déi Käschte ginn am Fall vum REWA zu 74%, respektiv beim SEA zu 75% vum Staat erëmbezuelt (ausser 3 Crèchen déi zu 100% erëmbezuelt ginn), sou dass d'Käschte fir d'Gemengepersonal (also Total minus en Deel SEA a REWA) de facto méi niddreg sinn.

D'Schold pro Awunner-in misst um 31.12.2024 lücht méi niddreg sinn ewéi elo: 2,22% géintwuer 2,38% (dat si d'Zifferen ouni den CDI, soss wieren et 2,93% géintwuer 3,11%).

D'Eckdate sinn all presentéiert ginn, ech plécken e puer Aspekter aus dem Gesamtbudget eraus. Budget deen e „Buch“ vun 274 Säiten ausmécht.

Vill Zuelen, vläicht e bësschen indigeste, awer, mir mengen, dat et noutwendeg ass drop hincweisen, wat d'Realisatiounen, d'Amenagementen, den alldeeglechen Asaz vun alle Servicer aus der Gemeng kaschten, a kloer weisen dat vill gemaach gëtt, no eise finanzielle Méiglechkeeten, a wéi virdu gesot, dat mir, d'Majoritéitsparteien, raisonnabel, pragmatesch a responsabel mat de Sue vun eis all ëmginn.

Elo zu de Rubricen, ouni op alles anzegoen.

Wat vill Biergerinnen bei eis stéiert, sinn déi vill a laangdauernd Aarbechten an eise Stroossen. Ech hiewen d'Aarbechten eraus, déi laut eisem Extraordinäre Budget nach an eise Stroosse wäerte gemaach ginn. Dëst ass eng Noutwendegkeet, souwuel fir de Confort vun eis all, ewéi och der Noutwendegkeet verschiddene Gesetzesännerungen ze entsprechen, wéi beispillsweis de Quai vun engem Busarrêt, deen elo eng bestëmmten Héicht muss hu fir eng besser Accessibilitéit.

D'Chantieren an eise Stroosse verlagere sech zum Deel, bleiwen eis awer nach eng Zäit erhalen:

- Zu Zolwer: D'Foussgängersträifen an d'Bushaisercher ronderëm der Kräizung „an den Aessen“: 610.000€; Begréngung vun enger Säit vun der Avenue 2000 (nieft engem Apport vum Staat, well mir fir dëse Projete e Präis gewonnen hunn, bleiwe just 250.000€ fir dëst ze realisieren); Reamenagement vun dem ieweschten Deel vun der Déifferdengerstrooss: 390.000€, an och d'Aarbechten am ënneschten Deel déi geschwënn ufänke wäerten: 250.000€.
- Zu Bieles: Aarbechte fir d'Vitesslimitatioun op 30 km/h ze reduzéiere virun der Schoul Bieles-Post: 1.200.000€; d'Bordür „Kassler“ erneieren an der rue de la Poste:



30.000€; d'Strooss a Reseau ginn erneiert an der rue des Jardins: 305.000€; eng Stützmauer muss erneiert ginn an der Uewerkuererstrooss: 600.000€.

- Zu Suessem: En „Trottoir Traversant“ rue d'Esch/rue des Aulnes (selwecht ewéi op der Héicht vun der rue du Moulin) fir 50.000€. Wichtig fir eng Continuitéit an engem selwechten Axe ze hunn.
- Zu Éilereng: 3 Busarréten a 5 Foussgängerpassagë ginn an der rue Aessen an an der Suessemstrooss zu Éilereng erneiert fir dem Gesetz no accessibel ze sinn (320.000€); an der Monnercherstrooss gëtt den elektresche Reseau ënnerierdesch geluecht a d'Foussgängerpassagen amenagéiert: 300.000€.

Am Kapitel „Protection de la nature“ si ronn 1,1 Milliounen Euro virgesi, dorënner 213.000€ d'Aarbechte vum Sicon. 40.000€ fir Subside beim Kaf vun engem Vélo. Fir d'Projeten am Kader vum Klimapakt 227.000€, an donieft 250.000€ fir energeetesche Renovatiounen an de Gemengegebaier, wat ekologesch natierlech sënnvoll an noutwendeg ass.

Waasser an Ofwaasser bleiwen och e groussen Deel vun den Ausgaben an eisem Budget:

- D'Gestioun vum Ofwaasser: 2,7 Milliounen Euro am ordinäre Budget, a ronn 4,7 Milliounen Euro am Extraordinären. Déi héich Zuelen erklären sech duerch d'Investissementer déi an eise Stroossen noutwendeg si, ewéi e.a. Kanalisatiounsarbechten an der Déifferdengerstrooss zu Zolwer (250.000€); an der Cité Grand-Duc Jean zu Biele (1.350.000€); an der rue Aessen a rue de Sanem zu Éilereng/Zolwer (272.000€); an der rue de Hussigny zu Biele (250.000€). Deem géintiwier sti Recettë vun 2,6 Milliounen Euro am Ordinären a knapp 800.000€ am Extraordinären. Vill Suen déi wichteg fir eisen alldeegleche Confort sinn.
- Eng éischt 800.000€ sinn och virgesi fir d'Aarbechte fir den Debit vun der Rouerbach bei staarkem Reen an de Grëff ze kréien an domat Iwwerschwemmungen zu Suessem ze evitéieren. De ganze Projet, deen de 17.11.23 gestëmmt ginn ass, beleeft sech op eng 4 Milliounen Euro a wäert viraussiichtlech an 3 bis 4 Joer fäerdeg sinn.
- Waasser: d'Käschte vum Waasserverbrauch chiffrieren sech och: am Ordinären op ronn 3,3 Milliounen Euro an am Extraordinären op ronn 3,7 Milliounen Euro.

Dass Sport grouss geschriwwe gëtt an eiser Gemeng kann een och an dem Budget gesinn, wou fir d'Infrastruktur net manner ewéi 3,3 Milliounen€ am Ordinäre sinn, dat heescht fir den Entretien, an d'Paie fir d'Personal, dat fir de gudden Fonctionnement vun den Installatiounen zoustänneg ass. An 1,6 Milliounen Euro sinn am Extraordinäre virgesi fir en neie synthetesche Fussballterrain zu Éilereng an en Erneiere vum

Sportterrain hannert der Schoul 2000. D'Subventioun fir eis Sportsveräiner belaf sech op 145.000€.

D'Kultur ass a bleift och groussgeschriwven an eiser Gemeng, souwuel wat d'Infrastruktur wéi d'Ënnerstëtzung vun den Aktivitéite betrëfft. Eng Zomme vun 960.000€ fir den Ënnerhalt vun eise Kulturzentren a Festsäll steet am ordinäre Budget. Am Extraordinäre sinn et 724.000€. E. a. 50.000€ fir eng „étude de faisabilité“ fir d'Vergréisserung vum Musekssall zu Éilereng; 75.000€ fir den Amenagement vun der fréierer Kierch am Metzlerlach; Sécherheetsmoosname wéi d'Erneiere vun dem Brandschutz am Kuss: 150.000€. 235.000€ si virgesi fir d'Erneiere vun der Heizung am Centre Culturel Metzlerlach, wou 80% vun der Wäermt iwwert eng Wärmepompe produzéiert gëtt. Als President vun der Entente Zolwer, well e puer Memberen dat schonns zënter e puer Jore monéieren, muss ech jo och ënnersträichen, dass d'Skulptur op der Place de l'Indépendance zu Zolwer saniert gëtt. 10.000€ sinn dofir virgesinn.

Och eis Schoule gi verantwortungsvoll ënnerstëtzt. An den ordinären Ausgabe si 7,7 Milliounen Euro fir Ekipement, Schülertransport a Personal virgesinn. Als Beispill erausgepickt: d'Fraise fir Kolonie vun 380.000€. Do si fir am Wanter 580€ (Cycle 4.1 fir d'Wanterkolonie), a 420€ (Cycle 3.2 fir d'Summerkolonie) pro Persoun virgesinn. Och déi aner Klassen aus dem Cycle 2 kënnen maximal fir 5 Deeg un enger Kolonie deelhuelen, mat engem Apport vun der Gemeng vu 40€ pro Dag a Persoun.

Am Soziale verweise mir op déi vill sozial a participativ Projekte wéi d'Eis Epicerie, de CIGL, d'Matgesfeld, de Restaurant vun der Trisomie 21... weider kënnen mir verweisen op déi gutt Servicer déi mir hunn: de REWA, de Service Senior+, Repas sur roues, d'Maison relais wou et keng Waardelëscht gëtt, d'Jugendhaiser, den Office social dee ganz wäertvoll an nützlich Aarbecht mécht. Leit déi geflücht sinn aus hirem Land a bei eis ënnerbruecht sinn, si wëllkomm. Et sinn de Moment 365 Persounen déi bei eis opgeholl, an domat si mir no der Stad Lëtzebuerg op 2. Stell.

Beim Logement, do wëlle mir eng kloer Prioritéit op de Pacte Logement 2.0 setzen an nëmme Projeten am Budget virgesinn, déi och konkret sinn a realiséiert kënnen ginn. De Budget soll domat en Dokument sinn, dat esou no wéi méiglech un der Realitéit ass. Och bei deem Punkt soll de Budget net onnéideg opgebauscht ginn. Dofir gëtt versicht och d'Resultat (de Boni definitiv 2024: 9.378.964,42€) weiderhin als Reserve unzegesinn a béi enger Occasioun (Terrain oder Immeuble), während dem Joer, kann da mat der Zoustëmmung vum Gemengerot eng « Modification budgétaire » gemaach ginn. Des Weideren därefer mir awer och net vergiessen, dass mir mat dem Belval Nord (Geiben) (Projet 20055 + 20056: am Rectifié 23: 5 Milliounen Euro; 2024: 5 Milliounen Euro; 2025: 5 Milliounen Euro; 2026: 2,16 Milliounen Euro) schonn e grouse Projet am Budget stoen

hunn an eis domat finanziell net nach zousätzlech belasschte wëllen a kënnen. Dëst beleet, alt nees erëm, dat eise Budget pragmatesch, iwweeluecht a raisonnabel ass.

Eng kritesch Remark nach zu der Klimakris, dat och a menger Funktioun als President vun der Ëmweltkommissioun, déi elo an „Commissioun de l'environnement et de la protection de la nature“ emgedeeft ginn ass, well an den nächste Budgete musse mir méi resolut géint d'Klimakris virgoen.

An der internationaler Joreskonferenz vun dem Klimabündnis zu Modena am Oktober 2023 ass eng Resolutioun festgehale ginn iwwert d'Roll vun de Stied a Gemengen an hiert Handele géint d'Klimakris. D'Leitmotiv an dësem Text ass dat et Stied an d'Gemenge sinn, déi d'dreiwend Kraaft si fir de noutwendige Wandel ze errechen. Elo ass d'Zäit vun der Ëmsetzung, an et ass och un de Gemengen op déi sozial Auswierkungen ze uechten, wéi Mesuren am Logement an d'Beméiunge fir eng energeetesche Wend déi jiddereen erreecht. Mir musse méi nohalte ginn. Ech weess, dat ass liicht gesot. An hei ass, an den Ae vum Rapporteur, nach vill „Loft no uewen“.

En Aspekt deen net genuch an eisem Budget erauskënnt, ass d'Bekämpfung vun der Klimakris. Hei kann de Rapporteur quasi in extenso d'Aussoe widderhuelen, déi hei vun eis virbruecht gi si fir de Budget 2023. Als Beispill ka wuertwiertlech iwweelholl ginn, wat mir hei virun engem Joer gesot hunn: „E Beispill fir ze illustréieren, dat et net esou einfach ass eppes ëmzesetzen, wann een dat net als absolut prioritär ugesäit: Eis Gemeng huet sech 2006, am Kader vum Klima-Bündnis, engagéiert eis CO₂ Emissiounen em 10% all 5 Joer ze reduzéieren. Fir prozentual manner ze verbrauchen, muss ee fir d'éischt wëssen, wou a wéi héich déi Pollutioun an der Realitéit ass. Eréischt da kann ee säin Zil verfolge. 2013 ass dës Aufgab ugefaange ginn an 2016 kann e soen, dat d'Iwwersiicht koherent war. Zënter 2016 ass den CO₂ Verbrauch ëm 11,46% erofgaangen, also eng Diminutioun vu ronn 1,5% pro Joer. An elo wëlle mir vun 10% Reduktioun op 30% Reduktioun pro 5 Joer klammen. Dës Resolutioun däerf natierlech dann net nëmmen eng fromm Intentioun sinn. Hei si kloer Efforten noutwendeg. Et muss also, fir et ganz léif auszedecken, nach eng „Schëpp bäigeluecht ginn.“

Dës Kritik ass, wéi ech d'lescht Joer scho betount hat, net einfach negativ ze verstoen, mä soll en Usporn si méi resolut dat ëmzesetzen zu deem mir eis engagéiert hunn. Et gëtt bei eis an déi Richtung geschafft, ech brauch net alles opzezielen. Ech wëll och bäifügen, dat kee Stëllstand war, 3 konkret Beispiller e. a. fir dat ze illustréieren:

- Mir hunn dëst Joer zu Krems an Éisträich e „Climate-Star-Award“ vum europäeschen Netzwierk Klima-Bündnis kritt fir d'Matgesfeld. An dat fir déi Theeme wou bei eis ronderëm d'Nohaltekeet, erneierbar Energien,

Kreeslafwirtschaft... sensibiliséiert a konkret geschafft gëtt. Eng verdéngten Unerkennung vun eisem Wierken.

- Am Kader vum „Klima-Schutz 2030“ si Subside virgesi fir Photovoltaik a Wärmepumpelen.
- Fir d'energeetesche Renovatiounen vun de Gemengegebaier ze plangen, sinn, wéi schonns virdrun erwäant, 250.000 € virgesinn, dat weist, dat mir eis weider verbessere wëllen an um richtege Wee sinn.

Dobäi bléift awer, dat nach vill méi a méi séier géint d'Klimakris muss gehandelt ginn.

Ech wëll net vergiessen och de Leit aus dësem Haus, déi un deem Budget geschafft hunn, besonnesch natierlech dem Service Financier, Merci ze soen, fir hir Aarbecht an och fir hir Disponibilitéit a Bereitschaft an och ëmmer kompetent, souguer op heiansdo net kompetent gestalte Froen, ze äntweren.

Ech wëll och nach bäifügen, dat mir als CSV fir dës Budget stëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

Gaston Anen

LSAP

Prise de Position par Marc Haas

BUDGET 2024 LSAP GEMENG SUESSEM

Léif allegueren,

Mat Wäitsiicht an d'Zukunft

Natierlech wier et méi flott, als Riedner vun der LSAP – niewent der CSV, enger vun de Majoritéitsparteien – lo hei lauter flott Projete virstellen an de Schäfferot dofir ze luewen, wat fir formidabel Projeten si sech mat hire Servicer ausgeduecht hunn, fir an déi nei Period vu 6 Joer ze starten, mee genau sou wichteg ass et dem Schäfferot an hire Servicer Merci ze soen, dat si mat Wäitsiicht probéieren de Budget vun der Gemeng Suessem am Equiliber ze halen. Dëst ass nämlech den Ament keen einfacht Ënnerfaangen, wann ee gesäit wéi d'Zuelen an deene leschte Joren evoluéiert hunn. Mee dozou spéider méi am Detail. Luewe muss een do éischer de Schäfferot, deen d'lescht Joer, nach ier Tauxen an d'Luucht geklomme sinn, op Urode vum Finanzservice, mat un der Spëtzt dem Nathalie Cencetti an eisem Ekonomist dem Mathias Jänisch, en Emprunt vu 16 Milliounen gezunn huet, sou dat mir lo mat deene Sue schaffe kënnen a laanscht déi momentan héich Tauxe kommen. Sou

kënne mir dem Opruff vum Inneministère folgen, deen a sengem Circulaire 2023-137 zur Virbereedung vun de Gemengebudgeteten, de Recours zum Emprunt fir d'Joer 2024 op déi strikt Noutwennegkeet beschränkt huet.

Eis Gemeng leeft an an eiser Gemeng leeft et sech gutt. Wéi vill Leit viru mir, allem virop der aktueller Buergermeeschtesch an de fréiere Buergermeeschteren, dorënner och eisen haitegen Éiere-Buergermeeschter, de Georges Engel, betounen och ech, dass een hei an der Gemeng vu kleng u bis an den héijen Alter säi Liewe gutt verbréngen kann an dat duerch eis Gemenge-Crèchen, Maison-relaisen, Clibb, eis Gemengeservicer, dem Office Social; falls et mol eng Kéier schif leeft am Liewen; dem CIGL; dee virun allem den Eeleren doheem vill Hëllef kann an eist Gemengen-Altersheem; dat et esou néierens anescht a Lëtzebuerg gëtt, ewéi hei an der Gemeng Suessem.

An dat léisst sech natierlech och eppes kaschten. Op d'Oplëschung déi d'Madamm Buergermeeschtesch, d'Simone Asselborn-Bintz eis leschte Méindeg ginn huet, vun de Saachen déi eis Gemeng ze bidden huet a wat alles vun deene vireschte Schäffena Gemengeréit an deene leschte Joren en Place gesat gouf fir am Joer 2024 richtig gutt do ze stoen, wëll ech elo net méi grouss agoen an encouragéieren dofir virun allem d'Leit dobaussen, dee Punkt nach eng Kéier nozelauschteren, fir en Androck ze kréien, wat mir alles eise Bierger an eiser Gemeng bidden.



Ech wëll a menger Ried op d'Opziele vun Zuelen, déi e Méinden hei schonn erkläert gi sinn, souwäit et méiglech ass verzichten an analyséieren dofir haaptsächlech déi verschidde Posten, déi eise Budget 2024 prägen. Just ganz am Ufank e puer konkret Zuelen: während den Impôt Commercial an de Fond de Dotation Globale des Communes (kuertz FDGC) par Rapport zum Budget Rectifié ëm bëssi méi wéi 1 Millioun just minim an d'Luucht geet an eis Personalkäschten do dergéint ëm bal 7 Millioun klammen, mierke mir, dass mir an der Gemeng besser hunn eis Enner beieneen ze halen. Sou wäerten eis Recetté fir d'Joer 2024 zwar vun 113,6 Milliounen – aus dem Rectifié – op 115,876 Millioun klammen, deem géigeniwwer steet awer eng Hausse vu bal 10 Milliounen an den uerdentlechen Ausgabe vun 98,6 Milliounen op knapp 108,5 Milliounen Euro.

Mee, mir ginn déi Sue gären aus. Virun allem bei eise Personal, dass dës Gemeng um dréinen hält, wëlle mir weiderhin e gudden Déngscht eise Bierger bidden a sou hu mir – nom Stopp 2023 – fir 2024 virgesinn nei Posten oder Remplacementer ze schafen. Um Enn vum kommende Joer wäerte mir deemno 839 Leit fir eis Gemeng schaffen hunn. Dobäi ass et wichteg ze erwänen, dass mir keng Servicer externaliséieren, mir beoptragen also keng Firmae fir eis ze botzen, d'Gäert ze ënnerhalen oder fir eis Kanner ze kachen. Alles bleift a Gemengenhand, wat virun allem eiser sozialer Verantwortung nokënnt och deene Leit e faire Loun an e gutt Aarbechtsëmfeld ze bidden. Insgesamt 63% vun eisen uerdentlechen Ausgabe loosse mir eis eist Personal kaschten. Dovunner eleng knapp 50% fir de Beräich vum SEA a fir eist Altersheem. Also direkt am Bezuch zur Versuerung vun eise Bierger. Do wëll ech nach eng Kéier der Madamm Morgenthaler hire Wieder Nodrock verleeën, dass mir eis Educateuren zu 40 Stonnen-Tächen astellen, obscho mir se just zu 30 Stonne vum Staat zeréckbezuelt kréien. Och do erëm erkennt een de soziale Charakter vun eiser Astellungs- a Beschäftigungspolitik.

Op aner Erhéijungen hu mir manner Afloss, souwéi beispillsweis d'Abzuelen an d'Pensiounskeess, d'Participatioun um CGDIS an um Office Social, déi vum Inneministère duerch de scho genannte Circulaire de Gemengen imposéiert goufen oder och eis Syndikater, wou virun allem den TICE e grouse Plus ausmécht. Dës Opzielung soll net als Excuse fir feelend Projete gëllen, mee vill méi weisen, wat dës Gemeng alles ze schëlleren huet an dat och wéi schonn erwäant gäre mécht, well all dës Servicer am Sënn vun eise Bierger schaffen.

Während eis ordinär Ausgaben also staark an d'Luucht ginn an eis Einnahme just liicht klammen, musse mir kucke wéi mir den extraordinäre Budget opstelle kënnen. Den Iwwerschoss aus der Differenz tëschen den Einnamen an den Ausgabe vum uerdentlechen Deel bitt enger Majoritéit d'Plaz fir hier Projeten ëmzesetzen. Dës beleeft sech fir d'Joer 2024 op 7,55 Milliounen. Keen immens grouse Spillraum an sou bleift et den Ament

dobäi den Akzent ze setzen, op déi Saachen déi eis wichteg sinn an déi mir maache mussen. Den Akzent gouf dofir op Projeten an der Kannerbetreuung (souwuel Formal wéi Non-Formal), fir e gutt an aktiivt Liewe fir Haut a Muar, de Kaf an d'Renovatioun vun Terrainen a Wunnengen, d'Sécherheet vun eise Bierger an d'Ënnerhale vun eisem Stroossen- a Waassernetz geluecht.

Mat Wäitsicht a virum Horizont vum Masterplang 2035 wäerte mir och weiderhin an d'Renovatioun an an den Ausbau vun eise Schoulen a Maison-relais investéieren. Insgesamt belafen sech dës Käschte fir d'Joer 2024 op plus-minus 10,75 Milliounen Euro déi mir an d'Strukture fir e gutt Encadrement an eis Zukunft ausginn. Dorënner d'Maison relais bei der Schoul 2000 an en neie Sportsterrain direkt hannert déier Schoul, e Komplex zu Suessem fir d'Kannerbetreuung an d'Schoulkanner vum Cycle 1 an do derbäi och en Ëmbau vum Schoulhaff, d'Renovatioun vun der Schoul Zenter, de Kaf vun enger Maison Relais zu Éilereng, souwéi e Komplex am Roudewee.

Bewegung an d'Kultur sollen och 2024 net ze kuerz kommen an dofir stinn nieft dem Sportsterrain hannert der Schoul 2000 och e synthetesch Futtballsterrain fir bis U13 zu Éilereng, ganz vill kleng oder manner kleng Renovatiouns- oder Opbetterungsarbechten an eise Sportshalen an op der Pist, esou wéi de Renovatiounsoschloss vun der desakraliséierter Kierch Metzlerlach am ausseruerdentlechen Deel vum Budget. Och soll een nohalteg Projeten ewéi de Bau vun enger Vëlospist um Scheierhaff, Begréngung vun der Avenue 2000 zu Zolwer sou wéi déi nogebessert Subside fir d'Erliichtere vun der Energie-Transitioun vun de Stéit net vergiessen.

2 Milliounen goufen agesat fir de Kaf vu Wunnengen am Kader vum Pacte Logement 2.0. Eis Lëscht vu soziale Wunnengen a Gemenghand, déi sech den Ament op 25 Wunnengen oder Haiser beleeft, wäert 2024 wuel weider klammen. Dat awer just lues, well souwuel d'Maintenance ewéi och d'Gerance vun de Gebaier Zäit a Man oder an dësem Fall éischter Woman-Power erfuerdert. Gewëssenhaft an net blannen Aktionismus ass hei d'Stéchwuert. Ronn 5 Milliounen hale mir fir de Projet op dem ale Geibensterrain bereet, wou jo och ënner anerem eng Brasserie an e Lokal fir Veräiner an d'Maison Sociale hikommen. D'Renovatioun an den Ausbau vun der Spullkëscht bei der Gare Belval-Réideng sollt een do och nach ernimmen.

Fir d'Sécherheet vun de Leit an eise Kanner gi mir 1,2 Milliounen aus, an deem mir no der Zone 30 virum der Éilerenger Schoul lo och eng Zone 30 ronderëm d'Bieles Post Schoul ëmsetzen. Do muss ugemierkt ginn, dass dës Ëmbaute leider guer net subventionéiert ginn. Och wëlle mir onbedéngt eppes dogéint maachen, dass Iwwerschwemmungen, sou schlëmm wéi 2016 net méi d'Suessemer Bierger treffe sollen. Aus deem Grond stinn 830.000€ am Budget fir genau dëst an deenen nächste Joren ze evitéieren.

Chantiere loossen sech och d'nächst Joer net vermeiden, an och wann et natierlech de Bierger am Alldag nervt, sou mussen dës Aarbechte gemaach gi fir d'Waasser- an Ofwaassernetz op deem Stand ze halen, dass se ouni Fuitten oder souguer Bréch, wéi et lo viru kuerzem an der Escher Strooss zu Bieles geschitt ass, funktionéieren. Och d'Sécherheet an d'Maintenance vun de Stroosse selwer esou wéi d'Accessibilitéit a PMR gerecht baue wäerte Chantieren op a ronderëm eise Stroossen an Trottoire mat sech bréngen. Allen an allem wäerte mir ronn 11 Milliounen an d'Stroossen- a Waassernetz investéieren. (De Projet vun der Zone 30 bei der Bieles Post Schoul ass do mat abezunn).

Ganz zum Schluss wollt ech dann awer och nach eng Kéier op eis Scholdesituatioun agoen, wou mir wéi schonn erwänt lescht Joer nach zu méi niddregen Zënse en Emprunt gezunn hunn an doduerch eis Pro-Kapp-Verschëldung am Joer 2024 net weider wüsst a sech, bei viraussichtlech 19.000 Awunner Enn 2024 op 1.348€ (den CDI ausgeholl), op engem gesonden Niveau beleeft. Mir wëssen och a schwéieren Zäiten, wou déi finanziell Situatioun souwuel a Lëtzebuerg wéi och an Europa den Ament schwéier ass, eis Gemeng sozial gerecht a mat Wäitsicht ze féieren. Sou dass mir och weiderhin houfreg vun eiser Gemeng kënnen behaupten, dass et sech vu jonk bis al gutt hei an der Gemeng liewe léisst.

Mir als LSAP wënschen de Servicer fir 2024 eng glécklech Hand fir all déi Projete gutt ëmzesetzen, freeën eis drop eis Gemeng weider wuessen ze gesinn, soen de Servicer Merci, dass se konstruktiv um Budget matgeschafft hunn a wëllen hei stellvertriedend fir se all, dem Finanzservice, e grouse Merci fir d'Ausschaffe vum Budget 2024 soen.

Marc Haas

DER SCHÖFF-INNENRAT GIBT ANTWORTEN

Nach einer kurzen Beratungspause würdigte Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) die konstruktiven und fairen Reden aller Parteien, die viele interessante Anmerkungen beinhalteten. Sie versprach, auf alle gestellten Fragen zu antworten.

Sie begann mit der DP und stellte klar, dass es tatsächlich einen Masterplan für den Ausbau des Gemeindehauses gebe, der bereits seit Jahren bestehe. Jedoch seien in den nächsten Jahren keine Bauarbeiten geplant, da man den Ausbau der Tram bis nach Beles abwarten möchte. Die Arbeiten am Gemeindehaus würden erst dann Sinn machen, wenn klar sei, wie Beles

durch die Tram erschlossen wird. Auf die Anfrage von Patricia Speck-Braun (DP) bezüglich einer Epicerie in Ehleringen im Projekt Walerwiss antwortete die Bürgermeisterin, dass dies geplant sei. Auf die Anmerkung, dass es im Park um Belval an Fitnessgeräten fehle, reagierte die Bürgermeisterin überrascht, da solche Geräte bereits vorhanden seien. Speck-Braun (DP) äußerte daraufhin den Wunsch, weitere Installationen im Park zu sehen. Bezüglich der Eröffnung des historischen Pfades um Wünschel in Beles informierte die Bürgermeisterin, dass diese für das kommende Frühjahr vorgesehen sei. Zur Installation von Photovoltaikanlagen versicherte sie, dass die Gemeinde solche Installationen überall dort vornehmen werde, wo es möglich sei. Sie bestätigte auch, dass in der Gemeinde bereits intelligente Straßenbeleuchtungen existierten. Zur Kritik des historisch langsamen Internets in der Gemeinde antwortete sie, dass dies so nicht stimme. Die Gemeinde habe erst kürzlich Easy-Wifi in vielen Gemeindegebäuden installiert, zudem gebe es sehr wohl Glasfaserinternet in der Gemeinde. Speck-Braun (DP) beziehe sich dabei ganz alleine auf die Cité Gewännchen in Ehleringen. Asselborn-Bintz (LSAP) korrigierte eine Aussage der DP-Rätin. Sie habe nie gesagt, es gebe kein Budget für Arbeiten in diesem Wohngebiet, aber die Gemeinde bezahle nicht die Bauarbeiten der Post. Die Post warte immer auf Gelegenheiten, sich an anderen Bauarbeiten zu beteiligen, anstatt eigens Straßen für Glasfaserverlegungen aufzureißen. Die Gemeinde habe kein Budget, um intakte Straßen aufzureißen, damit die Post ihre Arbeiten durchführen könne, so die korrigierte Aussage der Bürgermeisterin.

Sitzungsleiterin Asselborn-Bintz (LSAP) ging anschließend auf die Aussagen der Piraten ein. Sie stellte klar, dass die von ihnen genannten Schulden von 30 Millionen Euro nicht ganz korrekt seien. In dieser Summe seien 14 Millionen Euro enthalten, die für den Bau des Kannercampus, insbesondere für den Teil des CDI, vorgesehen waren. Die Gemeinde habe diesen Bau vorfinanziert und die Kosten würden vom Ministerium zurückerstattet. Zudem seien alle Gemeinden gesetzlich verpflichtet, Kredite über festverzinsliche Darlehen abzuwickeln. Beim Thema Mietverträge wies sie darauf hin, dass der Vertreter der Piraten sich selbst widersprochen habe. Einerseits kritisiere er, dass die Mietpreise für einige Unternehmen zu niedrig seien, andererseits fordere er, dass die Gemeinde kleineren Unternehmen zu fairen Preisen Räumlichkeiten zur Verfügung stellen solle. Auf die Frage hin, wann die Arbeiten um das Sanemer Schloss beginnen sollen, entgegnete Asselborn-Bintz (LSAP), sie habe bereits Pläne gesehen. In der aktuellen Planungsphase würden Bodenproben entnommen und analysiert. Zudem sei bereits klar, dass ein Anbau hinzukommen müsse, da im Schloss selbst keine Küche erbaut werden könne. Im Schloss würden späterhin Schulräume und Büros entstehen. Die Arbeiten würden noch andauern, die Bürgermeisterin hoffe aber auch, die Hotelschule noch in dieser Legislaturperiode einweihen zu können. Bezüglich der hohen

Ausgaben für das Syndikat TICE, die von Piraten-Vertreter Bruno Da Silva angesprochen wurden, erklärte sie, dass die Preiserhöhung auf die Anschaffung neuer elektrischer Busse sowie Wasserstoffbusse und die Verbesserung der Buslinien zurückzuführen sei. Die Piraten wünschten sich zudem eine Renovierung des Jugendhauses, was über die letzten Monate getan worden sei, so die Rednerin. Auch finde sie, dass die Gemeinde keine eigene Musikschule brauche: „Et muss net ëmmer all Gemeng alles hunn“, so die Bürgermeisterin. Seit Jahren liefe eine sehr gute Zusammenarbeit mit den Nachbargemeinden Differdingen, Esch/Alzette, Käerjeng und Péttingen. Das Escher Conservatoire biete zudem seit Jahrzehnten Kurse für die Kleinen in unserer Gemeinde an. Zurzeit fänden diese auf dem Kannercampus statt. Im Budget seien 150.000 € für die Musikschulen vorgesehen. Auf den Vorschlag der Piraten, den Steuersatz für Unternehmen (ICC) zu senken, entgegnete die Bürgermeisterin, dass dieser national festgelegt sei und daher nicht von der Gemeinde geändert werden könne. Die Idee der Oppositionspartei, Wohnungsprojekte für Senioren zu fördern, ähnlich wie es die Beienhaus Asbl tut, wurde von Simone Asselborn-Bintz (LSAP) begrüßt. Sie fügte hinzu, dass es bereits ein Treffen mit dieser Asbl gegeben habe, aber auch die Rahmenbedingungen, wie verfügbare Räumlichkeiten und Betreiber, stimmen müssten.

Die Diskussion ging weiter mit den Fragen von déi Lénk bezüglich der Wünsche nach einer partizipativen Bürgerinnenbeteiligung bei der Ausarbeitung des Haushaltes. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) bat hier um Geduld. Sie erklärte, dass Partizipation ein wichtiger Bestandteil des Sechsjahresplans sei, jedoch für das aktuelle Budget noch nicht umsetzbar gewesen sei. Es müssten klare Richtlinien für eine derartige Beteiligung festgelegt werden. Der Schöffinnenrat habe sicherlich Nachholbedarf im Bereich Partizipation, arbeite aber daran, dies zu verbessern. So sei vorgesehen, in naher Zukunft die Jugendlichen in die Planungen eines neuen Sportterrains um die Schoul 2000 miteinzubeziehen. Ebenfalls informierten déi Lénk sich über die vorgesehenen Bien-être-Maßnahmen vom Gemeindepersonal. Hier habe der Schöffinnenrat am Vortag einen Bericht über eine Analyse erhalten, die bei den Mitarbeitern durchgeführt worden sei, mit Vorschlägen, um die Bedingungen zu verbessern. Auf die Frage, ob die Gemeinde ihr eigener Bauherr sein könne, antwortete Asselborn-Bintz (LSAP), dass dies grundsätzlich möglich sei, aber erhebliches Personal erfordere – nicht nur ein oder zwei Personen, sondern eine viel größere Anzahl. Dies sei aus Kostengründen derzeit nicht machbar. Myriam Cecchetti (déi Lénk) brachte in ihrer Rede zur Sprache, dass Sanem, als sechstgrößte Gemeinde des Landes, nicht von den Mitteln des CDA (Centre de Développement et d'Attraction) profitiere. Die Bürgermeisterin stimmte zu und erklärte, dass in der Vergangenheit Anträge an den zuständigen Minister abgelehnt wurden. Man werde jedoch einen neuen Anlauf beim neuen Minister nehmen.

Wie bei den anderen Parteien, nahm Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) auch zu den Fragen und Anmerkungen der déi gréng Stellung. Sie zeigte sich offen für die Idee eines befristeten Kreditzinses und versicherte, dass dieser Vorschlag geprüft und im Hinterkopf behalten werde. Was die Anmerkung über eine möglich energetische Heizungsanlage im Bauprojekt Belval-Nord angehe, so antwortete sie, dass dieses Bauprojekt bereits seit Jahren so geplant sei und man dies nun nicht nachträglich ändern werde. Sie betonte, dass bei neuen Projekten auf energetische Lösungen gesetzt werde. Als Beispiel nannte sie die genehmigte Wärmepumpe für das Centre Culturel im Metzlerlach, die eine defekte Heizung ersetzt. Auch teilte der Schöff-innenrat den Vorschlag, einen Juristen oder eine Juristin einzustellen. Die Bürgermeisterin stellte jedoch die Frage, welcher Spezialbereich für eine-n solche-n Jurist-in am sinnvollsten sei – Arbeitsrecht, Baurecht etc. Sie wies darauf hin, dass ein-e solche-r Jurist-in möglicherweise die Gemeinde nicht in allen rechtlichen Belangen vertreten könne. Die Idee sei nicht verworfen, aber es müssten alle Bedingungen sorgfältig abgewogen werden. Zur Frage der déi gréng, warum der geplante Fußweg vom ZARE zur Rue de Mondercange in Ehleringen deutlich günstiger werde, erklärte die Bürgermeisterin, dass der Schöff-enrat hierzu Nachforschungen anstellen und eine Antwort nachreichen werde. Die Bürgermeisterin konnte jedoch eine Erklärung zur Frage geben, warum zwei Haushaltsposten für den erschwinglichen Wohnungsbau auf null gesetzt wurden. Das Budget für diesen Bereich sei in den letzten Jahren zwar vorgesehen, aber kaum genutzt worden. Das Geld sei daher auf andere Posten verteilt worden, ohne jedoch die Möglichkeit auszuschließen, bei einem attraktiven Kaufangebot für erschwinglichen Wohnungsbau entsprechend reagieren zu können.



Audiodatei der Gemeinderatssitzung
WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2023

CERTIFICATS DE PUBLICATION

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la délibération de la séance du conseil communal du 17/11/2023, a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 27/11/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - nouveau quartier SQM 02-02 (mod 1) (réf.: 2015-04)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la délibération de la séance du conseil communal du 17/11/2023, a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 27/11/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - nouveau quartier Metzlerhéischt (réf.: 2015-03)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la délibération de la séance du conseil communal du 20/10/2023, a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 28/10/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - nouveau quartier Zone d'activités - Gadderscheier (réf.: 2012-03)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 14/07/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 05/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG Zone de servitude (réf.: 2022-02)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'environnement suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 26/05/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 20/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG Cour administrative 46624C (réf.: 2018-00-CA-03)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 26/05/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 20/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG Cour administrative 46624C (réf.: 2018-00-CA-03)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'environnement suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 26/05/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 20/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG Cour administrative 46427C (réf.: 2018-00-CA-02)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 26/05/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 20/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG Cour administrative 46427C (réf.: 2018-00-CA-02)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 26/05/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 20/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - quartier existant PAP-QE 2018-00-CA-03 - - Cour administrative 46624C

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 26/05/2023 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 20/12/2023 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - quartier existant PAP-QE 2018-00-CA-02 - - Cour administrative 4627C

SPORT

KULTUR

JUGEND



9

MAÏ

**Kannercampus
Park um Belval**

WWW.SANUP.LU

FREE DAY. FREE PLAY.

Gratis Aktivitéite fir d'ganz Famill.



SANUP